

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°04 / 2015



A photograph showing a wooden shelter with a white-painted metal roof situated in a field of tall, colorful wildflowers. The background consists of a dense forest of green trees under a blue sky with white clouds.

Le début du printemps à Esch



nopesch fest

Freideg, den 27. Mee 2016

la fête des voisins

Vendredi 27 mai 2016

www.noper.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région



Association Luxembourgeoise
des Solidarités de Proximité a.s.b.l.

Like us on
Facebook

Conseillers présents:


M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseiller absent:

/

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique	
3. Information au public des décisions de personnel	5
4. Correspondance	5
5. Enseignement – Organisation scolaire définitive 2015/2016; décision: a) Affectations du personnel enseignant b) Effectifs des classes c) Travail organique d) PEP	5
6. Urbanisme: a) PAP «rue de la Libération»; décision b) Désignation de deux représentants de la Ville au jury du concours pour l'école Wobrécken; décision	8
7. Contrat de rivière: Stellungnahme zum Entwurf des Bewirtschaftungsplans für die luxemburgischen Anteile an den internationalen Flussgebietseinheiten Rhein und Maas; décision	10
7bis. Motion CSV concernant la situation des réfugiés	15
8. Questions de personnel; décision	22
9. Convention: Contrat d'affichage sur le territoire de la commune d'Esch-sur-Alzette avec la société Publi-Lux; décision	23
10. Finances communales: a) Fixation du taux de l'impôt foncier; décision b) Fixation du taux de l'impôt commercial; décision c) Taxe relative au service Nightrider; décision d) Taxe relative à la facturation des repas; décision e) Décomptes 2014; décision f) Recettes 2014: i) Maison Relais – Participation au projet «Maison Relais fuerscht»; décision ii) Electricité et Eclairage – remboursement accident; décision iii) Parc Animalier – Vente d'animaux; décision iv) Eclairage Public; décision v) Ateliers communaux – Ferraille; décision vi) Enseignement – remboursement frais déblayage – scalare; décision	25



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, de 25. September 2015**

g) Relevé et Rôle Supplétif; décision	
h) Devis:	
i) Aménagement des alentours de l'école «Hiel»; décision	
ii) Aménagement d'une aire de manœuvre pour bus au Galgebierg; décision	
iii) Réaménagement de la voirie entre la rue Nelson Mandela et la rue du Brill; décision	
i) Modification budgétaire: renaturation Dipbach; décision	
 11. Transactions immobilières:	27
a) Acte d'échange de deux parcelles sises «rue Portland»; décision	
b) Acte de vente d'un appartement, d'une cave et d'un emplacement à la résidence «Nonnewisen»; décision	
 12. Office Social:	27
a) Bilan et comptes de profits et pertes de l'exercice 2012; décision	
b) engagement d'un assistant social; décision	
 13. Subsides extraordinaires:	27
a) Subside extraordinaire relatif aux heures de permanence effectuées par les secouristes de la Ville d'Esch au Théâtre Municipal ainsi qu'au Centre Culturel Kulturfabrik pendant l'exercice 2014; décision	
b) Subside extraordinaire à l'Initiative Rëm Schaffen; décision	
c) Subside extraordinaire à la «Stëmm vun der Strooss»; décision	
 14. Logement: relevé des contrats de bail et avenants; décision	28
 15. Commissions consultatives; modifications; décision	28
 16. Règlements de circulation routière; confirmation et décision	28
 Résumé en français	28

3. Information au public des décisions de personnel

/

4. Correspondance

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moien allegueren. No der laanger Summervakanz déi éischt Gemengerotssitzung haut de Moien.

Ech mengen, et war schonn eng flott Ouverture virun der Gemengerotssitzung gewiescht. D'Maartsaison ass opgaangen, wou mer all present waren. An do dobäi kommen iwwer 50 Studente vun der Uni, déi haut an der Gemeng sinn, duerch Esch ginn an eis Escher Gemeng kenneléieren. En plus war e Stand op dem Maart, deen elo regelméisseg do ass, vun der Drëttalterkommissioune. Jonk, al – all Mënsch ass do gewiescht. Ech mengen, dat war eng flott Ouverture, fir och eis hei am Gemengerot dann elo de Start ze ginn.

Ech wéilt lech direkt iwwer zwee Punkten informéieren. Mir huelen zwee Punkten erof vun der Dagesuerdnung. Dat eent ass de Punkt 11 b) – Transactions immobilières – vun dem Acte de vente vun engem Appartement an den Nonnewiesen. Déi sinn net énnerschreive komm. An dann, beim Office social de Punkt b): Engagement d'un assistant social. Déi hunn hir Kommissioune op d'nächst Woch verluecht, fir déi Persoun ze bestëmmen, soudatt och déi Persoun haut net gestëmmt gëtt. Déi zwee Punkten huele mer also eroft.

Mir hunn eng Motioun virleie vun der CSV iwwert d'Refugiéspolitik. An do prosoéiere mer lech, déi no dem Contrat de rivière ze huelen, no dem Punkt 7. Dir gesitt, et geet weider, wéi et opgehalen huet. Also Contrat de rivière an duerno d'Motioun vun der CSV iwwert d'Refugiéen. Dat zum Ordre du jour. Wéi émmer kritt Dir d'Decisiounen iwwert d'Personal herno ausgedeelt.

Ech géif direkt dem Här Tonnar d'Wuert gi fir den Enseignement, wou eng ganz Rei Saachen ze stëmme sinn.“

5. Enseignement – Organisation scolaire définitive 2015/2016; décision:

a) Affectations du personnel enseignant

b) Effectifs des classes

c) Travail organique

d) PEP

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wäert net, wéi virun der grousser Vakanz, hei

d'Sitzung mobiliséieren. Dir wësst, dass no der provisoirescher Schoulorganisa-
tioun émmer eng definitiv kënnt. Dat hei
ass awer nach net déi lescht. De 16.
Oktober kënnt de Scolaria dann endlech.
Well d'Enseignanten hu bis den 30. Sep-
tember, fir sech do anzdroen. Soudass
mer an der nächster Gemengerotssitzung
dann dës Scolaria an déi ganz definitiv
Schoulorganisa-
tioun hunn.
Ech wollt just ee Wuert iwwert d'Reentrée
soen. Dir hutt net vill héieren iwwert
d'Reentrée, oder guer näischt héieren. Dat
ass am Fong fir d'Schoulen a fir eis e gutt
Zeechen. Well wann do vill driwwer
geschwat gëtt, dann heescht et, dass
Problemer sinn.

Déi Rentrée ass ganz gutt iwwert d'Bühn
gaang, a mir hunn och d'iwwernächst
Woch Schoulkommissioune, wou mer dat
alles wäerten duerchhuelen. Ech hunn
lech hei déi leschten Donnéeë gi mat
den Enseignanten, mat de Chargéen,
mat all den Informatiounen, déi Dir
braucht: d'Effektiver vun de Klassen, den
Travail organique an dann de Plan d'en-
cadrement périscolaire. Ech ginn hei net
weider an d'Detailier an, ausser wann
nach ee Froen dozou hätt. Respektiv
kënne mir de 16. Oktober, wann d'Scolaria
dann definitiv ass, nach eng Kéier
driwwer schwätzen.

Ech wollt awer och soen, dass ech de 16.
Oktober – ech weess net méi, ob et den
Här Biltgen oder den Här Kersch war, dee
gefrot hat, fir op déi Aarbechte vum Brill,
wou mer zesumme schaffe mam Minis-
tère, mat den Enseignanten... Oder war
et den Här Mischo? – voilà, de 16. Okto-
ber kritt Dir all déi Rapporten, wat do um
Brill de Moment leeft a gelaß ass.“

Georges Mischo (CSV): „Ech hunn eng
Fro zum PEP, zum Plan d'encadrement
périscolaire. An der éischter Reunioun
mam Ministère zesumme waren d'Crèchë
vun Esch och invitéeert. An ech hunn elo
vun zwou, dräi Crèchë matkritt, dass déi
elo ni méi kontaktéiert gi sinn, respektiv
och elo net an dem ganze Plan d'en-
cadrement périscolaire mat dra sinn. Privat-
crèchen, also och Crèchen hei aus Esch –
déi waren do an der Reunioun mat dobäi,
an no däi Reunioun hu se ni méi eppes
héieren. A si wieren awer natierlech inter-
esséiert, do matzemaachen. Do wollt ech
froen, ob déi guer net méi kontaktéiert gi
sinn oder ob dat en Oubli ass.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech
muss mech renseignéieren. Ech kann
lech elo do net äntworten. Ech weess
net, ob dat juristesch vläicht net méig-
lech ass, well se net zu der Gemeng oder
zum Staat gehéieren. Ech froen dat no,

an da kënne mer dat de 16. nach eng
Kéier beschwätzen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen, w.e.gl.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci.
Ech wollt just nach kuerz op dräi Punkten
agoen. Dat éischt ass eng Fro, déi ech an
deem kuerze Joer, wou ech hei Member
sinn am Gemengerot, schonn dräimol
gestallt hunn, a wou ech awer nach ni
eng kloer Äntwert drop kritt hunn, ob-
schonns et awer eng präzis Fro war. Dir
wësst, dass ech émmer erém dee Pro-
blem vun deem Schoulraum uschwätzen.
Notamment dee, well zu Esch keng rich-
teg Schoule gebaut ginn, sou wéi et am
Schoulgesetz als Entité scolaire och defi-
niert ass.

Den Här Tonnar huet mer de 26. Juni
drop geäntwert, et géif am Zentrum vun
Esch keen Terrain ginn, deen der Ge-
meng gehéiert, op deem ee kéint eng
Schoul oprichten. En huet souguer den
Opruff gemaach, him dach ze mellen,
wann een esou en Terrain géif kennen.
An da kommen ech elo zu däi Fro, op déi
ech bis elo nach keng richteg Äntwert
kritt hunn: Wéi steet et mat dem Projet
integral Quartiersschoul am Neiduerf?
Dëst ass e Projet, deen esouguer an Ärem
eegene Koalitiounsofkommen steet. An
ech verstinn dofir net, firwat et op déi
Fro anscheinend keng Äntwert gëtt.

Op dësem Site, deen der Gemeng ge-
héiert, ass genuch Plaz, fir eng Schoul ze
bauen. Souwält ech weess, gouf dee-
mools, wou dee bestehende Pavillon ge-
baut gouf, virgesinn, dass een do kéint
nach drop bauen. Ob dat elo en Neibau
soll ginn, ob et awer besser ass, elo eppes
Neies drop ze bauen, dat muss een
natierlech klären.

Wahrscheinlech ass d'Äntwert, déi ech
elo kréien, dass d'Neiduerf jo awer net
am Zentrum läit. Mä déi Kanner aus dem
Neiduerf ginn awer aktuell an den Zen-
trum an d'Schoul. A mat enger Quartiers-
schoul am Neiduerf géif op direktem
Wee d'Dellhéicht-Schoul entlaascht ginn.
An indirekt géifen dann duerch eng néi-
deg Neiverdeelung an de Secteuren am
Zentrum dann och déi aner Zentrums-
schoulen – d'Groussaass, den ale Lycée
an de Brill – entlaascht ginn.

Ech wéll och direkt nach en anert Argu-
ment virgräifen, an zwar deen, dass
d'Neiduerf ze kleng wär. Dëse Quartier
ass scho laang grouss genuch, fir eng
eege Schoul mat Kanner ze fëllen. An dee
Quartier wiisst och nach. Mir schwätzen
hei émmerhi vun ongefér 120 bis 150
schoulflichtege Kanner, déi all Joers an
deem Quartier do sinn.

5. Enseignement

Dobäi kënnt, dass de Site vun der Neiduerfschoul e wonnerbare Site no bei der Natur ass. En ass vum ganze Quartier aus ze Fouss ze errechen. An de Quartier selwer weist eng grouss sozial Mixitéit op, déi bewisenermoossen eng gutt Viraussetzung fir e Schoulerfolleg vun alle Kanner ass. An duerch déi ugeschwaten Neiverdeelunge kann een doriwwer eraus och probéieren, eben am Zentrum méi eng grouss Mixitéit hierzestellen. Voilà, hei géif mech effektiv interesséieren, wéi de Schäfferot zu désem Projet steet.

Dann eng zweet Saach, déi elo e bësse méi eppes mat der aktueller Schoulorganisatioun, mä awer och mat der Rentrée ze dinn huet, wou mir awer e bësse méi vun der Rentrée héieren hunn, wéi den Här Tonnar. Vläicht kënnt Dir nach opklären, wat do wierklech drun ass oder net. Eis ass vun e puer Säiten erugedroe ginn, datt et zu Schlamassel a Chaos komm wär beim Opstelle vun den Horairen. Do ginn et zwee Voleten u Kritiken. Deen ee Voleit betréfft, dass et ongerecht zougaange wär. Dat heesch, dass d'Ancien-netéit net émmer respektéiert gi wär an dass et verschidden Enseignantégi wär, déi méi privilegiéert behandelt gi wären. Déi zweet Kritik ass, dass ganz ongënschteg – hauptsächlech fir d'Kanner – Pläng erauskomm sinn, déi net kandgerecht wären. Dass dobäi erauskomm wär, dass zum Beispill Spillschoukklassé sollden turne goen zu enger Zäit, wou se scho fräi waren. Do waren anscheinend vill Mësseleen.

Ech denken, dass déi meesch Enseignanten sech an der Zwëschenzäit arrangéiert hunn, fir dat Bescht – virun allem fir hir Schüler – aus der Situations ze maachen. Mä ech wollt awer wëssen, wat do de Problem war a wéi et do weidergeet.

Eisen Informationounen no goufen d'Stonnepläng dést Joer mat engem Computerprogramm ausgeschafft, deen op de Secondeaire zugeschnidden ass. A mir mengen effektiv, dass et eppes anescht ass, ob een e Stonneplang fir e grouss Gebai mécht, wou ee vill enzel Fächer muss verdeelen, oder ob een dat mécht fir aacht verschidde Gebaier, wou et ganz aner Constrainté, awer och Objektiver gëtt.

Dobäi kënnt och, dass e Programm émmer némme kann erausfannen, wat technesch machbar ass, awer net wat pädagogesch Senn mécht. Mir stellen eis also d'Fro, ob deen Outil wierklech fir eis Stad gëegent ass. Oder ob et awer eng Feel-investitioun ass an et besser ass, dass dat d'Leit maachen.

Doriwwer eraus stelle mir och dann d'Fro, ob et eng gutt Idee ass, fir iwverhaapt zentral all Schoul-Stonnepläng ze

maachen. Dat Eenzegt, wat muss zentral gemaach ginn, ass d'Benotze vun de gemeinschaftlechen Infrastrukturen, wéi d'Schwämm an d'Turnsäll, ze verdeelen. De Rescht léisst sech besser dezentral an de Schoule maachen. Wéi et och soss émmer an Esch war, a wéi et och an anere grousse Gemenge mat e puer Schoulen ass. Dat géift meeschens am Konsens an am Senn vun engem gudde Fonctionnéiere vun der Schoul gemaach. Mir mengen, dass dést am Prinzip zu den Aufgabe vun engem Schoulcomité misst gehéieren. Vläicht hutt Der do nach Informatiounen, fir dass ech do méi kloer gesinn.

Dann eng lescht Saach: Ech war e bësse verwonnt, wéi ech gesinn hunn, dass mer haut déi definitiv Schoulorganisatioun um Ordre du jour hunn an d'Schoulkommissioun awer eréischt d'nächst Woch zesummekënnt, wou dann deeselwechte Punkt um Ordre du jour steet.

Ech weess net, firwat eng Schoulkommisioun da soll en Avis ofginn iwwert ee Punkt, deen hei scho gestëmmt gouf. Ech erénnere mech, dass d'Madame Bofferding an der Sétzung am Juni gefrot huet, dass d'Rapporten vun der Schoulkommisioun sollen un d'Conseillere verdeelt ginn. Den Här Tonnar huet dat eng gutt Idee fonnt. Mä ech mengen, et ass awer schwéier méiglech, wann iwwerhaapt keng Schoulkommissiounssétzung stattfonnt huet virum Gemengerot. Och hei wär ech fou, fir erkläert ze kréien, firwat dat esou ass. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Biltgen. Den Här Majerus.“

Luc Majerus (déi gréng): „Ech hu just zwee, dräi Wieder. Fir d'éischt wollt ech dem Här Tonnar an der ganzer Equipe, déi dat heiten ausgeschafft huet, nach eng Kéier Merci soen. Déi Brochure, déi mer hei kruten, ass ganz komplett a ganz interessant, an niewebäi ganz praktesch, fir all déi Infoen an engem Block zesummen ze hunn.

Ech hätt just zwou Froe par rapport zum Fonctionnement vun de Maisons Relais, an eng par rapport zum Effectif aus de Klassen.

Ech fänke vläicht mat der zweeter Fro un. Ech hu constatéiert, dass den Effectif an der Moyenne téchscht 14 a 15 Schüler pro Klass läit, wat ech eng exzellent Moyenne fannen. Notamment freeet eis, dass d'Brillschoul an der Moyenne déi klengst Effektiver pro Klass huet. Wat héchstwahr-scheinlech e Bénéfice, en Afloss op dat huet, wat do da schlussendlech als Resul-

tat erauskënnt, vu dass dat meeschens déi Klasse si mat der gréisster Mixitéit. Dat heesch, wann een do géif 20 an eng Klass setzen, wier dat vläicht e bësse kontraproduktiv.

Op däi anerer Säit, wann d'Moyenne 14 ass, froen ech mech, wéi et méiglech ass, dass et an der Dellhéicht zum Beispill en 2. Schouljoer géift mat 20 oder 21 Kanner an enger eenzeger Klass. Dat ass net forcément eng Kritik, eng Klass kann och lafe mat 20 Schüler, wann d'Léierkrafft Disziplin an Autoritéit huet. Ass dat intern, wou dat decidéiert géift? Hu mir do eng Main mise driwwer? Meng Fro war am Fong geholl, wéi dat opgedeelt géift. Ass dat intern Schoul pro Schoul? A wéi kann et da sinn, dass an eng Klass der 10 oder 12 kommen an an eng aner 20?

Den zweete Punkt betréfft d'Maisons Relais. Do hunn ech gesinn, dass déi normalerweis bis 19.00 Auer owes op sinn an déi ganz éischt Woch an der Vacance de Noël zou sinn. Ech huelen un, dass mer do vläicht och net 100%eg eng Main mise driwwer hunn.

Ech liesen awer och, dass dat Ganzt der Demande vun den Elteren net géif gerecht ginn. Elo froen ech mech, ob dat just par rapport vun de Plazen ass, wou fräi sinn. Oder ass dat och par rapport vun de Créneaux horaires, déi ugebuede ginn? 19.00 Auer schéngt mir fréi fir verschidden Elteren, déi vläicht bis sechs oder siwe schaffen, bis se d'Kanner kenne siche goen.

A mir schéngt et och komesch, dass déi Woch awer vill Leit am allermeeschte schaffe müssen: Bäcker, Metzler, Restaurateuren, Cafetieren. Dat heesch, déi Woch vu Chrëschtdag, wou nach laang net all Mensch an der Vakanze ass, dass do all d'Maisons Relais eng ganz Woch zou sinn. A meng Fro ass: Ass do e spezifische Grond, dass dat esou ass? Oder kéint een dat an Zukunft änneren? Respektiv ass eng Demande do, fir do vläicht och déi Woch – vläicht elo Chrëschtdag an den Nouvel An excluéreren, mä de Rescht vun der Woch, wou awer normal Schaffdeeg sinn –, fir déi Leit, déi net am Congé sinn, eng Offer ze maachen, déi e bësse méi grouss ass. Ech soe Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Den Här Tonnar huet d'Wuert.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dem Här Mischo hat ech geäntwert, mengen ech. Da kommen ech un den Här Biltgen. Här Biltgen, déi Neiduerfschoul hu mer guer net aus den Ae verluer. Mer schwätze scho jorelaang dovun a mer hu se nach émmer ganz an enger Optik, wou

5. Enseignement

ze bauen ass. Also dat ass eis bewosst. Ech weess net, mä ech mengen net, dass ee kann drop bauen. Ech sinn elo net Bauteschäffen, mä ech mengen net, dass ee kéint do an d'Héicht bauen. Mä do ass hannendrun e ganz groussen Areal, deen der Escher Gemeng gehéiert a wou een och kéint bauen.

A wann Der lech kënnt erénnernen, mir hunn d'lescht Joer mat aller Méi nach e Sall gesicht. Do ware mir och an d'Neiduerf kucken, ob mer dat net do kéint installéieren. A finalement hu mer jo déi Léisung fonnt, dass mer d'Maison Relais an de Papillon an dee Sall gemaach hunn, an d'Kanner an d'Enseignantë sinn och ganz zefridden.

Mä op jidde Fall ass dat eng vun de prioritäre Plaze fir de Schäfferot. An ech mengen, fir eis esouguer alleguerte kéint ech hei schwätzen, dass wa mer nach ganz dringend Schoulraum brauchen, dass d'Neiduerf a Fro kënnt.

Et ass awer och esou, dass eng Zäit war, wou och vill manner Kanner am Neiduerf waren. Well Dir zum Beispill sidd méi grouss ginn, an Är Kollegen aus deem Eck. An op eemol war do eng Generatioun, wou méi al Leit waren. Mä elo ass dat erém amgaangen ze änneren, well do vill gebaut ginn ass, well Jonker do an dee Quartier kommen an och sinn.

Mä op jidde Fall ass dat eng vun den Optiken, déi eis nach émmer virschwift. Et ass awer esou, wéi Der wésst, dass mer eis fir de Site vun der Grénger Schoul decidéiert hunn. Wat och vlächt elo net vun der Säit vum Neiduerf, mä vun der Säit vu Wobrécken d'Schoul vum Dellhéicht dechargéiert. A wouduerch dann och d'Groussaass mat dechargeiert gëtt. Dat ass de Punkt vum Neiduerf. Mä dee wäert nach oft um Ordre du jour stoen, well mer effektiv do Proprietär sinn.

An et ass émmer méi einfach do eppes ze bauen, wou een net emol muss ufänken Terrainen ze kafen. Mer hunn och esou Saachen en vue gehat. An dann huet een do mat engem Privatproprietär ze dinn, an da richt deen, dass d'Gemeng dat brauch, an da kénnt een do oft an on-méiglech Situations.

Dat Zweet – ech si frou, dass Der dat uschwätzt – ass dat vun de Programmer. Do wésst Dir jo wahrscheinlech esou gutt wéi ech, mä ech soen awer hei deenen, déi net esou bewandt sinn an der Schoulorganisatioun: Mir haten elo während 12 Joer e Schoulmeeschter, dee mer alleguerte kennen, dat ass den Eugène Miller gewiescht, deen huet dat alles op der Hand gemaach. Deen huet all Horaire vum Turnen, vu Relioun, vun all deene Schwammstonnen, deen huet dat alles

op der Hand gemaach. Dee war an eeger Persoun hei de 25. Juli, wann d'Chargeen agestallt gi sinn. Dee war hei, wann d'Brevetéiert, déi nei, agestallt gi sinn. Dann huet deen dat an de Grapp gedréckt, dann hate se et, an da war et esou. Mir hu 5-mol gefrot, wien d'accord wier, fir dem Millech Eug seng Charge ze iwwerhuelen. Deen hat domadder zwou Dechargé kritt vum Ministère, fir dee ganze Programm ze maachen. An déi 5-mol hu mer kee fonnt. An do ware mer „forcéiert“, muss ech dat nennen.

Ech hätt och léiwer, et wier eng physesch Persoun, déi et géif maachen, wéi op e Computerprogramm zeréckzegräifen. A Gott säi Dank hu mer dat awer scho ganz à l'avance gemaach. Ech mengen, vum Januar, Februar un hu mer dee Computerprogramm geholl. Deen heesch „Untis“. An d'Chantal Schoettet huet sech ageschafft an dee Programm, an et huet dat nieft senger ganzer Aarbecht och nach geléiert. An dat huet natierlech mat sech bruecht, dass dat e Programm ass, dee späizt dann eng Stomm eraus.

Ech wéll awer och soen, dass den Haaptnodeel fir déi Enseignanten ass – Dir hutt et kuerz ernimmt, mä net esou genannt, wéi ech dat elo nennen –, déi méi al waren, déi freides méttes fräi waren. Jo, dat mierkt de Computerprogramm net méi. An elo ass dann dobäi komm, dass do verschidden Enseignanten, déi freides méttes oder méindes méttes fräi waren, elo méttes Schoul hunn. Ech muss dat haart hei soen. Dir hutt mech gefrot, da soen ech dat och éierlech. An dass déi, mat Recht oder Onrecht – dozou maachen ech elo kee Commentaire –, meckeren.

Ech kann awer net dofir, dat ass de Computerprogramm.

An ech fannen et net ganz gerecht fir d'Chantal Schoettet, wat sech an dee ganzen Déingen ageschafft huet, wat eng onheemlech Aarbecht domadder hat. A wou ech vill méi vrou gewiescht wier, wa mer en Enseignant fonnt hätten, deen dem Millech Eug seng Tâche iwwerholl hätt an dann zur vollster Zefriddeenheit vun den Enseignantë gemaach hätt.

Et ass awer esou, dass dee Programm fir d'Kanner guer net méi ongënschteg ass. Dat wéll ech awer och soen. Do hunn ech awer net eng Kritik bis elo héieren. Just iwwer verschidden Enseignanten, déi net méi hir fräi Nomëtter hunn. Dat muss ech awer elo hei dann éierlech soen, vu dass Der op déi Fro hiweist.

Deen drëtte Punkt ass dee mat der Schoulkommissioun. Do ass dat Schoulgesetz esou domm, dass ee muss virum 1. Oktober déi Schoulorganisatioun... An ech hunn et d'éinescht gesot, wéi mer iwwert de Scolaria geschwat hunn, dee

kënnt eréisch. Fir den 30. September ginn d'Enseignanten hiert Déingen eran. An duerfir ass d'Schoulkommissioun elo de 7. mengen ech. An de 16. wäerte mer iwwert dee Scolaria – an et ass och deen, deen en fin de compte zielt – diskutéieren.

An da verdeele mer och, wéi et gefrot gi war, d'Rapporte vun der Schoulkommissioun. Ech hat dat jo och gesot, dass mer déi géife verdeelen. Dat ass, wat ech dem Här Biltgen wollt soen.

Den Här Majerus huet zwou Froe gestallt. Wat d'Schoulkanner ugeet, ass et esou, dass mer versichen – an Der gesitt och, wann Der dat verfollegt – an de leschte Joren déi Effektiver an de Klassen émmer méi niddreg ze halen. Wat mat sech bréngt, dass d'Moyenne entretemps 15 oder 16 Kanner pro Klass ass, wann een iwwer ganz Esch kuckt.

Et sinn natierlech émmer nach e puer Klassen, wou Der fannt, wou 20 Kanner sinn. Do gëtt awer da gekuckt, éischtens dass se eng Persoun dobäi hunn. Dass et net just den Enseignant ass, mä dass eng Persoun dobäi ass. An dat anert, wat gekuckt gëtt, dat ass, dass de Schoulsall op jidde Fall Plaz huet fir déi Kanner ze huelen. Mä et ass evident, dass mer a Schoulgebaier wéi um Brill, wou aner Schwieregkeete sinn, versichen, d'Effektiver esou kleng wéi méiglech ze halen.

Et ass awer och esou, dass dat alles e Präis huet. Ech wéll och nach eng Kéier drun erénnernen: D'Gemeng ass zwar net méi de Patron vun den Enseignanten, mä d'Gemeng, grad ewéi virdrun, bezilt nach émmer een Drëttel vun de Paien. A wann Der lech gutt kënnt erénnernen, hat d'Buergermeeschtesch virun engem Joer gezielt, dass mer eng Norechnung kritt hunn, wou de Ministère eis, ech mengen, 650.000 Euro gefrot huet, well mer esou vill Enseignanté méi haten, wéi mer missen hunn.

Mir hunn eis dat och esou kaschte gelooss, a mer maachen dat och an désem Joer. A mer hunn et d'lescht Joer weider esou gemaach, mä dat alles huet awer och e ganz deiere Präis. Si ginn eis ganz gär d'Enseignanten, se bezuelen och zwee Drëttel, mä mir bezuelen awer deen Drëttel, dee Rescht bleift.

Da koum nach d'Fro iwwert d'Maisons Relais. Et ass esou, Här Majerus, et muss awer och alles eng Limite hu mat der Zäit. Wann Dir awer do Kanner hutt, déi bis siwe kënne bleiwen, wann et kleng Kanner sinn, déi musse jo awer iergend-wann eng Kéier an d'Bett geluecht ginn. Mer kënnten awer och net déi Maisons Relais oploossen, bis dee leschten heem kënnt um néng, zéng Auer. A se hunn zwar giess, se si scho bal am Pyjama, mä

et muss een awer op d'mannst och nach d'Kand an d'Bett kenne leeën zu enger Zäit, déi dezent an normal ass.

A wat elo d'Chrëschtvakanz ugeet, sou huet d'Erfahrung et bruecht, dass dat déi eenzeg Zäit vum Joer ass, wou praktesch kee Kand an enger Maison Relais ass. D'Ganzdagsschoul ass och déi Woch zou, well bal all Mënsch awer do seng Kanner doheim huet a bei sech huet. Also do sinn Ëmfroe gemaach ginn. Do sinn och Statistike gemaach ginn, well am Ufank war do op, an et huet sech awer erausgestallt, dass praktesch kee Mënsch déi Deeg do viru Chrëschtdag a Stiefesdag an eng Maison Relais geet. An dat erkläert, firwat mer do decidéiert hunn, dat alles global ze maachen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Tonnar. Da komme mer zum nächste Punkt.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Mer müssen en awer ofstëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mer müssen ofstëmmen.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive 2015/2016.

6. Urbanisme:

a) PAP «rue de la Libération»; décision
 b) Désignation de deux représentants de la Ville au jury du concours pour l'école Wobrécken; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum Punkt 6. Den Här Kox huet d'Wuert fir de PAP rue de la Libération an déi aner zwee Punkten.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech komme fir d'eischt un de PAP rue de la

Libération. Am Bannenhaff op Nummer 12 vun der rue de la Libération ass eng Imprimerie implantéiert, wou och eng Gebailechkeet ass, déi am Moment just als Garage genutzt gëtt. An dësem Gebai mat enger dach bedeitender Volumétrie wëll sech en Tapissier mat sengem Atelier installéieren a wéilt och do wunnen. Fir dass esou eng Affektatioun am Banneberäich vun dësem Haff méiglech ass, huet den Initiator vum Projet missten e PAP maachen, well e laut eisem Bauterelement keng baulech Veränderungen dierft tätegen, begrënnt duerch d'Tat-saach, dass et eng Cour d'habitation ass. Dëse PAP mécht also méiglech, dass e Changement d'affectation ka gemaach ginn an dass dës Bannenhaffstruktur och baulech ka verbessert ginn. Déi maximal Baugrenzen, déi de PAP definéiert, basiere sech op dem Existenter. Just d'Gebai vun der Imprimerie kritt mat dësem PAP d'Méiglechkeet, déi baulech Struktur ém ee Meter ze hiewen. Sou kann een hei ee Stack dropsetzen, oder en eische Stack kann entstoen, deen eise virgeschriwwene Minimal 2,60 Meter entsprécht. Dëse PAP mécht et also méiglech, dass weiderhin hei Betriben kenne bestoe bleiwen, a proposeert Wunnraum no bei der Aarbechtsplaz.

Dëst entsprécht dem Prinzip „d'Stad vun de kuerze Weeér“ an énnerstëtzt eng verstärkte Mixitéit vun de Fonctiounen am zentrale Beräich vun eiser Stad.

D'Reaktioun vum Avis de la Cellule d'évaluation läit lech och hei bai. De 15. Juli huet d'Cellule d'évaluation hiren Avis zum Projet PAP rue de la Libération redigéiert. Et ass festzehalen, dass bestëmmten Upassunge müssen am Dossier PAP gemaach ginn, ier en definitiv vum Ministère kann approuvéiert ginn. Dës Modifikatiounen sinn an der hei virleinder Note opgelëschzt.

Ech soen lech Merci. Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Merci Här Kox. Mir géifen am Numm vun der CSV deen dote matdroen. Et ass e Projet, dee scho méi laang am Raum stéet, fir eng Kéier hei gestëmmt ze ginn. Déi Politik, fir an den Hannerhäff wierklech eppes Neits ze maachen, eppes méi Flottes, eppes méi Wunnbares ze maachen, droe mir voll mat.

Mir hu just ee Bedenken émmer erém, an dat soe mer och all Kéiers an der Baute-kommissioun. Dat ass – mir kennen déi Situationsen, wéi zum Beispill an der Zénon-Bernard-Strooss, wou fréier émmer d'Muzzolinis-Garage war. Do ass och e Bau hannenaus an enger Hannerhoff-politik gemaach ginn –, dass d'Accessibilitéit par rapport zu de Pompjeeën an de Sekuriste muss garantéiert ginn. Dat ass e

Volet, dee mer émmer erém gesot hunn. Et muss méiglech sinn, dass wann eng kleng Katastroph – wat jo keen hofft –, e Feier oder Ähnleches, géif kommen, dass een dann awer d'Accessibilitéit garantéiert, fir dass déi kenneen dohinner kommen. An deem Senn wäerte mer dëse Projet awer matsëmmen. Merci.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Här Kersch, w.e.gl.“

Kersch Guy (déi Lénk): „Also den Avis vun der Cellule d'évaluation, dee mer virleien hunn, deen ass jo awer negativ. Eise PAG wëll jo esou Situationsen verhënneren. Dat si Saachen, schlecht Situationsen, déi mer aus der Vergaangenheit geierft hunn. Dat hu mer zimlech iwverall an deenen ale Quartiere vun deem gewuessen Esch. Wou een hannert den Haiser dann esou Hannerhäff féhnt, déi meeschters ganz verwénkt an oniwwersichtlech zougebaut sinn, mat all Zorte vun Halen a Scheiere vu fréieren Handwierks- a Geschäftsbetriben. Déi sinn dacks och nach baufälleg dobäi. Dat ass déi Situationsen.

Hei ass déi zwar esou, datt elo um Site nach wierklech Aktivitéit ass. Dat ass emol deen een Énnerscheed, an dat wëll een natierlech och behalen. Mä de Problem ass awer, dass dat fir Nopere ronderëm, fir d'Urainer, kee schéinen Ubleck ass. An am Prinzip wëllt de PAG sou Saachen net an d'Éiwegkeet verlängeren oder esouguer ofschafen, well do am Fong Gréngzonan an esou weider vill besser géifen higehéie-ren.

Esou wéi mer de Projet elo virleien hunn, ass e jo net genehmegungsfäeg, dat ass jo kloer. Wouriwwer stëmme mer dann elo of, dat ass meng Fro. Am Rapport vun der Kommissioun ginn déi Reklamatiounen vun der Cellule d'évaluation nach eng Kéier opgezielt, dat an dat an dat misst nach alles geännert ginn: also d'Begréngung. D'Cellule féhnt och, dass do keng Parkplätze méi dierfen erakommen, mä e Bam an esou weider.

Meng Fro ass: Wouriwwer stëmme mer elo genee of? Kommen dann elo Parkplazen dohinner? Oder kénnt e Bam dohinner? Dat ass mer elo hei net kloer. Ass dat alles elo bindend oder net?“

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Här Weidig, w.e.gl.“

Paul Weidig (LSAP): „Ech wollt awer kloerstellen: Dat Eenzegt, wat sech effektiv do ännert, ass, dass den Niveau an den Daach vun der Imprimerie, déi elo do ass, déi och relativ gutt fonctionnéiert, praktesch ém ee Meter ugepasst gëtt. A soss geschitt iwverhaapt näischt do.“

Deen Hannerhoff ass net némmen dowéinst verbaut, sondern niewendrun ass och nach e Parking gebaut ginn. Do kann ech mech erënneren, dat hate mer och schonn eng Kéier hei virun enger gewëssener Zäit. A mir si matten an der Stad Esch. An dass mir do an deen Hannerhoff, dee gebraucht gétt fir ze liwweren, och nach e Bam dra stellen – mä da gitt emol eng Kéier kucken, wéi dat do ausgesait. Ech ginn éfters dohinner wéinst Imprimeriesaachen. Mä et ass ee frou, wann een iwwerhaapt do gedréint kritt a ka mam Auto do erafueren.

Niewendrun, déi Garage, déi elo do ass, do soll en Tapissier hikommen. Wann dat elo eng aner Fonctioun kritt, dat ass eigentlech just eng Émwidmung. Et gétt näischt Zousätzleches do gebaut.

An ech mengen de PAP beschränkt sech leschten Enns – ech hunn dat elo just gesot, ech widderhuele mech – just op d'Imprimerie, fir den Niveau vun deem Haus do e bëssen ze héijen.

An dat Anert ass eben, dass eng Émwidmung stattférnt, dass et och méiglech ass, fir dass deen Tapissier do erakennet an och ka wunnen am Hannerhaus.

An dat ass déi ganz Problematik. An dass déi selbstverständliche Parkplätze brauchen, fir ze liwweren, a mer kee Bam do an deen enken Haff erasetze können. Gitt lech dat emol ukucken. Dat ass jo en Nonsense. Dass se et vläicht begréngen, dat mag méiglech sinn. Mä ech sinn och dofir, dass mir Beem an dass mir Gréngs an den Zentrum bréngen, mä op där doter Platz bréngt et näischt.

Wat d'Cellule d'évaluation op fénnef Säite gemaach huet – et deet mer leed, hunn déi wierklech soss näischt ze doen, wéi fénnef Säite Remarquen ze schreiwen, wou eng ganz Partie Saache Copy-paste sinn?

A mir wëssen, dass och am Zentrum solle Quartiere revaloriséiert ginn. Et soll ee kucken, dass een also méiglechst vill erauskritt. Mä de deux choses l'une: Entweder maache mer eng Mixitéit an déi Quartieren do, oder mir soen, mir wëlle versichen, do a Richtung Wunnraum schafen ze goen, an den Hannerhoff wëlle mer begréngen. Dann ass dat eng aner Situations.

Da musse mer awer Abstand huele vun engem Mixitéit. Ech mengen, dat muss ee sech bewosst sinn. Mä wat leschten Enns d'Cellule d'évaluation fuerdert, ass just, dass eng méi konsequent Formulierung vun deem ganze Bericht do soll gemaach ginn. An dat soll jo elo nogeholl ginn. A méi ännert sech net. Also dat do ass e PAP, dee leschten Enns Peanuts ännert."

Schäffe Martin Kox (déi gréng):

„Merci, Här Weidig. Ech géing dann op déi dräi Remarquen agoen.

Den Här Zwally: Et ass richteg, dat steet awer iergendwou notéiert, dass den Accès garantéiert muss sinn, dass Sekuristen oder Pompjeeë kennen erafueren. Dat misst och vu baussen hi goen, effektiv iwwert d'Haiser ewech mat enger grousser Leeder.

Dat Anert, wat deen Innenhoff ubelaangt, respektiv mat deem Bam: Et ass erlaabt, dat steet och dran, dass zwou Stellplätze méiglech sinn. Dat, wat déi Cellule do iwver fénnef, sechs Säite geschriwwen huet, dat sinn Empfehlungen. Et sinn Adaptatiounen ze maachen, déi stinn och an Ärem Dossier hei dran. Dat sinn zwou Säiten, déi gi mat gestëmmt.

Wat dee Bam betréfft, wat och déi Fassadebegréngung betréfft: Wann Der lech dat ukucke gitt, do gétt kee Bam grouss. Dat ass en Eck, wou u sech och vu Planzen näischt ka wuessen. An dat, wat zréckbehalte ginn ass, dat ass, dass zumindes déi Diecher, déi flaach sinn, begréngt ginn.

Den Här Weidig huet och schonn do Positioun geholl. Ech mengen, dat hei ass e positive Projet. Wann Der an d'däitsch Stied zum Beispill gitt – gitt op Tübingen, gitt op Freiburg –, do ass eben an esou Bannenhäff, respektiv an de Quartieren, eng Mixitéit do, zwëschen Artisanat an Wunneng. An et ass genau dat, wat mer hei och kréien. Dass emol nees en Artisan sech matten an Esch implantéiert, en plus och nach an deemselwechte Gebai wunnt. Doduerch ass jo déi Adaptatioun gemaach ginn, dass en ee Meter méi héich baue kann. Da läit e souwisou um Niveau vun deem Haus, wat niewendrun ass. Also insgesamt ass et e ganz gudde Projet.

Wann een elo dat Gréngs nach eng Kéier usprécht: E Plan directeur hu mer de Moment net wélles an deem îlot ze maachen, well do x Proprietairé sinn. Do komme mer ni weider. Dat ass net méiglech. Ech mengen, dat Klengt wat mer elo hei als PAP gemaach hunn, ass énnerstützungswäert, an deem solle mer och zoustëmmen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

„Merci dem Här Kox. Au Vote.“

Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le PAP «rue de la Libération».

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste Punkt, wou zwee Representantë vun der Gemeng Esch solle bestëmmt gi fir de Jury vum Concours vun der Wobréckener Schoul. Här Kox, w.e.gl.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass net némmen dat, dass déi zwee Representantë vun der Stad Esch hei nominéiert ginn. Ech wéilt lech awer insgesamt dee ganze Concours d'architecture, sou wéi en ausgeschriwwen gétt oder amgaang ass ausgeschriwwen ze ginn, virstellen.

Et ass grad wéi iwwert d'Neiduerf geschwat ginn ass, gesot ginn, dass hei eben eng Schoul Wobrécken, mat enger Maison Relais, elo an de Concours geet. Dee Concours d'architecture ass age-schränkt op den eischenen Degré fir d'Realisatioun vun der Schoul an der Maison Relais Wobrécken.

Den Objektiv vum Concours ass d'Konstruktioon vun enger Grondschoul mat Vocatioun vun Integratioun an Inclusioun. Intégréiert soll eng Maison Relais ginn, dat Ganzt verdeelt op dräi Gebaier mat engem Total vu 27 Säll, déi noutwendeg Annexen an eng Sportshal, déi d'Gréisst vun enger Baskethal soll hunn – dat huet och mat Subsiden ze dinn –, Vestiaires an entspreechend den zougehéirege Baussenamenagement.

D'Gebaikonstruktioon muss eng passiv Energieklass opweisen. De Site, dat wésst Der sécherlech, ass am Quartier Wobrécken zwëschent der rue Winston Churchill an dem Boulevard Grande-Duchesse Charlotte.

Der kritt och dann hei d'Informatiounen zu de Primen. Eng Totalzomm vu 60.000 Euro ass opgedeelt un déi verschidde Präisser. Den eischen Präis vum Concours kritt 30.000 Euro, den zweete Präis 20.000 an den drëtten 10.000 Euro. De Jury huet d'Recht, d'Repartitioun vun de Beträg opgrond vum Resultat vum Concours ze änneren.

Véierte Punkt: d'Detailer vun der Bezelung vun den Teilnehmer. Insgesamt gi fénnef bis siwen Architektenbüroen zréck-behal. All Konkurrent, deen eng Presta-

tioun konform zum Reglement zum Concours gemaach huet, kritt en Honorar vun 18.000 Euro.

Fënneftens: d'Indemnitéit vun dem Jury an dem Pré-Jury: Een Dag Präsenz fir de Jury ass 1.000 Euro, am Pré-Jury gëtt et 500 Euro. D'Frais de route ginn net rembourséiert. D'Membere vum Schäfferot am Jury an de Bureau d'études Luxconsult kréie keng Indemnitéit. D'Membere vum Jury, déi virgeschloe ginn: zwee Schäffen – de Bauteschäffen an de Schoulschäffen – Kox an Tonnar, de Luc Everling, Architecte-directeur vun der Stad Esch, Martine Vermast, Architecte-directeur vun der Stad Lëtzebuerg, de Jean Goedert, Architecte-directeur en retraite vun der Stad Esch, de Marc Lukas, Architekt vun der Stad Esch. Een Architekt representéiert den Ordre des Architectes et des Ingénieurs-conseils. De René Biwer, Direkter vu Ponts & Chausées, de Joa Baum, eisen Inspekteur, ee Representant vum Ministère de l'Education nationale an ee Member vum Syndicat d'intérêt vum Quartier Wobréckchen. Mir wollten och gläich dann eng Persoun vun auswärts, vum Interesseveräin, mat an de Jury mat eranhuelen. Membre supplément ass d'Daisy Wagner, Développement urbain, an d'Chantal Schoettet, Service de l'enseignement.

D'Nimm vun de Membere vum Pré-Jury: de Bureau d'études Luxconsult, de Marc Lang vun der Division de l'architecture an de Laurent Zimmer, Gestionnaire vun de Maisons Relais. Zwou weider Persoune kënn supplementar genannt ginn, wann dat e Besoin gëtt. Dat zu dem neie Projet vun der Wobréckener Schoul, an ech bie-den lech deem zouzestëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Madame Hildgen. Wéll soss nach een d'Wuert huelen? Den Här Kersch. Madame Hildgen, w.e.gl.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ganz kuerz ass elo de Programm vun där Schoul vum Schäffe virgestallt ginn. An do sinn zwee Nimm gefall. Dat eent ass Integratioun, dat anert ass Inclusioun. An ech weess net, wéi wäit datt Är Ideeë scho sinn, fir déi zwou Saachen ze réaliséieren. Mir wëss ganz genee, datt Integratioun an alle Schoulgebaier hei an Esch scho ganz laang gemaach gëtt. Awer Inclusioun: Et wier vläicht interessant – et ass en Ênnerscheid – fir gewuer ze ginn, wat Der eigentlech dorënner konkret scho verstitt. Wann déi Idee iwverhaapt schonn ausgeräift ass. Ech weess net, ob schonn ee vun de Schäffe mer dat ka soen. Wann net, ass dat keen Drama. Da

wiere mer awer frou, wa mer iergend-wann, méi spéit, wann dee Projet am-gaang ass sech ze konkretiséieren, do-riwwer méi Informatiounen kréien. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Kersch, w.e.gl.“

Kersch Guy (déi Lénk): „Och ganz kuerz. Mir hu kee Problem mat deene Leit, déi elo an dee Jury solle kommen. Den Här Kox huet awer ganz kuerz a sem-ger Aleitung e bësselchen d'Rahmbe-dingungen, d'Aufgabestellung beschri-wen, wat dann elo vu Schoul soll dohinn-er kommen, wat do gebraucht gëtt: déi 27 Säll, d'Turnsäll, d'Maison Relais an esou weider. Et wär vläicht méi interes-sant gewiescht, wa mer dat an eisem Dossier gehat hätten. Herno hu mer schonn erém färdeg Pläng. Dat misst een och kennen diskutéieren, fannen ech.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Vläicht kuerz zu der Madame Hildgen hirer Fro. Dat si jo elo Froe ge-wiescht, déi net zu de Baumesurë gehéieren. Hei geet et ém den Architektecon-cours, deen ausgeschriwwé gëtt. Wat de Programm ugeet a firwat mer eis ent-scheed hunn, déi Inclusioun an Integra-tioun mat eranzuhuelen, dat war eng Diskussioun, déi mer hei och schonn eng Kéier gefouert haten. Mir haten am léifste gären eng Ganzdagsschoul gehat. Mä Ganzdagsschoul gëtt keng weider genehmegt, Dir wësst, wéinst de Käsch-ten.

Mir sinn awer absolut der Meenung, datt – esou wéi dat och soll weider virgesi-sinn an den anere Schoulen – d'Inklusioun an d'Integratioun absolut wichteg Punkte sinn. Dat gëtt a verschiddene Gebaier gemaach, zum Deel op fräiwölle-ger a ganz engagéiter Aart a Weis vun dem Léierpersonal.

Déi heite gesät och ganz speziell Pro-grammer vir. A mat deem Programm si mir amgaangen, mam Ministère, mat spezialiséierten Organisatiounen, dee Projet auszeschaffen. An et huet och ee Moment gedauert, bis mer den Accord vum Ministère dozou kritt hunn, fir kën-nen op dee Wee do ze goen.

Et ass e Pilotprojet, dee mer maachen, wou de ganzen Inhalt – de pädagogische Programm an esou weider – steet. Selbstverständlech wäerte mer an de Gemengerot domadder kommen. Do-drunner hänke selbstverständlech och d'baulech Mesuren. An elo geet et drëms, dat mat an dee Concours ausze-schreiwen. Datt déi Architekten dat och

berücksichtegen, och déi baulech Mesu-ren. Den Här Kox huet awer och nach eng Kéier eng Äntwert.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng):

„Nach eng ganz kuerz Äntwert, wat de Programm ubelaangt, et geet jo hei næmmen ém d'baulech Moosnamen. Ech mengan, dass do 27 Säll dorop kom-men, an och eng Maison Relais, a Gym-nastique, dat ass u sech vun der Schoul-kommissioun schonn duerchgerechent ginn. An déi hunn och déi Angaben hei dem Architekt mat eraginn. Dofir sinn och déi entspreechend Säll do schonn normiéiert.

Awer wat de Grondprinzip ubelaangt, och fir d'Madame Hildgen, mat Integra-tioun, Inclusioun, dat huet sécherlech elo näisch direkt mat de bauleche Moos-namen ze dinn. Dat induzéiert awer vläicht déi eng oder aner baulech Mooss-nam, fir dat ze garantéieren. Dat ass rich-teg.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la désignation des sieurs Martin Kox et Jean Tonnar au jury du concours pour l'école Wobrécken.

7. Contrat de rivière: Stellungnahme zum Entwurf des Bewirtschaftungsplans für die luxemburgischen Anteile an den internationalen Flusssgebietseinheiten Rhein und Maas; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Kox an den Här Tonnar sinn eraus, well se sech net selwer däerfe stëmmen – net well se net mam Projet d'accord sinn.

Kéint een den Här Kox elo erém siche goen. En huet e weidere Punkt. Da komme mer zu engem vun eise Lieb-lingspunkten an de vergaangene Méint, zum Contrat de rivière. Den Här Kox huet d'Wuert.“

7. Contrat de rivière

Schäffe Martin Kox (déri gréng):

„Merci Madame Buergermeeschter. Ech mengen, dat ass eng neverending story, déi sécherlech och mam Zoustand vum Waasser ze dinn huet.

Och wa mir éfters driwwer musse schwätzen, ech mengen duerch d'Schwätzte gëtt natierlech d'Waasser net méi gutt. Et ass eng grouss Problematik, déi mer sécherlech net némmen hei am Land hunn, sondern och um europäesche Plang.

Bekannt ass, dass bei eise Gewässer, wéi awer och bei de Gewässer vun den urbanen EU-Länner ronderëm – do sinn u sech déi Benelux-Länner an Dänemark an Däitschland net besser drun –, insgesamt e schlechten Zoustand besteet. Am Énnerscheid zu de Südlänner: Do hu se e Problem mat der Quantitéit vum Waasser, well do u sech dat ganzt Waasser an der Landwirtschaft verbraucht gëtt. En éischte Waasserbewirtschaftungsplang ass 2009 erstallt ginn, no engem EU-Direktivkader, zesumme mat de Flossgewässersyndikater, wou d'Stad Esch quasi vun Ufank un awer mat bedeelegt an agebonne war.

Sécher ass an där Period de gudden Zoustand vun de Gewässer am Prinzip, wann een elo déi Statistik gesäit, vu 7 op 2% zréckgaangen. Wat awer doduerch bedéngt ass, dass an deene Joren eng aner Bewäertung, oder eng méi streng Bewäertung geholl ginn ass. Soudass u sech nach 2% vun eise Gewässer an engem gudden Zoustand sinn.

An dofir ass émmer nees déi Diskussioune, wou mer och bedeelegt sinn, wou mer och an dem Syndikat si vun der ieweschter Uelzecht, a wou mer émmer nees dat Thema hei um Dësch hunn.

Ech wëll awer och do betounen, dass an deem Zäitraum vun 2009-2015 – 2015 mat inclus – 400 Milliounen Euro insgesamt am Land a Renaturéierung, Kläranlag an esou weider investéiert gi sinn. Wat och am Widderstroch zu der falscher Behaaptung an dësem Avis stieet.

Et läit elo en zweete Bewirtschaftungsplang vir, dee sech iwwert déi nächst Period 2016-2021 erstreckt. Dat neit Dokument ass iwwer dräi Joer vun de Beamte vum Waasserwirtschaftsamt, zesumme mat de Syndikater vun deene fénnef Gewässersyndikater an a Begleedung vun engem Bureau d'études aus Eisträich erstallt ginn. Dat ass u sech eng Kooperatioun gewiescht vun deenen aneren – dat muss een och emol eng Kéier betounen – Gewässersyndikater am Land, déi jo ganz gutt bäägedroen hunn, an eisem Syndikat hei am Süden, respektiv, deem, dee mir hei zesumme mat deenen anere véier Gemengen hunn. Un

der Kooperatioun huet et leider gemanegt zwësche Waasserwirtschaftsamt an eisem Syndikat.

Den Avis, deen am Dossier virläit ass vum Comité technique vun de fénnef Gemengen ausgeschafft ginn. Den éischten Deel besteht aus enger Rei vun Analysen a Kommentaren, fir entspreechend effizient Moosnamen ze huelen. Am zweeten Deel si konkret Initiativen opgefouert. Dat Dokument, wat kritiséiert gëtt, wär onlieserlech, resultéiert awer vun engem Virgabeprogramm, dat laut EU-Direktiv fir de Bericht vun alle concernéierte Länner identesch muss sinn. Och sinn déi entspreechend Kapitelen, déi do erwähnt sinn, virgeschriwwen.

Falsch ass, dass dat Dokument an Eisträich erstallt gi wier. D'Oplag war eng Consultation a Begleedung vun engem éisträichesche Bureau d'études, deen iwwregens och déi entspreechend Kommissioune zu Bréissel beréit.

Schlussfolgernd wëll ech awer nach bemerken, dass d'Stad Esch d'Initiativ geholl a Reunioune mat dem Waasserwirtschaftsamt an der Émweltverwaltung virgeholl huet. Heibäi ass eng gemeinsam Apprache deemnächst virzehuelen – an Zesummenaarbecht méiglechst och mat deene Mitgliedsgemenge vun dem Contrat de rivière vum Bassin supérieur vun der Uelzecht. Wéi iwwregens och déi aner Flosssyndikater vum Land an Zukunft.

Onsënne ass et och, zum Beispill, bei Analysen en double Emploi ze maachen. Dass si vun dem Waasserwirtschaftsamt gemaach ginn an dann eng zweet Kopie och nach eng Kéier vun de Syndikater. Dat ass onnéideg. Et ass sécher, dass d'Zilerreechung – eng Verbesserung vun dem Gewässer – sech méi laang a schwiereg erweist, wéi dat am Ufank geduecht ginn ass. Déi Virschléi, déi an deem Dokument erwähnt ginn, solle selbsterklärend an der Finalversioun mat berücksichtegt ginn.

Nach ganz kuerz, wat eisen Territoire ubelaangt: Mir hunn u sech némmen zwee Fléissgewässer. Op där enger Säit d'Dipbech an op där anerer Säit d'Uelzecht. Ech mengen, do sti mir natierlech dann a Kontakt mat ArcelorMittal, wat d'Dipbech ubelaangt. Mir hunn déi grouss Problematik mat de Weieren do uewen, déi u sech industriell verseucht sinn. Awer och organesch, toxesch ass den éischte Baseng – och duerch eng feelend Kläranlag iwwer Jore bei eiser Nopeschgemeng – de Moment an engem ganz, ganz schlechten Zoustand. Dat Anert ass eben eis Uelzecht. Eis Uelzecht kënnt aus Frankräich. Och do ass eng gutt Noriicht, dass d'Fransousen

awer interesséiert sinn, mat eis ze schwätzen. An den 1. Oktober gëtt elo – also gläich an deenen nächsten Deeg – eng Énnerschrëft gesat. Eng konkret Zesummenaarbecht zwëschen eisem Syndikat, respektiv och dem Waasserwirtschaftsamt, mat den Nopeschgemengen a Frankräich gëtt énnerschriwwen.

Et ass nach en drëtte Punkt, deen ech kuerz uschwätzen. D'Renatüréierung vun der Dipbech ass an den Nonnewisen zum Deel schonn erfollegt. Déi ganz Renaturéierung soll u sech no uewe goen, bis zu de Weieren. Ech mengen, dass déi Problematik vun de Weiere bleift. Mir sinn och do an Diskussioune weiderhi mat der ArcelorMittal. An op där anerer Säit, och an deem Wobrécker Territoire, wou elo déi Schoul plus Elysis integréiert ginn, do muss u sech d'Dipbech och renaturéiert ginn. Domat wëll ech endegen an hoffen op eng gutt Diskussioune.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Affaire à suivre. Wie wëllt d'Wuert? Den Här Bernard, den Här Zwally, den Här Knaff. Soss nach een? Den Här Kersch. Den Här Bernard huet d'Wuert.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Wéi mer wëssen, huet eis Gemeng zesumme mat véier anere Gemengen, dat heescht mat Schéffleng, Suessem, Beetebuerg a Réiser, heftegen, richtige Protest geübt un der Waasserwirtschaftspolitik vun der Regierung. A wéi gesot, dat awer nu wierlech zu Recht. Déi Gemengen, déi ech elo genannt hunn, hu sech am Detail an eingehend mat dem Entworf vum Beirtschaftungsplang befaasst.

Wou ech awer muss soen, dass deen Text an deen Inhalt, ob dat vun der EU kënnt als Virschréft oder vun egal wou, praktesch onverdaulech ass. Dat ass en Text, do misst een aacht Joer Universitéit gemaach hunn, fir d'Halschent ze verstoen. An dat ass u sech typesch fir e puer EU-Eurokraten, déi gutt Zäit hunn, fir esou Texter ze maachen, fir dass méiglechst kee Mensch eppes versteet.

Interessant ass och festzestellen, dass den Escher Schäfferot, zu deem den Här Kox gehéiert, der Ministesch d'Levitte liest. An dat ass interessant. Dat ass korrekt, wann een dat mécht aus der Iwwerzeegung eraus, dass do eppes falsch leeft.

Am Kloertext muss also Folgendes, menger Meenung no, gesot ginn: Den Ausgangspunkt fir dee folgenden Zyklus muss als, losse mer mol soen, ganz ongönschteg ugesi ginn. Wa mer wëssen,

7. Contrat de rivière

dass nämmen zwee vun 102 natierlechen Uewerflächewaasserkörper, OWK genannt, an engem gudden Zoustand sinn, da wësse mer och – an déi Schlussfolgerung zitt jiddwereen heibannen –, dass d'Zilsetzung, déi sech gesat gi war, komplett verfeelt ginn ass. Déi verantwortlech Instanzen hunn – an et ass och aus der Press ervirgaangen, an ech deelen déi Meenung – de Kampf oder den Asaz fir proppert Waasser total verschlof. An et herrscht, dat kann ee soen, regelrecht Ratlosegkeet.

An där Stellungnahm vun 22 Säite vun der Uelzechtflossvertragsgemeinschaft gëtt vu regelrechter Waasserverschmotzung geschwat. Zum Beispill, éischtens, déi erhéichten an zimlech zolidd erhéichte PAK-Wärter, Grenzwärter fir präzis ze sinn, dat heescht polizyklesch-aromatesche Kuelewaassertoft. Dat ass net einfach. Ech hu mech och missen dohnert setzen, fir dat doten ze verstoen.

Zweetens: d'Salzeinträg am Wanter: Zénk, Koffer, Bläi, PAK, sou wéi d'Beelaaschtung duerch aner Pestiziden.

Véiertens: Problematesch a geféierlech ass och d'Lag vun deenen invasiven Neophyten, vun deene kee Wuert, ech präziséieren, kee Wuert am Bericht vum Waasserwirtschaftsam steet.

All dat muss eigentlech zur Schlussfolgerung féieren, dass déi offiziell Regierungserklärung zu där Problematik natierlech eng regelrecht Konkursklärung ass.

Et ass dat, wat ee muss dozou soen, an ech mengen dat ass un d'Adress vum Schäfferot geriicht. Ech énnertstëtzen deen Text an déi Kritik, déi se gemaach hunn an hirem Rapport. Mä ech mengen, och d'Gemeng Esch soll sech hirer Verantwortung an deem Dossier do awer bewosst sinn. Dir hutt et ugeschnidden, zum Beispill d'Dipbecher Baach. D'Escher Gemeng huet keng Kontroll iwwert den Alaf, well d'Trennung vu Reewaasser a Schmotzwaasser net konsequent duerchgeführt gëtt. An duerfir si mir der Meenung a mer proposéieren, dass d'Gemeng Esch sech soll genéidegt fillen, respektiv hir Verantwortung iwwerhuelen an den Alaf kontrolléieren.

Dat gesot, mengen ech, dat wär eng Prioritéit, wou d'Gemeng Esch am Kader vun där Problematik do net laanscht hir Verantwortung kënnt. An ech sinn och iwwerzeegt dovun, dass se hir Verantwortung do iwwerhëlt. Well wann een higeet an et kritiséiert een esou berechtegterweis a massiv eng Situatioun an e Bericht vun enger staatlecher Instanz, da muss een natierlech och selwer d'Konsequenzen zéien an déi richte Schlussfolgerungen huelen, fir déi Trennung do

vum Reewaasser a vum Schmotzwaasser duerchzééien.

Ech soen lech Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt."

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Här Bernard. Den nächste war den Här Zwally, mengen ech.“

André Zwally (CSV): „Merci Här Kox. Ech deelen dat, wat mäi Virriedner gesot huet. Wa mer deen Avis hei kucken, dee mer virleien hunn, dee mer eigentlech och an der Émweltkommissioun diskutéiert an debattéiert hunn, da gesäit een, dass villes net gemaach ginn ass. Déi EU-Richtlinn, vun där aus dee ganze Rapport komm ass, dee vun 2000-2015 eigentlech sollt émgesat ginn – dat sinn émmerhi 15 Joer –, ass elo nach eng Kéier verlängert ginn, fir allegueren déi Ziler, déi mer net erreecht hunn a sechs Joer.

Dat heescht, mir sinn eigentlech an deem Delai, dass mer net méi 15 Joer sollen zréckbehalen, mä 21 Joer, fir dat an d'Rei ze bréngen, wat mer sollten um Niveau vum Waasser maachen. Déi 102 Artikelen, déi hei virgesi waren, fir an Ugrëff geholl ze ginn, fir dat ze reduzéieren, sinn net erreecht ginn. Dat ass rich teg, wat ee viru mir gesot huet. Et sinn der just zwee erreecht ginn. An do muss jiddweree sech an deem Ganzen a Fro stellen.

Et gëtt och hei mentionéiert, dass dat gesamt Dokument vun 298 Säiten eigentlech een eenzege Justificatif ass, fir wat een náischt gemaach huet, respektiv firwat et net gemaach konnt ginn. Ech fannen dat émmer erëm traureg, wa mer hei an eng Diskussioun eraginn, wa mer da mierken, datt wierklech am Endeffekt esou eng laang Zäit huet misse vergoeden, fir festzestellen, dass iwwerhaapt kee Resultat domadder verbonnen ass.

An do schléissen ech allegueren déi Leit an, oder soen ech, datt jiddwereen d'Responsabilitéit huet, och an de Regierungskreeser. Egal, wat fir eng Regierung, dass dat duergestallt huet. Et gesäit een, dass do verschidde Saache verschlof gi sinn, an dat ass net tolerabel doranner.

Mir sinn iwwert deen heite Wee jo och gewuer ginn, dass mer net méi eleng sinn. Kayl huet ze verstoet ginn, si géife sech gäre mat an dése Contrat eraschaffen. Ech fannen dat eng gutt Initiative. Wa se beim Pro-Sud eng ähnlech Approche gehat hätten, da wär dat natierlech och flott gewiescht. Soudass mer, wa se als sechst Gemeng hei erakommen, natierlech nämme kenne begréis sen, dass se dat maachen.

Déi lokal Begebenheeten... Dat ass och dat, wat den Avis hei seet, dass och Dealer do sinn, wou einfach keen drop reagéiert. Mir hu selwer en Émweltamt, wat op eisem Territoire sämtlech Zoufléss analyséiert huet. Déi Wärter leie vir, déi si virugedroe ginn op dem Niveau vum Wasserwirtschaftsamt, respektiv un de Ministère. A sou wéi et schéngt, kënnt do keng Réckantwert, an et ass bis elo nach náischt op deem Wee geschitt. Mir sinn der Meenung, dass een do soll intervéneieren als Schäfferot. Dass wa Wärter virleien, déi eis interesséieren, déi och eisen Territoire mat agrenzen, dass ee vun hinnen op d'mannst soll eng Äntwert kréien.

Fir dass mer och déi Unerkennung kréien, wat déi Aarbecht ubelaangt, déi jo bei eis gemaach gëtt. Et gëtt och dovunner geschwat, dass net genuch un der Quell gekuckt gëtt. D'Quelle vun der Beelaaschtung um Escher Territoire, respektiv och op aneren, gi vernaléisseg, an d'Struktur feelt, fir deem nozegoen.

A mir sinn och der Meenung als CSV, dass et wichteg ass, dass een eng Struktur op d'Bee stellt, net exklusiv bei eis um Territoire oder op deene fénnev, sechs Gemengen, déi elo dra sinn. Mä dass ee gesamt gesinn, vläicht wat de Süden, vläicht wat d'ganzt Land ubelaangt, esou eng Struktur muss maachen, e Kader muss schafen. Et muss een och déi néideg Finanzen zur Verfügung stellen an et muss een och déi néideg Leit zur Verfügung stellen, fir dass dat garantéiert bleift.

Mir hunn hei vun der Renaturéierung geschwat. Géschter an der Finanzkommissioun ass och een Deel um Ordre du jour gewiescht fir d'Renaturéierung, wat d'Nonnewisen ubelaangt. Ech erénnere mech, dass mer am Joer 2002/2003 ugefaangen hunn, énnert Ärem Virgänger, fir eng Renaturéierung ze maachen. Déi, déi Der elo ugeschwat hutt. Dat war, wéi mer de Projet vun den Nonnewisen ugaange sinn. An net méi spéit wéi virun annerhallwem Joer, zwee Joer, ass gesot ginn, dat wier net gelongen, mir müssen elo op de Wee goen, eng nei ze maachen. An do hu mer eis dann d'Fro gestallt, firwat dass dat esou ass. Et schéngt esou ze sinn – oder op d'mannst liest een dat am Rapport eraus –, dass eng Prioritéit doranner besteet, dass ee fir d'éischt sanéiert, ier een ufánkt ze renaturéieren.“

Eng Stëmm: „Dat ass richteg.“

André Zwally (CSV): „An dat ass dee Wee, dee mer solle goen. Ech mengen, wa mer engersäits Virwérff maachen, par

7. Contrat de rivière

rapport zu deem, wat de Ministère net mécht oder net soll maachen, solle mir konsequent sinn an och soen an och wëssen, datt eng Sanéierung wichtig ass. Dass dat déi éischt Prioritéit ass vun enger Renaturéierung. An dono op deen anere Wee ginn. Well am Endeffekt ginn hei duebel Käschten drainéiert, well mer eigentlech net richteg wossten, wéi mer dat dote sollten upaken.

Ech hunn awer och gesot, an dozou stimer dann och, dass déi Affär, wou mer matgestëmmt hunn, fir elo d'Kläranlagen à jour ze setzen, respektiv och dat, wat d'Kollekteren ubelaangt. Well do ginn och Invester gemaach vun iwwer 10 Milliounen. Dat hu mer och nach um Ordre du jour, dass mer dat matdroen. Well dat ass nämlech och e Beispill, dass ee fir d'éischt soll sanéieren, ier een ufankt ze renaturéieren. Dat gehéiert och dozou. Et ass och gesot ginn, dass falsch Uschlëss un d'Kollekteren do wieren. Et geet net eleng duer, dass mer hei soen, mir ginn Analyse maachen, mir fannen eraus, dass Zouleef do sinn op dem Uewerflächewaasser, wou mer net erausfannen, wat et ass. Ech erënneren do u Monkeler. Monkeler ass och eng vun deenen Diskussionsounen, wat d'Kiemelbaach ubelaangt. Wou mer net wëssen, vu wou dass allegeruen déi Schuedstoffen kommen.

Da musse mir och wëssen, dass mir als Gemeng gefuerert sinn, wann hei iergendepes falsch gemaach gi wier, um Niveau vun den Uschlëss. An dass da Schmotzwaasser nach iergendwou eraleeft, wou eigentlech net dieft. Fir dee gesonden Zoustand ze kréien.

D'Dipbech an d'Uelzecht: Et ass richteg, wat d'Dipbech ubelaangt. Ech mengen awer, dass et fir eis eng Kéier wichtig wier, net eleng als Gemengerot, mä och als Kommissioun, wat ech och gesot hunn. Mir schwätzen èmmer iwwert d'Weiere vun ArcelorMittal. Mir kréien der elo bái. Dat eent sinn déi, déi mer vum Belval hunn, déi nach èmmer a Betrib sinn. An déi aner sinn déi, déi mer dann zu Schéffleng báikréien.

Do gétt et e Service „Environnement“. Dee Patron huet ee Service „Environnement“. An ech war der Meenung – fir emol eng Kéier Kloerheet ze schafen an och ze wëssen, wat dann eigentlech vu Wärter do festgestallt ginn an u wat fir eng Procedere si sech müssen halen –, et soll een déi eng Kéier invitéeieren an déi Kommissioun. A mat hinnen eng Kéier kloer Sprooch schwätzen a soen, wat dat fir eis bedeit a firwat dass mer se komme gelooss hunn. A wat mir gäre vun hinne verlaangen, wat misst gemaach ginn. Dat kenne mer net eleng maachen, dat wësse mer. An dat misste mer och am

Zesummenhang mat deene Responsable vun der Regierung oder mat dem Ministère maachen. Fir dat emol eng Kéier aus dem Wee ze schafen, wat dann do alles an eis Dipbech eraleeft.

Do gétt gesot, an der Kommodosprocedur si Wärter dran, déi sinn '68 agesat ginn. Mir sinn awer elo gutt 50 Joer dono. Et wär dann och natierlech gutt, wann um legislative Plang, bei deenen, déi an deene Kommissiounen sinn – an ech schwätzen do d'Madame Bofferding un –, och eng Kéier déi Diskussioun géif opkomme bei de Kommodoen. Wat fir eng Wärter haut müssen agesat ginn a wéi mer dat dote revidéiere können.

Ech fir mäin Deel mengen, datt mer op d'mannst bei eis elo um gudde Wee si mat der Diskussioun a mat der Thematisierung vum Waasser. Mir huelen zur Kenntnis, dass och um interregionale Plang, wat d'Uelzecht ubelaangt, eng Verbesserung kénnt. Dass déi franséisch Säit gäre bereet ass, fir opgrond vun hirer Situationsmat eis ze diskutéieren, fir d'Uelzecht méi propper eriwwerzerkréien. An ech mengen, dass de Wëllen do ass, fir Villes ze maachen. Mir sollen dat maachen, mir sollen et gemeinsam maachen.

Mir sollen och op de Ministère goen a soen, datt mir bereet sinn, fir mat hinne weider ze schaffen. A mir géifen och vun hinne fuerderen, dass si déiselvwecht Initiativen huelen, par rapport zu eis.

Zum Schluss wollt ech awer nach eppes soen, well ech net richteg verstanen hunn, wat elo proposéiert gétt. Ech wollt de Schäffle froen – opgrond vun deem, wat gesot ginn ass, dass verschidde Saachen am Rapport net géife stëmmen, déi vlächt net esou wieren, déi aneschters wieren –, ob e proposéiert, datt mer deen Avis solle stëmmen oder net. Well ech net richteg erausfonnt hunn an Ärer Explikatioun, ob Dir mat désem Avis d'accord sidd oder net. An deem Senn soen ech lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Zwally. Den Här Knaff.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Madame Buergermeeschter, ganz kuerz. Ech fanne schonn, datt d'Problematik iwwert d'Waasserverschmotzung hir Plaz an engem Gemengerot huet. An ech mengen, et ass wierklech e wichtegen an interessante Sujet. An et ass gutt, datt mir eis domader müssen auserneeseten. Ech fannen awer net normal, datt mir esou Dokumenter wéi dat heite virgeluecht kréien, wou een als, mengen ech, normal instruéierte Mann mat enger gewëssener Beruffserfahrung awer net wierklech ka liesen a kann erausliesen, wat gemengt ass.

Ech hunn hei eppes fonnt, Säite 5 vun deem Bericht – ganz kuerz elo, mise à part les blagues –, dat net normal ass. Et ass net normal, datt mir esou eppes virgeluecht kréien, eppes wat sech esou unhéiert: „Die Frage des Wie und Wo, also genau der fachlichen Aufstellung und Priorisierung der Maßnahmen, müsste ein zentraler Inhalt des Bewirtschaftungsplans sein. Mit der oben zitierten Aussage wird ein Gewässerökosystem bestenfalls als ein Zusammenwirken von Teilkomponenten verstanden, was konzeptuell nicht der Realität einer ökologisch funktionalen Einheit auf einer mehr oder weniger hohen Komplexitätsstufe entspricht. Fakt ist, dass bei den meisten bisher ausgeführten geomorphologischen Maßnahmen hydrologische Aspekte im Vordergrund standen. Wir möchten vorschlagen, bei zukünftigen Projekten ökologisch funktionale Aspekte verstärkt mit einfließen zu lassen. Am Beispiel der renaturierten Abschnitte an der oberen Alzette wirken mehrere Parameter einer Verbesserung der aquatischen Fauna entgegen, und zwar ein Mangel an geeigneten Habitateen und Mikrohabitaten, Eutrophierung mit Sauerstoffsättigungen über 150%, hohe Wassertemperaturen sowie toxische Segmente.“

Dat ass dat, wat mir hei virgeluecht kréien. An dat, mengen ech, ass net normal. Ech fannen, mir müssen eng Explikatioun respektiv eng Iwwersetzung kréien, wann Der eis esou eppes virleet, wou mir sollen eng Decisioun driwwer huelen.

An elo mise à part les blagues, et ass effektiv bal net ze verstoen. Et ass net ze verstoen, fir mech allemol net. Mä ech mengen, mir brauchen awer eng Vulgarisatioun. Mir sinn net ausgebilte Leit. An de Problem, dee sech stellt, dee musse mer jo awer kennen ugoen a verstoen. An dofir mengen ech, sollen eis Servicer, déi mer hunn, eis dat an normale Wiederexplizéieren: wat verlaangt ass, wat muss gemaach ginn, wat de Problem ass, wéi mer de Problem geléist kréien – jee se musse Léisungen uginn, déi mer verstinn. Ech fannen dat doten net an der Rei, ech hat et jo gesot. Ech hat geduecht, no menger éischter Intervention géif et besser ginn. Do war de Contrat de rivière op franséisch. (Gelächter)

Elo menge se, wa se géifen esou en Däitsch schreiwen, da géife mer et besser verstoen. Mä nee, ech muss lech do enttäuschen. Dat do hunn ech net verstanen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Knaff. Den Här Kersch nach.“

7. Contrat de rivière

Guy Kersch (déri Lénk): „Et ass alles gesot.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et ass alles gesot.“
(Gelächter)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Kox iwwersetzt eis elo dat Ganzt. Här Kox, Dir hutt d'Wuert. Ech wëll vläicht just ganz kuerz informéieren, well déi Fro opkomm war mat der Arcelor a mat deene Weieren, datt de Schäfferot d'lescht Woch eng Sitzung mat ArcelorMittal hat, wou et ém d'Friche Esch-Schëffleng goun. An alleguerten déi Terrainen, déi Esch betreffen – Terres-Rouges an esou weider –, alleguerten déi oppestoend Froen, do hu mir Problemer e Rapport driwwer ze maachen.“

Mir hunn eng zweet Sitzung festgluecht. Et gesäit éischter esou aus, datt si sech emol mussen énnerteneen eens ginn, wat si wëllen. An dann triede mir nach eng Kéier op de Plang. Dat war schonn e bëssen eng speziell Sitzung. A fir net méi ze soen, mir hunn elo Mëtt Oktober nach eng Kéier e Rendezvous mat hinnen. Dann hoffe mer, datt si sech eens sinn, wat si eis wëlle matdeelen. An och wat déi Weieren Esch-Schëffleng do ugeot, hu mir natierlech Kontakt mat der Regierung. An déi soen eis dann och, wat hir Vue ass. Well och dat war schwéier erauszfannen.“

Schäffe Martin Kox (déri gréng):
„Also gläich nach eng Kéier zu deene Weieren zréck. Dat ass e Punkt, deen, sät mir hei mat ArcelorMittal zesummesézen, émmer nees ugesprach gëtt. Deen ass elo net ugesprach ginn an dár leschter Sëtzung, well mer déi verschidde Punkten net duerchkritt hunn. Dat ass awer e Problem. Wa mer am lokale Beräich bleiwen, ech mengen, mir hunn eng Industriekultur respektiv eng Vergaangenheit an déi Noxen, déi an deene leschten honnert Joer hei deponéiert gi sinn, wierke sécherlech och op d'Waasser weider no. Ech mengen, do kann eis Natur némme e bësse méi hëllefen, bis dat Ganzt méi oder wéneger licht ofgebaut ass. E Waasser, wat duerch Industriegelände vu Weiere kënnt, déi wierklech belaascht sinn, dat kritt een net vun haut op muer propper.“

Ech wëll awer och soen – dat sinn awer elo scho sechs Méint hier –, dass eng Demande un ArcelorMittal gemaach ginn ass, fir Prouwen an de Weieren uewen ze maachen. Déi sollt natierlech da mat engem Boot sinn an esou weider, op bestëmmte Plazien, fir och da wierklech e

richtegen Echantillon ze kréien. Dat ass primär ofgeleent gi vun ArcelorMittal. Dat huet elo dräi, véier Méint gedauert, bis se endlech jo gesot hunn. Déi Analysen hu mer bis elo nach net. Déi ginn lech dann transparent natierlech och nach matgedeelt. Dat ass deen zweete Weier.

Deen éischte Weier, deen do besteet, ass de Moment organesch extrem verseucht, doduerch dass Bieles keng Kläranlag hat bis virun zwee Joer. Dat heescht, do hëlt elo eng Pompestation dat Waasser op a geet da vun do aus op Schëffleng. Zumindest ass deen Zoufloss da gerengegt. Awer dat Organesch ze sanéieren, dee Weier do, dat kascht nach méi deier wéi déi Sanéierung vun deem aneren.

An do sinn de Moment och Diskussiounen a Sträitfäll do, wien dann elo de Pollueur ass. Do sinn u sech an deem Senn zwee Pollueuren, souwuel d'Industrie wéi awer och eng aner Gemeng. Dat zu deem Punkt do.

Wann elo allgemeng iwwert d'Industrie geschwat gëtt – dat ass awer elo schonn nees national, dat huet náischt direkt mateneen ze dinn, eventuell iwwert en Zoufloss aus Frankräich –, d'Landwirtschaft ass och net déi propperst, déi mer hunn. Leider Gottes kommen déi ganz Pestiziden, Insektiziden an esou weider, déi lafend versprëtz ginn, einfach weider an d'Waasser.

An och do muss en Émdenken, och an der Landwirtschaft, kommen. An da kënne mer hei nach laang diskutéieren. Wann dat esou weidergeet, dann hu mer nach vill Jore virun eis, ier do e bessert Waasser wäert sinn.

D'Trennung vu Schmotzwaasser a Reewaasser: Ech mengen, mir sinn eng vun deene seltene Stied, Gemengen, déi dat praktesch sät den – wéini ass et – 20er, 30er Joren an eise Stroosse leien huet. Mir hunn déi Trennung hei an der Stad, wat eemoleg ass. A ganz fréi ass déi, duerch eis Virvirvgänger, duerchgefouert ginn. Also ech mengen, zumindest do hu mer e grousse Pluspunkt, wat Esch betréfft.

Dat wieren u sech déi gréisser Punkten. Ech géif lech bidden, deem Avis zouzestëmmen. Och wa wierklech Saachen dra stinn, déi u sech indigest sinn, och no-deem ech mech erkundegt hunn, och beim Waasserwirtschaftsam. An do kommen ech natierlech nach op dat Indigest zréck. Et ass indigest – souwuel wat den Text vum Waasserwirtschaftsam ubellaangt, awer och dat, wat mir hei leien hunn. Et ass indigest awer och vun eise Beroder.

Dat hei ass vun Techniker entworf gi vun de fënneg Gemenge, respektiv och vum Biomonitoring, dee federführend fir deen Text hei verantwortlech ass. An ech men-

gen, Dir hutt recht. Ech mengen, dat eent ass indigest, dat anert och. Ech muss dat némme als solches akzeptéieren. An ech hunn hinnen dat awer och gesot beim Waasserwirtschaftsam: Firwat hutt Der dann net eng entspreechend méi digest Fassung gemaach?

Ech hunn da gesot kritt, si hunn en Delai bis Enn dës Joers, fir dee ganze Rapport bei der Kommissioun ofzeginn. A si hunn net déi entspreechend zousätzlech Beamten do gehat, respektiv och keng Finanze méi gehat, fir dann nach eng Versioun ze maachen, déi da besser lieserlech ass. Si hunn och als Grond uginn, datt se dat opgrond vun der Présidence elo net méi hikritt hunn. Awer si hu mer versprach, dat wäert sécherlech am nächste Joer da kommen. Ech hoffen, dass doduerch dann, Här Knaff, och mir alleguerten dat besser kënne liesen.

An op dár anerer Säit, mengen ech, musse mir selwer bäidroen, jiddweree muss bäidroen. Ech mengen, do si mir alleguerte gefrot a gefuerdert, dass mir eben dann och, jidderee perséinlech, e klenge Bäitrag a sengem Haushalt zu dár Problematik bäidréit. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kox. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 12 voix oui et 5 abstentions d'émettre un avis favorable du contrat de rivière du bassin supérieur de l'Alzette concernant le plan de gestion des districts hydrographiques du Rhin et de la Meuse pour la période 2015-2021.

Abstentions: Mme Annette Hildgen – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Zwally, Dir begrënnt d'Abstentioun.“

André Zwally (CSV): „Jo, ech géif et awer kuerz maachen. Ech mengen, mir gesi jo, dass Efforten hei... Gelift?“

Eng Stëmm: „A lieserlech!“

André Zwally (CSV): „A lieserlech, jo. Mä mir all – mat deene Kritiken, déi mer hei ubruecht hunn a mat deem, wéi mer wëlle virufueren –, hätten awer gären, dass mer iergend eng Kéier eng Richtlinn kréien. Ech mengen, fir eis ass et émmer erëm wichteg, dass mir fir eis hei – sief et hei um Escher Territoire, sief et mat deene fénnef oder sechs Gemengen, déi bei eis an deem heiten Deel mat schaffen –, wierklech och kloer sinn an deem, wat mer gären hätten an op dee Wee, wou mer gäre wëlle goen.“

Entweder ass eis gemeinsam Positioun, par rapport zu der Regierung oder par rapport zu iergend enger EU-Institutioun, datt mer dat weiderféieren, dass mer op deen dote Wee ginn. An da mengen ech, hunn ech och keng Äntwert kritt, wéi et elo virugeet. Wat fir eng Struktur gesi mer an deene fénnef Gemenge vir? Sinn déi grad esou bereet wéi mir, fir op dee Wee ze goen, fir Émweltämter ze schaffen, fir do eng Struktur dran ze setzen, déi eis erlaabt, wierklech an der Waasserwirtschaftspolitik regelméisseg heihinner ze kommen, och ze wëssen, vu wat mer schwätzen an och konkret ze bleiwen an deem, wat mer wëllen an der Émsetzung. Duerfir hu mer déi Abstentioun gemaach. Merci.“

Schäffe Martin Kox (déri gréng): „Déi Struktur, déi Dir uspriecht, dat sollt och an engem anere Kader elo geschéien. Dass mir u sech regelméisseg net némmen am Contrat de rivière ze summeschaffen, sondern regelméisseg och da mam Waasserwirtschaftsamt ze summekommen. Dat ass déi eng Saach. Ech mengen, et ass vill Nationalpolitik, déi awer schonn iwver éweg verschlo ginn ass. Do ass jiddweree concernéiert. D'Kläränlag – mir waren u sech dat Land, wat ganz räich ass an déi wéinegst Kläränlagen hat. Ech mengen och, dat ass e Punkt, deen ee sollt awer och nach eng Kéier erwähnen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Nach kuerz den Här Codello.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Ech wéilt dann awer och op de grenziwwerschreidende Volet agoen, Här Zwally. Den Här Schreiner presidéiert am Moment op Lëtzebuerger Säit dee Grouppement vun den Uelzechgemengen. Do gëtt elo Mëtt Oktober, mengen ech, déi Konventioun mat de franséischen ...“

Eng Stëmm: „Den 1. Oktober.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Oder ass et den 1. Oktober. Do gëtt déi Konventioun énnerschriwwen. Mä et ass awer och Bestanddeel vun den Aarbechte vum GECT Alzette Belval. Wou mer dru schaffen, fir en Interact-Projet op d'Been ze setzen, fir do eng grenziwwerschreidend Waasserpolitik kënnen ze definieeren. Also déi Diskussioune sinn d'lescht Woch am Büro vum GECT ugaangen, a mir wäerten och do hannendru bleiwen.“

7bis. Motion CSV concernant la situation des réfugiés

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Da komme mer zum nächste Punkt, dee mer elo dozwësche geplant hunn, d'Motioun vun der CSV. Den Här Mischo huet d'Wuert.“

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wollt déi Motioun hei kuerz virstellen. Also zanter Wochen a Woche gesi mer jo allegueren all Dag, souwuel op der Télee wéi an deene verschidde Printmedien an um Internet, grujeleg Biller vu Mënschen aus Syrien, dem Irak oder anere Länner, déi aus hirer Heemecht fortlafen, an dat virun de Barbare vun deem sougenannnten islamesche Staat.“

Mä an engem europäesche Land ukommen, heescht net onbedéngt an net automatesch wëllkomm an a Sécherheet ze sinn. Énner anerem dowéinst sinn Dausenden an Dausende vu Réfugiéé weider gereest oder sinn nach énnerwee. Fir déi allermeesch ass Däitschland dat grousst Zil. Mä mir däerfen awer net mengen, dass Lëtzebuerg eng Insel wier, wou d'Flüchtlinge géife laantscht zéien. Eiser Meenung no – an ech mengen där Meenung ass jiddwerek am Gemengenrot – ass et eis Flicht als Politiker, mä awer och als Mënschen, deene Leit ze hëllefen. Dat ass och de Grond, firwat mer déi Motioun agereeht hunn. Fir gewuer ze ginn, wat d'Stad Esch bereet ass ze maachen, wann d'Flüchtlingen an eis Stad solle kommen.

Am Moment ginn elo, no laangen a schwierege Verhandlungen énnert den europäesche Memberstaaten, 120.000 Réfugiéen iwvert eise Kontinent verdeelt. Mä et brauch ee kee Prophet ze sinn, fir ze wëssen, dass dat nach laang net den Enn vum Flüchtlingsstrom ass. An et wäert och net laang dauerent, bis och d'Flüchtlingen erausfonnt hunn, dass et hei zu Lëtzebuerg op d'mannst geneen esou flott ass wéi an Däitschland.

Dëse Mount September sinn 398 Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg ukomm an do sinn der 50% drënner, déi aus Syrien kommen. Fir de Primo-Accueil am Centre de Logopédie an der aler Maternité an der Stad, an der Hal 6 vun der Luxexpo an am ale Gebai vum CHNP zu Ettelbréck ass Plaz fir ronn Dausend Leit. Den Innenminister, den Dan Kersch, huet gëschter Owend an engem Live-Interview op der Télee dovunner geschwatt, dass nach aner Gemenge kontaktéiert ginn, fir Flüchtlinge opzehuelen an hien déi nächst Wochen eng Campagne start fir e Lëtzebuerger Apport zur Flüchtlingsproblematik ze organiséieren.

Den Dan Kersch huet och vun enger nationaler Solidaritéit geschwatt. An an deem Fall wäert Esch och net dolaanscht kommen, fir do matzehëllefen.

Froen, déi mir eis als CSV-Fraktioun stellen: Ass d'Regierung schonn un de Schäfferot erugetrueden, fir Flüchtlinge bei eis zu Esch opzehuelen? Wa jo, vu wat fir enger Zuel vu Réfugiéen ass auszegoen? Am Fall, wou sollen dës Leit énnerbruecht ginn? Gëtt Esch vläicht no Stengfort, Dikrech a Mamer ee vun deenen nächste Container-Dierfer? Wann esou Infrastruktur geplant sinn oder wären, wou sollen dës hikommen? Ginn et hei zu Esch Siten, déi sech dofir géifen ubidden? Huet d'Stad Esch Kontakt mat engem Responsabele vum OLAI an/oder engem Responsabele vum Ausseministère, fir kënnen op esou kuerzfristeg a verschärfte Situationsen ze reagéieren?

De Fall gesat, Esch géif an enger éischter Phas keng Flüchtlinge ophuelen, wier et méiglech, dass eis Gemeng an enger zweeter Phas géif Wunnengen oder Gebaier zur Verfügung stellen, fir Flüchtlinge énnerzebréngent?

Sinn déi Escher Servicer à même, fir de Flüchtlinge bei hirer Integratioun ze hëllefen, ass déi nächst Fro. Well Integratioun heescht zum Beispill, Plaz och schafe fir Kanner an de Schoulen. Huet d'Escher Gemeng d'Méiglechkeet, esou Classes d'accueil unzébidden, fir eben déi Kanner opzehuelen? Um Beispill vu Stengfort geet ee bei 300 Flüchtlinge vun 80 Kanner aus, déi natierlech musse schoulesch begleet ginn. Eng Fro, déi sech natierlech opdrängt, ass, wat dat kascht a wien et bezilt. Iwwerhëlt de Staat déi ganz Käschten? Gëtt gedeelt? Oder muss d'Gemeng d'Fraisë selwer iwwerhuelen? Och eis Sportveräainer kéint hëllefen, den Openthal vun de Réfugiéen ze erlächteren an och fir e puer Stonnen den Openthal hei méi flott ze gestalten. Den Handball Esch zum Beispill spillt an deem Kontext scho mam Gedanken, fir

eppes fir Flüchtlingen an hir Kanner ze organiséieren. Och am kulturelle Beräich ginn et bestëmmt eng Hellewull vu Méiglechkeeten.

Fir ofzeschléissen, wëll ech awer nach eng Kéier eis Positioun énnersträichen, wat d'Flüchtlingen am Allgemengen ugeet. Mir däerfen op kee Fall eng Selektiouon bei Flüchtlinge maachen. Mir däerfen och net téschent Chrëschten, Judden, Moslemen oder aner Reliouounen énnerscheeden. Et gëtt nämlech keng Relioun, kee Glawen, och keng Philosophie, wann et ém d'Flüchtlingsproblematik geet. Et gëtt just Mënschlechkeet – déi hunn déi Escher schonn dacks bewisen.

Ech wëll awer och hei drun erënneren, dass vu viru méi wéi 70 Joer ganz vill Escher deportéiert gi sinn, an an deem Moment ware si, genee wéi d'Refugiéen haut, Réfugiéen zu deem Zäitpunkt.

Et geet eis drëm, déi Escher Awunner ze informéieren, wat op si zoukomme kann. Well „un homme prévenu en vaut deux“. Ech si mer awer sécher, dass mir als Escher dee groussen Defi vu Solidaritéit kéinte stemmen. An domadder och déi xenophob Meenungen a Gedanken, déi an deene leschte Wochen an Deeg émmer méi dacks ze liesen oder ze héiere sinn, aus der Welt schafen.

D'Lëtzebuerger hunn déi lescht Jorzéngten émmer Leit aus frieme Länner opgeholl an integréiert, ob dat aus Polen, Italien, Portugal oder aus de Staate vum fréiere Jugoslawien war. D'Lëtzebuerger hu bis elo bei de Kollekte fir Spillsachen, fir Kleeder ganz vill Solidaritéit bewisen. Mä dat geet net duer. D'Integratioun vun de Flüchtlingen ass eng Aufgab, déi sech Lëtzebuerg, awer och d'Stad Esch, musse stellen. An an deem Kontext géif ech lech da bieden, dës Motioun matzestëmmen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Mischo fir déi Froen allegueren. Ech géif einfach emol direkt soen, wat d'Gemeng mécht. An dann huet natierlech nach all Mënsch eng Kéier d'Recht, d'Wuert ze huelen oder Froen ze stellen.

Här Mischo et ass esou, datt scho längst Flüchtlingen hei sinn. D'Escher Gemeng huet eng éweg Traditioun, Leit hei opzehuelen. Ech erënneren un dat Haus nieft dem Pitcher, wou aus Montenegro a Serbien an enger ganzer Rei anere Länner deemoools souwisou Leit schonn op Esch komm sinn. An der Hiehl gëtt et och en Haus.

Vlächt zur aktueller Situatioun: An deem Haus niewent dem Pitcher, vu datt net émmer alles ganz kloer an transparent

ass an der Zesummenaarbecht am Moment mat verschiddene Ministère, si 70 bis 90 oder 100 Leit do. Et sinn der nach bääkomm.

Esch huet Flüchtlingen émmer opgeholl. An et ass och esou, dass vereenzelt Initiativen nach iwwer Esch verstreet sinn, wou de Ministère emol Haiser gelount oder Cafészëmmere gelount hat, oder wat och émmer. Dat ass am Moment alles net esou transparent. A mir fuerderen do méi Transparenz.

Dir hutt richteg gesot, et ware vill Escher an anerer viru 70 Joer deportéiert ginn, an dat waren och Flüchtlingen. A genau aus där Ursach eraus si mir – an ech mengen allegueren heibannen – bereet, alles ze maachen, fir deene Leit ze héllefien an entgéintzekommen.

An ech wëll och soen, datt mer heibanen eestëmmeg dem europäesche Réseau géint de Rassismus bäägetruede sinn, soudatt sech fir eis allegueren déi Froen iwwer Relioun, Sproochen, Kulturen an esou weider eriwwregen. Déi Diskussionen hu mer jo scho ganz oft heibanne gefouert.

Wou ech immens frou sinn an – stolz ass vlächt dat falscht Wuert – houfreg, wéivill Leit sech, zénter dee Flüchtlingsmisär, déi humanitär Katastroph lassgaangen ass, elo iwwert de Summer, wéivill Escher Bierger sech bei eis op der Gemeng gemellt hunn, déi énnert därfenger oder anerer Form wëllen héllefien. A wéivill Servicer hei am Gebai sech Gedanke gemaach hunn, soit iwwert de Service, soit och selwer privat engagéiert hunn, fir énnert därfenger oder anerer Form ze héllefien. Dat ass elo sou massiv ginn, datt mir eng Koordinatiounstell ageriicht hu vun der Gemeng, e Groupe de travail Réfugiés, an deem vill Leit ganz intensiv zesummeschaffen, énnert der Regie, soen ech elo mol, vum Nicole Jemming, zouständneg a responsabel och fir Integratioun a Chancéglächheet. Wou e Vertrieber vun der Schoulkommissooun mat dran ass, eise Jugendservice, de Point Info Jeunes, eis nei Responsabel fir den Drëtten Alter, Sport, Kultur, Biergeramt – fir déi elo mol all ze nennen. A mir gräifen op Leit zréck, op d'Servicer zréck, well mer se brauchen, well mer se jo onbedéngt wëllen hunn.

Op déi Fro, ob d'Regierung un eis erugetruden ass, fir och Container-Dierfer hei anziichten: nee. Well d'Regierung weess, datt mer schonn esou vill Flüchtlingen hei hunn an datt mer am soziale Beräich immens engagéiert sinn. Et si Ge-spréicher gelaf. Si hunn awer gemengt, datt och soll emol op aner Gemenge verdeelt ginn, wat ech dës Kéier eng gutt Approche fannen. Well mir hu Leit

schonn hei. Wat net heescht, datt keng neier dobäi kommen.

Mir hunn eis émfrot, gekuckt mat eise Servicer, gëtt et iergendwou eng Méiglechkeet, wou mer nach Terrain hunn, wou een eppes kéint dohinner stellen, lëiwer Container, keng Zelter. Awer énnert enger Form, datt net – well mir allegueren heibannen dat ni appréciéiert hunn – 300 Leit op ee Koup zesummege-dréckt ginn. Do si mer vehement dogéint.

Mamer, Stengefort an Dikrech hunn elo do hir Verantwortung iwverholl a wäerten dat als éischt maachen. Wat d'Gemeng Esch awer mécht, dat hu mer och decideert, ass, datt mer zwee, dräi Gemengenhaiser oder Gemengewunnenge wäerten zur Verfügung stellen, wann d'Demande un eis erugedroe gëtt. Well et sinn net mir, déi dat decideieren. Dat leeft iwwert d'OLAI. Mir gi jo net dohinner a soen, stellt lech emol op a mir huelen lech. Dat gëtt jo vun der OLAI zougewissem. An och do besteet e ganz enke Kontakt mat deem Grupp énnert der Responsabilitéit vun der Madame Jemming.

Wat nach gemaach ginn ass: Mir wäerten dann, deemno wat fir eng Leit se eis mellen, kucken, ob et besser eng Wunneng oder en Haus ass, wat mer hunn. Sinn et Familien? Sinn et enzel Persounen? Dat ass jo ganz énnerschiddlech. Awer fir et nach eng Kéier kloer ze énnersträichen, mir si géint sou grouss Container-Dierfer. Do ass eng Integratioun net méiglech, dat si Ghettoen.

Mir hunn och elo scho Kanner an de Schoulen. An och dat huet iwwert déi ganz Joren émmer gutt funktionéiert a soll och weider esou funktionéieren. A mir sollen och informéiert ginn, do leeft et genau d'selwecht. D'Regierung informéiert dann d'Gemeng, respektiv d'Schoulkommissooun, an da ginn déi Kanner natierlech, wéi dat émmer de Fall war, an eis Schoulen integréiert. Dat war bis elo ni e Problem gewiescht an dat soll och weiderhin esou lafen. Dat leeft dann an deem Moment iwwert d'Schoulkommissooun.

Dee Groupe de travail tréfft sech regelméisseg elo. A si sinn amgaangen, all déi Informatiounen, déi néideg sinn, zesummenzesammelen an och allegueren déi Propositiounen, déi gemaach gi sinn un d'Gemeng, zesummenzesammelen. A mir hunn eng – am Moment nach intern – E-Mailsadress ageriicht: inforefugies@villeesch.lu. Herno gëtt et e richtege Site. Mir sinn amgaang, e Site ze maachen, wou Leit sech kenne mellen. Ee Site dann op eisem Escher Site, wou allegueren déi Leit, wou wëlle spenden, déi wëllen en nature eppes maachen, sech kenne mellen.

len. An da gëtt dat vun der Madame Jemming an hire Leit weider orientéiert. Ech wëll awer bemierken, et gëtt keng sozial oder juristesch Informatiounen do. Och déi Leit ginn un déi zoustänneg aner Leit weidergeleet. Wat bis elo schonn alles ass, also och de Kontakt mat der OLAI, mam Ministère de la Famille, Ministère des Affaires étrangères, dat leeft jo iwwert dee Wee.

Et kënnt elo keen hei einfach esou an d'Biergeramt sech umellen. Dat leeft iwwert aner administrativ Weeér, wou mir och informéiert ginn. Mir hunn och direkt decidéiert am Schäfferot, fir eise Budget fir esou Aktiounen èm 20.000 Euro emol ze erhéien. An dat kënnt och d'nächst Joer an de Budget, fir datt mer kënnen Aktivitéité plangen, déi gefrot sinn, oder Informatiounen, déi gefrot sinn.

Allegueren d'Leit aus dem Haus, all Servicer, déi mat an deem Grupp do schaffen, kënnen sech un déi E-Mailsadress wennen, all hir Infoen eraginn. An et wäert eng Sektion Info-Réfugiés da gemaach ginn, dat ass alles amgaangen opgebaut ze ginn.

Och d'Biergeramt hëlt mat deel, obwuel si jo indirekt dovunner betraff sinn. Trotzdem kommen awer Leit emol hei laanscht, genau wéi am Point Info Jeunes, wou wierklech och vill Jonker hinner kommen, déi Informatioune froen. An elo gëtt alles kanaliséiert, an et gëtt dann och weidergeleet. Mir hunn och decidéiert, datt mer kucken, datt déi Informatiounen och un déi Leit erukommen.

Ech erënneren elo vläicht just drun, datt haut de Mëtten um véier Auer heibannen an der Gemeng eng Versammlung vu private Leit ass, – also dat schéngt haut de Mëtte scho méi voll ze ginn –, wou Flüchtlingen invitéiert sinn, fir mat deenen a Kontakt ze kommen. Et besti Kontakter mat Leit, datt och d'Informatioune kënné séier weidergoen, wou mer och Adressen hunn. Datt déi Informatiounen ènnert hinnen och kënné verbreet ginn an datt mer och kucken, datt déi Informatiounen an enger Sprooch verständlech sinn, déi si verstinn. Dat ass virun allem Franséisch, Englesch an Arabesch. Dat si mer och amgaangen, op d'Been ze setzen. Do ass et och esou, datt souguer Flüchtlingen, déi elo do sinn, schonn hir Hëllef ugebueden hunn. Fir do ze hëllefen, respektiv fräiwëllég och Traductiounen an aner Sproochen ze maachen oder bei Gäng mat dobäi ze sinn, administrative Verwaltungsgäng an esou weider.

De PIJ bitt Sproochecourses un, dënschdes an donneeschdes, dat an dräi

Sproochen an hirem Projet Tandem. Si hunn de Projet Inklusioun an Aktivitéité mat der Kulturfabrik, dee leeft och schonn eng Zäitchen, deen och ganz flott ass. An déi Jonk, virun allem déi Jonk zwëschen 12 an 30 Joer, un déi et sech riicht, kréien och gratis dee Kulturpass. Och déi Saache si schonn organiséiert. Et sinn esou eng Dose Réfugiéen, déi regelméisseg an de PIJ ginn an hir Hëllef och mat ubidden. An déi mat anere Jonken hei zu Esch och scho Kontakt hunn. D'Gemeng wëll och d'Sproochecourses, déi mir ubidden, opmaachen, déi owes stattfannen, wann de Wonsch do ass, a mer mierken, datt do Besoin ass, fir kënné Sproochecourse gratis unzebidden an dann am Dag.

Ech mengen, et ass eng risegröuss Problematik och hannert deem Ganzen. Wann d'Leit do sinn, da setzen se de ganzen Dag iergendwou, déi langweile sech. Déi mussen intégréiert ginn. A mir musse kucken, hinnen Offeren nozebrénngen. Dofir wiere Courses, Sproochecourses am Dag kee Problem vun eiser Säit ze organiséieren.

Programmer iwwer Integratioun duerch de Sport gi scho laang vun der Gemeng offréiert. Déi ginn allegueren opgemaach. D'Madame Zambon huet schonn allegueren d'Sportsorganisatiounen ugeschriwwen a gefrot, ob se sech géifen dru bedeelen. Wéi Dir elo gesot hutt, Här Mischo, den Handball wier bereet. Ech weess vu Lafentreffen, déi wëllen ugebueden ginn, Fussball, wou Flüchtlingen sech dann och kënné mellen. Déi Angeboter sollen hinnen och allegueren public gemaach ginn, ganz onkomplizéiert. Datt dat kann opgehaange ginn, hei op der Gemeng ewechgeholl ginn, verschéckt ginn, laantschtbruecht gi bei deene Leit. Wou se sech da kënné aschreiven, a wat da vun de jeeweilege Servicer koordinéiert gëtt.

Well et elo Sport ass, leeft et dann iwwert d'Madame Zambon, Kultur leeft iwwert den Här Waltmans. Also deen Dispatching muss elo gemaach ginn an déi eenzel Servicer. Och dat ass schonn amgaangen.

Ausserdeem gëtt et vun enger Mataarbechterin hei op der Gemeng eng Privatinitiativ vu jonke Mamme fir Flüchtlingskanner. Déi sech zesummegedoën hunn an déi Material sammele wéi Kutschén, kleng Bettercher, an, an, an – wat gebraucht ass. Och do kann een nofroen, wou ee sech muss mellen, wann ee Saache wéll ofginn.

Ech wëll just soen, mir sammelen hei an der Gemeng näischt am Moment. Well dat och oft Froe sinn. Dat muss elo zesumme koordinéiert ginn.

An et ass esou, där Demandë kommen duerch d'ganz Land. An d'OLAI wäert elo och eng Hotline ariichten, wou si de Leit, déi privat wëllen hëllefen, da soen, wou se wat solle bréngen. A wou déi dat da verdeelen am Land, wou et gebraucht ass. Déi Hotline steet nach net, déi kënnt eréischt. Och dat gëtt dann op eisem Info-Site verëffentlecht.

An der Drëtt-Alter-Kommissiou – respektiv Senioren –, déi elo do ènne steet, déi och wëll iwwert déi Initiativë beriichten, sinn der, déi sech schonn ugebueden hunn, fir och ze hëllefen, deemoo wat hir Spezialitéit ass. Dat leeft dann iwwert d'Madame Matagne. Dat kënnt Sproochecourse sinn, dat kann Hëllef bei administrative Virgäng sinn, also mat de Leit iergendwou higoen – dat hänkt ganz dovunner of. Wéi gesot, et sinn immens vill Angeboter komm, wat ech immens schéi fannen.

An ech fannen dat och wierklech flott, wéi déi Escher do reagéiert hunn. Sou datt mer a kuerzer Zäit kënné do déi Angeboter och op d'Site setzen.

De Carnet de Bienvenue, dee mir elo zénter annerhalloft Joer hunn, wëlle mer méi zesummeffaasen mat de spezifische Froen, déi déi Leit hunn. An do sinn déi eenzel Servicer amgaangen, hir spezifesch Angeboter zesummenffaassen, respektiv dat, wat këint déi Leit intereséieren. Méi en allegéierte Carnet ze maachen, deen och da ka permanent adaptéiert ginn. Dat loosse mer elo net direkt drécken, awer dat soll ènnert enger einfacher Form erauskommen, och an dräi Sproochen, an dann un déi Leit weider adresséiert ginn. An do ass eise Service Relations publiques do, fir dat ze maachen.

Wéi gesot, also dat gëtt e Mini-Carnet. Mir wäerten do och allegueren déi wichteg netzlech Adresse wéi de Ministère de la Famille, ASTI, OLAI an esou weider mat eraginn, un déi d'Leit sech kënné wennen.

Mir hunn d'Internetstuff: 15 Minutte kann een do gratis op den Internet goen. Dat Angebot soll erwidert ginn. Och dat soll erakommen. Och dat – Handy an Internet – ass en immens wichtige Kontakt fir déi Leit. Datt se sech kënné mat hire Familien a Verbindung setzen. An do denken déi Betreffend vun der Internetstuff no – esou eppes denkt ee mol net –, datt se e Clavier op Arabesch fannen. Dat sinn esou einfach Saachen, wou dee Grupp am Moment amgaangen ass, driwwer ze diskutéieren. Dat muss sinn, dat ass keen ABC, wéi mir et hunn. Och déi sinn amgaangen ze kucken.

Allegueren déi Propositiounen, déi elo scho vun Escher Organisatiounen ge-

maach gi sinn, sollen doranner zesummegefasst ginn. Nodeem d'Gemeng Esch déi Initiative geholl huet – Dir wésst, datt et en interkommunale Reseau vun de Chargeen an der Integratioun an an der Chancéglächheet gétt. Déi eng Sitzung elo haten, déi déi Idee énnerstëtz a gesot hunn, komm mir schléissen eis als Reseau zesummen a bidde gemeinsam dann déi Informatiouen am Süden un, an der Regioun oder wou se och émmer gebraucht sinn. An hunn och e Rendezvous mat der OLAI, a wëllen do déi Propositiounen och alleguerete virbréngen.

Souguer Privatleit hu sech gemellt, fir fir Haiser zur Verfügung ze stellen. An och dat hu mer elo opgegraff. Mir hunn e ganz seriöt Angebot vun enger Fra, déi eigentlech e risegrrous Haus huet, op all Stack véier Schlofkummeren, matten an Esch. An déi eigentlech wollt et émbauen oder amgaangen ass, et émzebauen, fir Studentewunnengen. An déi gesot huet, Studentewunnenge kréie mer nach geregelt, awer dat heiten ass esou eng schlëmm Katastroph, mir wëllen déi fir Flüchtlingen zur Verfügung stellen. An eis Servicer sinn amgaangen ze préiwen, ob dat passt, ob mer dat kéinte maachen. Dat leeft dann erém iwwert en anere Wee, wou mer dat dann och musse mam Service Architekte kucken.

Ech wëll grosso modo soen, datt scho laang Initiative lafen a mir hei zu Esch, besonnesch elo hei an dëser wierklech onwahrscheinlecher a mat vun Europa selbst verscholtener Kris, émmer op ware fir Iwwerleeungen. Ech sinn immens frau, datt aner Gemengen och hëllef, elo besonnesch, wa se Terrainen zur Verfügung stellen. Ech weess vun enger Gemeng, déi een oder zwee Haiser zur Verfügung stellt. Datt do elo déi Solidaritéit zielt.

Ech wëll och just einfach soen – an dat war an där Reunioun, déi mer zesummen hate mat de Servicer –, denkt alleguereten un d'Resultat vum Referendum. Wou iwwert d'Integratioun geschwat ginn ass. Wat bei eis scho vill méi eng laang Tradition huet. Firwat muss elo dat heiten eis oprëselen. Et ass gutt, et ass ni ze spéit, datt elo dee solidaresche Gedanken erém antrëtt. Datt d'Leit soen, mir mussen déi Leit integréieren, déi hei bleiwen. Well déi mannst wäerte kennen zeréckgoen, déi bis hei sinn aus Syrien. Dir kritt et an de Medie mat, wann déi bis hei sinn, déi fanne keen Haus méi, wann déi zeréckkommen. An déi hunn och kee Geld méi, fir dat ze maachen.

Datt elo déi risegrrous Solidaritéit do entsteet, dat ass enorm gutt. An dat ass wichteg, datt et och endlech antrëtt.

Awer net némme fir déi, déi elo kommen, mä och fir déi aner, mat deene mer hei schonn ze dinn hunn. Mir hunn 117 Nationalitéiten hei zu Esch, och mat deenen. Dat ass praktesch Integratioun a sollt och eis dorun erënneren, wann elo iergendwann eng Kéier – esou séier net – dat Thema net méi grad op der éischter Säit vun der Zeitung oder als éischter op der Televisioun ass. Dann hoffen ech, datt dee solidäre Gedanke wierklech weidergeet.

An ech mengen, datt méi och elo gehollef gétt. Wat méi énnerstëtz gétt a wat méi Leit opstinn a soen, et geet elo duer – och deene Rietse mat hire Spréch op de Reseauen –, da kënne mir et wierklech färdegbréngen, alleguereten déi auslännesch Matbierger am Land hei besser ze intégréieren. Wéi gesot, et ass ni ze spéit. Et wier gutt gewiescht éischter, awer hei iwwerhuele mer alleguereten eise Rôle. An heibannen, Dir hutt och schonn etlech Initiativen oder Iwwerleeungen oder Ideeé gehat – alles sammelen –, an ech mengen dann ass Esch, esou wéi mer émmer waren, solidaresch och mat deenen aneren, deenen et manner gutt geet.

Ech ginn elo d'Wuert un lech, Här Codello. An da schreiven ech awer direkt op: den Här Bernard. Déi aner melle sech da vläicht duerno."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Well dat Wuert Integratioun vill gefall ass a well mer doriwver diskutéiert hunn a well mer eis och eens sinn, datt ee groussen Deel vun deene Leit schonn émmer heihinner komm sinn, wéi d'Madame Buergermeeschter richtege gesot huet. Well bei deenen Réfugiéen, do sinn der scho ganz laang hei. An der Hiehl an deem engen Haus sinn der, déi sinn eng etlech Joren hei. An ech hunn dat eng Kéier gesot, Här Mischo, wéi Dir an der Integratiounskommissioun dobäi waart, datt d'Integratiounspolitik souwisou net némmen hei an Esch eng ganz aner Nues wäert kréien, duerch nei Immigratiounswellen, awer och duerch déi Well vu Réfugiéen, déi elo op eis duerkénnt.

Är gutt gemengte Motioun hunn ech gelies, an ech fannen déi och richtege. Ech énnerstëzzen awer hei déi traditionell Haltung vun der Stad Esch, datt mer net sollen e Ghetto mat Réfugiéen schafen. Mä mir géifen haut e ganz wichteg Zeeche setzen, wa mer fir déi eenzel Mesuren, déi d'Madame Buergermeeschter hei opgezielt huet, géife soen, d'Solidaritéit ass jo net némmen Haiser oder Container zur Verfügung stellen.

Mä ech stelle mer och déi Fro, wat déi 900 an deenen dräi Gemenge maachen,

well do muss och en Dagesangebot vun deene Gemengen ukommen. Et ass gutt gemengt, Container zur Verfügung ze stellen. Ech menge grad esou wichteg an integrativ sinn awer déi Offeren an déi Mesuren, déi mir hei proposéieren. An ech hoffen, datt déi dräi Gemengen, déi do Solidaritéit gewisen hunn, fir Container opzestellen, datt se de Réfugiéen och en Dagesangebot zur Verfügung ze stellen. D'Stad Esch ass awer och op fir déi Leit, wa se géife vu Stengfort, vu Mamer, oder vun Dikrech hei erofkommen. Ech fannen, déi Solidaritéit téschent eise Servicer gudd. Eis Servicer, wéi mer se abe ruff hunn, waren direkt och oppen, datt mir als Politiker esou schnell reagéiert hunn, fir d'Koordinatiounstell hei an der Gemeng anzeseten. Némme fir ze soen, mir wäerten am PIJ ab nächster Woch e Service volontaire astellen, dat ass e jonken Iraker, deen hëlleft eis, wichteg Dokumenter aus dem Franséischen an d'Arabescht ze iwwersetzen. Dat sinn alles Saachen, wou mir net esou konfrontéiert waren. An et wäert dann eng Version allégée vum Carnet de Bienvenue, eng ganz wichteg Dokumentatioun fir déi Leit, op Arabesch ginn. Dofir géif ech virschloen, kommt mir setzen e wichteg Zeechen, dass mer als Gemengerot eestëmmeg hannert deene Mesuré stinn. Well dat ass eng integratiounspolitesch Mesure, wéi se och an all deenen anere Gemenge misst geholl ginn.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Wann eng Fro de Moment d'Aktualitéit beweegt, souwuel an de Medien, wéi an de Gespréicher bei de Leit, an der allgemeiner Opfaassung, dann ass et déi Fro, déi elo vu mengem Kolleg Mischo hei op d'Dagesuerdnung gesat ginn ass. Et ass eng aktuell Fro. An et ass gutt, dass hei doriwver diskutéiert gétt an der Stad Esch. Déi an hirer ganzer Geschicht émmer an émmer erém Solidaritéit bewiesen huet vis-à-vis vun deene Leit an Nout a vis-à-vis vu Leit, déi hu misse flüchten an och duerch déi Flucht an enger grousser Nout sinn.

Also wéi gesot, ech begréissen d'Initiativ. Dat, wat ech just vermiessen an där Motioun, dat sinn e puer politesch Aspekter. D'Madame Buergermeeschter huet der e puer ugeschnidden, wou ech och deelen. Ech wëll hir och soen, dass dat gutt ass, wat gemaach ginn ass an der Vergaangenheit. Fir déi Integratioun, wou den Här Schäffen elo grad geschwat huet, vun auslännesche Bierger hei zu Létze-

buerg beschtméiglechst ze organiséieren. Dass dat positiv ass.

A vu dass den Inneminister géschter an engem Interview – wéi schonn hei ugeklungen ass – gesot huet, e géif all Gemengen am Land uschreiwen, wat ech och richteg a gutt fannen, sinn ech elo der Meenung, dass och déi puer Virschléi, déi hei vun der Madame Spautz gemaach gi sinn, interessant sinn. An alles ass ergänzungsméiglech. Ech wéll némme soen, wann do nach Ideeë bääkommen, déi positiv sinn, da si se wéllkomm.

Ech wollt e puer Feststellunge maachen, méi politesch. An et soll kee mer soen, dat wier elo international Politik. Duerch déi international Politik si mer an där Situations a Westeuropa – an an Europa an op der Welt –, wou mer mat esou enger rise Problematik konfrontéiert sinn. Et ka jo net sinn, dass an deem EU-Europa hei d'Kapital ka fléissen, wéi et wéllt, a wann et ém Mënsche geet a Grenzen, da sinn d'Problemer anescht gelagert. Dat heesch, do schonn huet d'EU hir Ideologie, déi se eigentlech an hirem Text stoen huet, verroden a sech selwer lächerlech gemaach. Menger Meenung no soll een iwwert déi wierklech Ursachen och e puer Wuert – net némmen e puer Wuert, essentiell Wieder – verléieren. Ech halen lech doudsécher net ze laang op, well déi si ganz schnell fontt.

Mir sinn, wéi gesot, an där Situations doduerch – an net némmen hei zu Lëtzebuerg, dat wësse mer, mä op der ganzer Welt –, well duerch eng Bombardierungspolitik an eng Krichspolitik Länner verwüst ginn. An da wonnere mir eis, wann déi versichen, mat hire Kanner respektiv mat hire Grousselteren, mat hirer Famill e sécheren Uert ze fannen a fortlafen.

Et kann net sinn, dass do d'NATO bombardéiere geet an am Afghanistan, am Irak, a Libyen an elo och a Syrien alles kuerz a kleng, alles futti schléit an dann op eemol heuchleresch feststellt: Oh, wat si mer awer elo gehäit mat deenen Honnertausenden, respektiv Millioune Leit, déi elo do fortlafen an esou virun. Dat si Saachen, déi ech condamnéieren. Et kann net sinn, dass een alles kapott schéisst, an da sech wonnert, wat fir eng Konsequenzen dat mat sech bréngt.

Ech sinn och der Meenung, dass et opportun ass vun hei aus deem Escher Gemengerot kloer an däitlech ze soen – an dat vermëssen ech an der Motioun, vläicht ass d'CSV bereet, dat dranzesetzen –, dass een net mat enger Krichspolitik versicht, wirtschaftlech a politesch Ziler ze erreechen. Dat, mengen ech, muss eng Gemeng wéi Esch hei kloer an

däitlech soen. Well et kann net sinn, dass een hei iwwer Flüchtlingspolitik schwätzt, ouni déi wierklech Ursache kloer mam Numm ze nennen, déi ech elo genannt hunn.

An duerfir – sou sympathesch mir déi Initiativ och ass vun der CSV an och, dass mer hei driwwer diskutéieren –, ass déi Motioun do mir net kloer genuch, wat déi Ausso ubelaangt. Mat allem Respekt enthalten ech mech bei där Motioun.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Bernard. Wéll nach een d'Wuert huelen? D'Madame Bofferding. Entschélllegt, wie mellt sech nach? D'Madame Bofferding an den Här Hansen, an dann ass Schluss.“

Taina Bofferding (LSAP): „Kolleginen a Kollegen, als éischt begréisse mir d'Initiativ, dass mer eis hei als Escher Gemengerot Zäit huelen, fir déi Diskussion ze féieren.

Éier ech op déi eenzel Punkten aginn, déi d'CSV-Fraktioun an hirer Motioun uschwätzt, wéll ech als éischt an där ganzer Diskussioun ronderëm d'Flüchtlingspolitik drop hiweisein, dass mer net däerfe vergiessen, dass et sech hei net just ém reng Demandeuren handelt, deenen hire Fall bürokratesch no de Regele vum Asylrecht ofgeschafft soll ginn. Mä et geet virun allem hei ém Mënschen. Ém Mënschen, déi oft, et ass scho virdrunner gesot ginn, ganz Schlëmmes erlief hunn, an deenen hire Wonsch et ass, eng hoffnungsvoll Zukunft a Fridden an a Sécherheet ze hunn.

All Schicksal huet eng Geschicht, all Flüchting huet eng Geschicht. Kee verléissst fräiwéllleg sain Doheem. Vill, déi bei eis kommen, ginn do verfollegt, erliewe Krich oder terroristesch Gewalt. Wien de Schrëtt fir ze flüchte beschéisst, huet meeschters näischte verléieren. En hëlt eng ganz geféierlech Rees op sech, an net emol d'Gefor an engem Transitland am Prisong ze landen oder am Mëttelmier ze erdrénken, hält dës Leit dovunner of, d'Rees no Europa ze maachen.

An dat, Kolleginnen a Kollegen, mécht eis mengen ech däitlech, wéi grouss de Misär vun deene Leit hei ass. Vill Leit hei am Land wëssen ém déi Nout a wëllen, dass d'Flüchtlings, déi grad alles verluer hunn, an eisem Land eng fair Chance kréien. D'Hëlfesbereetschaft ass enorm grouss an huet vill verschidde Gesichter. Et gëtt leider och déi aner Säit. Ech mengen, net méi spéit wéi virgéscht war nees esou eng soi-disant Haass-Affär um Gericht, wou dräi Persounen sech op Facebook vis-à-vis vu Flüchtlings a Moslem ellen ausgelooss hunn. An elo

denke mer och un Däitschland, wou säit dem éischte Semester vun dësem Joer 202 Ugréffer op Asylantheemer verübt gi sinn.

Wien ni mat Migranten oder Flüchtlingen a Kontakt kënnt, fält anscheinend méi séier op Parolé vu méi, soe mer, subtil rassistesche Gruppéierunge bis awer och ganz brong gefierte Beweegungen eran. Émgédreint gëllt awer och: Wou Mënsche verschiddener Hierkonft an Nationalitéiten zesummekommen, mierke se, dass déi aner sou wéi si sinn an dass et eigentlech kee Grond gëtt, fir Angscht ze hunn.

Mënschen ze begéinen ass eppes aneschters, wéi iwwer Statistiken ze schwätzen. An och hei huet d'Gemeng eng ganz besonnesch Roll. An der politescher Strategie ass jo dat éischt Zil, genuch Noutopnamen zur Verfügung ze stellen an an der zweeter Phas d'Integratioun vun de Flüchtlings an der Gesellschaft, spréch an de Schoulan an och am Wunn- an Aarbechtsmarché, ze garantéieren. Esch ka fir Flüchtlings en neit a séchert Doheem ginn. Dass Leit zu eis kommen a sech hei wéllkomm fillen, soll den Usproch vun eiser Gemeng sinn, onofhängeg vu wéi enger politescher Couleur mer hei sätzen.

An der Integratioun insgesamt gëtt hei zu Esch vill Aarbecht geleescht. Do ass virdrunner scho Verschiddenes presentéiert ginn. Och de Conseiller Mike Hansen wäert herno op dee Volet nach e bësse méi spezifesch agoen, well mer do effektiv als Gemeng eng sellech Projete lafen hunn, déi, mengen ech, ganz flott sinn.

Ech wéll awer och nach ervirhiewen, dass genau esou wéi de Staat eng multidisziplinär Equipe zesummebruecht huet – wou eben net némmen d'staatlech Institutionen dran agebonne sinn, déi direkt mat der Thematik betraff sinn, mä eben och aner Ministères a Verwaltunge wéi d'Douane an d'Police, fir sech eben esou beschtméiglechst op d'Opnamen ze préparéieren – sou begréisse mir et och als sozialistesch Fraktioun, dass de Schäfferot d'Decisioun geholl huet, fir eben en Aarbechtsgrupp ze grënnen. Wou déi eenzel Acteuren an déi verschidde Servicer wéi och vun der Kultur a Sport zesummekommen, fir gemeinsam kenne Strategien auszeschaffen a gemeinsam kënnen ze handelen. Dozou kommen natierlech nach déi sellech Bénévolen, déi mer hei hunn, déi eng Hand wëlle mat upaken. Déi sécherlech och e ganz flott Bild vun Esch zeechnen, och fir d'ganzt Land, dass eben d'Mënschlechkeet an d'Solidaritéit haut awer nach existéieren. D'sozialistesch Fraktioun wéll den Engagement

vun all deene ville Fräiwöllege méi staark förderen. An duerfir begréisse mer och d'Efforte vum Schäfferot, fir ebe verschid den Hürde méi kleng ze maachen. Dass et méi einfach ass fir déi Leit, déi hir Hëllef wëllen offréieren.

E Problem, dee mer awer nach hunn, mä dat ass éischter um nationalen Niveau nach ze léisen, ass: Wann eng Persoun wëll hëlfen, brauch se nach déi berühmt-berüchtegt Genehmegung. Dat dauert an der Regel sechs bis aacht Wochen. Dat dauert vill ze laang. An ech mengen, dass een och hei muss usetzen, fir déi Leit, déi hëlfen. Dass se och direkt können eng Hand mat upaken a se net nach müssen do duerch e puer Büroe schécken, fir dann herno en Ziedel ze kréien.

Nach guer net consideréiert sinn awer déi Privatinitaliiven, fir Flüchtlinge bei sech doheem opzehuelen. Sécherlech hutt Der och scho vun deem Sujet matkritt. Do war och vill an der Press driwwer Rieds. Notamment vun enger Escher Biergerin, déi do, mengen ech, e ganz gutt Beispill gewisen huet an déi sech einfach fräiwölleg bereet erklärert huet, zwee Leit bei sech doheem opzehuelen. De Problem ass awer, dass op eng Énnerstëtzung vu staatlecher Sait net gezielt ka ginn, sou wéi et de Fall ass, wann déi Flüchtlingen an engem Foyer wunnen.

Ech hu mech a menger anerer Funktioun och do schonn un d'Familljeministesch gewannt, fir nozefroen, ob esou Initiativen net vläicht misste méi berücksichtegt ginn, an notamment misste méi énnerstëtzzt ginn. D'Regierung huet hei ugekënnegt, sech deem unzehuelen an ze kucken, wéi se déi Privatinitaliive kënnen énnerstëtzen. An den Délai vun der Question parlementaire leeft geschwënn of, dann dierfte mer endlech d'Äntwert kréien.

Well d'Integratioun och ganz gutt duerch Aarbecht gelénge kann, mengen ech ass et och wichteg, dass mer adequat Plazen offréieren. Niewent der Iwwerleeung, fir elo am Kader vun der Emsetzung vum Paquet d'asyle d'Recht op Aarbecht vun néng Méint op sechs Méint anzeféieren – wat mir als LSAP natierlech némme begréissen –, wär et vläicht och interessant, um lokale Plang, vläicht zesumme mat Escher Patronen, mat dem Geeschäftsverband ze kucken, fir Projeten auszeschaffen, wou Plaze fräi sinn, wou mer kënnen déi Leit op eng Plaz bréngen. An och virun allem ze kucken, fir déi jonk Flüchtlingen, déi eng Ausbildungspaz sichen, ob sech do net Méiglechkeiten erginn, fir se hei an de lokale Betriber énnerzebréngen. Dass se hei kënnen eng Ausbildungspaz kréien.

Wat d'Fräizäitgestaltung vun de Kanner betréfft, sou mengen ech, ass et emol sénnvoll ze kucken, wat si interesséiert, wat si wëlle maachen. Ech mengen, mir hu vill Sportaarten, déi fir eis vläicht normal sinn. Mä ech mengen, do sinn och Kanner drënner, déi dat net alles esou kennen. An et wär och flott, fir mat hinne ze kucken, wat si da schlussendlech interesséiert. An ech mengen, hei spilt och d'ganzt Schoulpersonal eng wichteg Roll.

Wou awer och leider muss gesot ginn, dass et net esou evident ass, an engem Veräin aktiv ze sinn. Do hu mer erëm dee berühmt-berüchtegt Amtsschimmel, fir et esou ze nennen. Well wien nämlech hei am Land an engem Veräin wëlt Sport maachen, brauch eng Lizenz. An d'Viraussetzung fir eng Lizenz erfëlle leider d'Flüchtlingen net. Dat heesch, d'Equatioun ass séier gemaach: Keng Lizenz, net verséichert = kee Sport.

An och dat ass e Problem, dee misst geléist ginn. Well et ass e bësse schued, wa mer esou vill Veräiner hunn – virdrunner sinn der jo nach genannt ginn –, déi wëllen eng Hand mat upaken, déi wëllen d'Kanner eriwwer huelen. An d'Kanner si motiviéiert, an da scheitert et herno wéi och émmer hei un engem Stéck Pabeier oder enger Lizenz, déi se dann net zegutt hunn. Mä dat ass nach e Match, dee mer op engem aneren Niveau musse feieren. Wat awer elo d'Motioun vun der CSV ubelaangt, ech mengen, do ass scho villes vun der Burgermeeschtesch selwer erklärert ginn. D'Gesetzgebung gëtt och schonn eng Partie Äntwerten op déi Revendikatiounen, déi Dir an Ärem Pabeier uféiert. De Vertriebler vun der KP ass elo net méi heibannen. Et ass schued, well dann hätt e sech bestëmmt erfreet, wann ech elo gesot hätt, ech wär emol eng Kéier e bësse senger Meenung, respektiv mir sinn e bësse senger Meenung. Well eis feelt och e bëssem déi politesch Revendikatioun an der Motioun. Wat eigentlech och eng Motioun iwwerhaapt viraussetzt, dass ee politesch Revendikatiounen un de Schäfferot stellt, fir dann och herno d'Motioun sollen ze stëmmen.

Dofir gesi mir am Fong geholl déi Noutwendegkeet vun där Motioun hei net. Mä par contre stëmme mer lech awer absolut zou an Ärem Schlusswuert, Här Mischo. Och mir als sozialistesch Fraktioun si sécher, dass mer duerchaus an der Lag sinn, déi nei Erausfuerderungen ze bewältegen. Mir brauchen dofir gutt Iddien, Solidaritéit a Courage. An dorunner wäert Esch u senger neier Aufgab wuessen. A virun allem hoffe mer, dass mer all zesumme wuessen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Bofferding. Den Här Hansen nach.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch, Merci Madame Bofferding. Als éischt emol sinn ech émmer nees houfreg ze héieren, mat welcher exemplarescher Solidaritéit d'Gemeng an d'Escher Bierger un dëse Problem och elo erugaange sinn. Also ech mengen, et ass ganz erfreelech, dat hei ze héieren.

Ech fänken als éischt emol – wéi d'Madame Bofferding dat elo kuerz ugeschwat huet –, mat der Form vun der Motioun un. Fir mech ass emol déi éischt Fro: Ouni politesch Revendikatioun ass d'Motioun u sech fir mech éischter eng Quesitioun un de Schäfferot gewiescht. Ech soen lech trotzdem Merci, well et ass e ganz wichtige Sujet. An et ass och, mengen ech, elementar, wéi den Här Bernard gesot huet, datt mer dat hei och diskutéieren. A wann dat de Wee ass, datt mer haut hei dovu schwätzen, dann ass et schonn e gudde Schrott an déi richteg Richtung.

Als éischt emol wëll ech ervirhiewen, datt dëst e wichtige Sujet ass, awer net nämmen a Krisenzäiten, mä émmer. Well d'Flüchtlingsstréim kommen net nämmen elo, mä déi komme permanent sät Joren hei un. Et ass awer elo gutt, datt dat emol endlech thematiséiert gëtt.

Als Éischt wollt ech och emol dem Här Bernard Merci soe fir déi politesch Aspekter, déi e ginn huet. Engersäits läit et un enger krichsdreiwege Politik, déi gemaach ginn ass. Mä och drun, datt Länner Waffenexporten héichdreiven, fir hir Konjunktur unzedreiven. An datt Ausseminister léiwer Kollege sinn an d'Diplomatie iwver d'Demokratie stellen. An dat ass e grousse Problem.

Et ass och, wéi Der gesot hutt, mam Kapital. Well all Krich muss finanzéiert ginn, an do ass Lëtzebuerg och leider keen onbeschriwwend Blat. Ech mengen, do hu mer all eng grouss Responsabilitéit als Land ze huelen.

Duerfir fannen ech och den Appell vum Minister Kersch un d'Nationalsolidaritéit richteg. An engem System, wou mer gutt profitéieren, musse mer och herno solidaresch ginn, wann e Verbriechen undreift.

Eis Motioun vun 2012 géint Xenophobie énnersträcht déi Wichtegkeet, dat haut ze debattéieren. Ech mengen, wa mer eis zréck erënneren, 2012 gouf et schonn eng Demonstriatioun zu Péiteng géint eng geplangten Énnerkunft fir Demandeurs d'asile. Deemoools hu mer gesinn, wéi d'Hetzer hei aus dem Land um Ter-

rain virginn, fir mat den Ängsche vun de Leit ze spullen. An och wéi skrupellos verschidde rietspopulistesch Politiker hei sinn an do op Wielerfang waren.

Mir hu momentan keng däitsch Zoustänn mat e puer Bronger, mä ech mengen, wa mer an de soziale Medie gesinn – an net némmen do, och an de Fore vun den Zeitungen –, wat énnert verschidden Articlele gepost gëtt, ech mengen da stinn eis awer all d'Hoer zu Bierg. Well do gëtt gehetzt géint den Asyltourismus, géint Asylanteschwemm, d'Iwwerfriemung an ech weess net wat nach alles. Et gëtt Haass an Exklusioun gepriedegt.

An ech mengen, dat ass och net némmen do ze verantworten, well et gëtt jo och engersäits an der Politik virgiefelt, vun heiansdo manner honorabelen Députéierten. Déi eben eng Politik acclaméieren, déi Grenzen zousetzt an d'Leit op engem Drot, loosse mer emol esou soen, verrecke léisst, mam Stacheldrot.

An dës allesamt sinn Attacken op eis Gesellschaft. An duerfir fannen ech, datt et émsou méi wichteg ass, datt mer eis an der Politik kloer positionéiere müssen an transparent, wéi Dir fuerdert, undeen Dossier eruginn. Ech mengen, 2012 hu mer jo schonn eng Kéier gesot „No Pasarán“ – bis heihinn, hei geet et net weider fir lech. Mä dee Message, dee musse mer och méi proaktiv erausdroen.

Dir hutt et ugeschwat: Den Unesco-Städtebündnis, dee mengen ech vum Här Codello deemools présentéiert ginn ass, musse mer awer proaktiv och méi visibel op eis Internetsäit droen. Well et ass zim-lech verstoppt – la moindre des choses qu'on puisse dire. An dat ass eng Politik, déi mer op der Internetsäit an iwwerall op eis Handye musse sträichen. Hei ass Esch, mir si faarweg, mir sinn net brong. An ech mengen, dat ass e wichtige Message, dee mer haut op de Wee musse ginn.

Et ass och bekannt, datt Esch säit laangem schonn aktiv ass an Demandeurs d'asile ophélt an hebergéiert. A mir hunn net, wéi d'Madame Buergermeeschtesch gesot huet, op d'Kris gewaart, fir Verantwortung ze iwwerhuelen.

Ech sinn och ganz erfreet, datt Der nach énnestrach hutt, wéi wichteg Mixitéit och bei engem Dossier Réfugiés ass, fir eng Ghettorisatioun ze verhänneren. Wat eben d'Resultat ass vun deenen, solle mer soen, vorrübergehende Solutiounen do, esou eng Zeltstad opzerichten. Elo gëtt dat opgeriicht, mä wat ass an e puer Méint? Wat passéiert mat deene Leit? An, wéi den Här Codello och énnestrach huet, déi mussen och eppes ugebueder kréien. Duerfir fannen ech, datt net ném-

men Integratioun wichteg an där Fro ass, mä och d'Inclusioun an d'Gesellschaft. Et gëtt net d'Integratioun fir náischt. Ech mengen, dat muss eis all bewosst sinn. Mir mussen Efforte maachen, ob et finanziell ass oder net.

Am Sport gëtt et e Projet d'intégration zu Hamburg, dat ass den FC Lampedusa. An dat énnestrach och, wéi wichteg et ass, Projets d'intégration zesumme mat den Demandeurs d'asile erauszeschaffen. Et ass net némmen, wat mir ubidden. Mä vläicht och eppes zesumme mat hinnen ausschaffen, dat mer kënnen ubidden, wat laangfristeg och esou Ziler huet. Mä et ass awer och émsou méi erfreelech, nach haut ze héieren, datt d'Sportsclubb all ugeschriwwen gi sinn an do wélle matmaachen.

Kultur ass och e ganz wichtige Punkt, d'Intégration par la culture – dat huet alles d'Assises de l'intégration virun e puer Joer ervirgestrach, wéi wichteg déi Punkte sinn, fir d'Leit ze integréieren. An natierlech och d'Sproochen an d'Coursen, wéi Der gesot hutt.

Privatinitiativen: Do fannen ech och elo ganz gutt, datt mer héieren hunn, datt d'Gemeng Esch Privatinitiativen énnestézt a koordinéiert, och e bësse mat Logistik mécht. An ech sinn och op der Madame Bofferding hir Antwort, d'Antwort op d'Question parlementaire gespaant, wat do elo erauskéint.

Mä et deet mer leed, alles, wat mir maachen oder maache kënnen, ass némmen eng Drëps op e waarme Steen. Soulaang mir sammelen, koordinéieren a maache wat mer wëllen, huet dat némmen e minimalen Effekt op déi Leit. A wann nach op der anerer Säit Politiker – a wou och mir all, bal all eis Parteie mat responsabel sinn – en eisernen Drot bauen, ob et zu Land oder um Mier ass. An dat ass den Haaptproblem, deen ech hunn. Do misst d'Politik vläicht aner Weeér aschloen, wéi se bis elo ageschloen hat. Well soss gëtt de Problem némmen nach agravéiert, an dann diskutéiere mer an engem Joer nach eng Kéier driwwer. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerete fir déi wierklich grouss Énnestézung iwwert déi Thematik. An och dofir, wéi mir hei zu Esch souwisou alleguereten, als Parteien heibannen, émmer mat den Themen Integratioun, Flüchtlingen, och bei anere Projeten, déi national, respektiv um europäeschen Niveau lafen, émgaange sinn. Do wierklich e ganz grousse Merci un lech alleguereten. Ech mengen, dat war émmer de Fall. Ech kennen eis allegueren esou.

Ech wéilt direkt, ier ech dem Här Mischo d'Wuert nach eng Kéier ginn, soen, datt och de Schäfferot dés Motioun net unhëlt, well d'Inviten émgesat sinn oder ginn, scho méi laang amgaange sinn. An de Schäfferot dofir och dés Motioun natierlech ofstëmme léisst, awer net wéll unhuelen. Ech ginn lech nach eng Kéier d'Wuert, Här Mischo.“

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. De But vun déser Motioun war emol sécher net, eng geo-politesch Diskussioun hei ze féieren, well mir der Meenung sinn, dass hei den Escher Gemengerot net grad d'Plaz ass, fir geo-politesch Diskussiounen ze féieren. De But war schonn, iwwert d'Problematik ze schwätzen an Informatiouen ze kréien, wat zu Esch geschitt, wann de Fall antrëtt, wann eng Situations sech even-tuell och nach agravéiert.

Dofir si mer och vrou iwwert d'Mesuren, déi Der eis duergeluecht hutt, dass mer déi Informatioun kritt hunn. Mir wollten nämlech als Gemengerot dorriwwer informéiert sinn, well mir all gemierkt hunn – ech mengen, ech kann och fir déi aner Parteien oder déi aner Kollegen a Kolleginne schwätzen –, dass mir bestëmmmt net iwwert allegueren déi Mesuren do informéiert waren, déi elo opgezielt gi sinn.

An et war och de But, fir den Escher alle-guereten déi Informatiouen do matze-deelen, wat fir Méiglechkeete si hunn, wa Flüchtlingen hei op Esch kommen. Wat fir eng Méiglechkeete si hunn, ze héllefen, iergendwéi eng Hand mat unze-paken.

Dat war am Fong geholl de But vun déser Motioun, fir dass mer mol genau wéissen, wat geschitt. An dofir wollte mer se trotzdem awer zum Vote komme loos-en.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat ass och absolut richteg a wäertvoll elo hei gewiescht. Mir hate souwisou geplangt gehat, eng éffentlech Sitzung ze maachen. A well e puer Saachen e bëssen daueran, wéi dat mam Arabeschen iwwersetzen oder sou, wier et net onbedéngt haut gewiescht, mä mir hätten de Gemengerot an d'Éffent-lechkeet informéiert.

Et sinn nach e puer Saachen en attente. Also den Internetsite gëtt gemaach, dat sinn alles méi technesch Saachen och, déi nach musse geregelt ginn. Elo awer scho bekannt dann, datt d'Leit sech hei kënne mellen. Wéi gesot, et gëtt och op dem Internetsite richteg visibel gesat. Et war keng falsch Initiativ Här Mischo. Ver-stiit et net falsch. Awer mat den Inviten

kënne mir d'Motioun natierlech esou net unhuelen. Mer mussen elo nach au vote kommen."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Ech wéilt kuerz dem Här Hansen äntworten. D'iwwernächst Woch kënnst de Verwaltungsrot vun dem Städtebündnis géint de Rassismus zesummen. Annerhallwen Dag um Ordre du jour, d'Gemenge face à la vague des réfugiés. Ech wäert do eis Mesuré virstellen. Ech wéll de Punkt net op den Ordre du jour setzen, mä ech ver sprechen lech, datt ech lech d'Konklusiounen aus där Verwaltungsrotssitzung zoukomme loossen a wéi mer do weiderfueren, an och da méi présentéieren um Internetsite.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerte fir déi grouss Zoustëmmung. An da géife mer zum Vote kommen.“

Motion CSV concernant la situation des réfugiés

Depuis des mois des milliers de réfugiés du Proche-Orient et surtout de Syrie tentent de sauver leurs vies en rejoignant les pays d'Europe. Ces dernières semaines la situation se dramatise de jour en jour. Approximativement 160.000 réfugiés doivent être répartis dans les différents pays de l'Union Européenne.

Le Conseil Communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette,

- Considérant que le flux de réfugiés ne semble pas avoir atteint ses limites ;
- Considérant que la situation actuelle met à l'épreuve la capacité d'accueil de tous les pays d'Europe ;
- Considérant qu'un nombre important de réfugiés seront pris en charge par le Gouvernement luxembourgeois ;
- Considérant que le Gouvernement demande la participation active de ses communes.

Invite le Collège des Bourgmestre et Echevins,

- à informer le conseil communal sur une éventuelle requête du Gouvernement concernant la prise en charge de réfugiés ;
- à présenter, dans ce cas, les possibilités d'accueil sur le territoire de la ville d'Esch-sur-Alzette ;
- à préciser si certains sites ou bâtiments ont déjà été sélectionnés a cet effet, et si la capacité totale des futurs logements est connue ;
- à faire part des mesures de financement de ces projets, et implicitement, à informer si une aide financière de l'Etat luxembourgeois est prévue ;
- à vérifier si les services communaux de la Ville d'Esch ont les moyens nécessaires pour

le bon déroulement de la prise en charge des réfugiés.

*Pour la fraction du CSV, Georges Mischo
Conseiller communal*

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide par 4 voix oui, 10 voix non et 4 abstentions de rejeter la motion du parti chrétien-social.

Voix contre: Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth

Abstentions: M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Guy Kersch – M. Pierre-Marc Knaff

An ech géif och betounen, et muss een och e bësselchen iwwert den Tellerrand erausgesinn. Net némmen elo schockéiert sinn, wat elo alles op eis duerkéint, mä och déi Consideratiounen, déi den Här Bernard awer an d'Feld geféiert huet, wou kënnnt dat Ganzt dann hier, vu geostrategeschen an imperialisteschen Interessen..."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir sinn, Här Kersch...“

Guy Kersch (déi Lénk): „.... a Waffenhandel...“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat hätt zur Diskussiou gehiéiert.“

Guy Kersch (déi Lénk): „Fannen ech och gutt, datt dat gesot ginn ass. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir sinn eis, mengen ech, all eens, ob mer elo enthalen oder dogéint sinn. Wierklech, mir sinn eis eens iwwer d'Politik, wéi mer se gesinn. Merci alle guerten. Da komme mer elo zu de Personalfroen.“

8. Questions de personnel; décision

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Den éischte Punkt ass eng Suppressioun vun engem Posten Employé carrière A am Service des archives, well mer deen duerch e Redakterposten ersat hunn. An déi Madame huet och de 15. September hir Aufgaben hei ugeholl, an dofir bieden ech lech de Posten an der Carrière A an dem Service des archives ze suppriméieren. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la suppression d'un poste auprès du service des archives.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „D'Punkten 8.2 an 8.3 kenne mer zesummenhuelen. Dëst sinn zwou Prolongations de stage. Dat ass alt erëm, wéi émmer, well d'Datums vun den Examens mam Ministère net esou concordéiere wéi mat der Stagezäit a mat de Resultater. An duerfir musse mer déi zwee Stagen do prolongéieren. Dat ass bei der Madame Julie Barthel a bei der Madame Kim Klein, déi allenzwee am Office social schaffen. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferdung – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la prolongation de deux stages.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Mir hunn nach eng Augmentatioun vu Stonnen am Conservatoire vun der Madame Valérie Knabe. Vu 5 op 10 Stonnen wier déi Augmentatioun ze stëmmen. Au Vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferdung – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la nouvelle fixation du nombre de cours hebdomadaires d'une chargée de cours du conservatoire de musique.

9. Convention: Contrat d'affichage sur le territoire de la commune d'Esch-sur-Alzette avec la société Publi-Lux; décision

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Merci Här Codello. Nächste Riedner: Här Hinterscheid iwwert d'Konventioun Publi-Lux.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Et ass eng Konventioun, déi dréit sech ém den Affichage um Territoire vun Esch. Mir haten eng Konventioun vir-drun, déi war ausgelaf. An déi war och net méi esou kloer. Dofir hu mir selwer och d'Initiativ geholl, fir se definitiv ze kënnegene, fir se nei ze negocierieren, fir emol den Objet kloer ze maachen, ém wat dass et sech dréit.

Ech mengen, et ass eng Konventioun, déi mer mat Publi-Lux ofschléissen. Wou mer soen, dass Publi-Lux den Droit exclusif huet, fir den Affichage ze maachen um Mobilier urbain. An de Mobilier urbain, dat ass wichteg, begräift och d'Abribus, déi grouss Planimeteren, déi mer gesinn, d'Colonne d'affichage an déi grouss Panneauen, déi Der iwverall op der Säit vun de Stroosse gesitt. An och eventuell weider grouss Panneauen an der Zukunft. Et ass och elo wichteg gewiescht, fir déi Konventioun ze maachen, well jo och nach d'Extensioun op Belval dobäikënnnt. Mir hunn eis och virbehalen, dass mer weider nei Medie kënnen huelen, wéi grouss LED-Panneauen. An de Concessaire, deementspriechend Publi-Lux, kann do och Nee soen. A wann en dat mécht, dann iwverhuele mir.

Wat wichteg ass ervirzehiewen, dat ass, dass d'Abribus vun der Publi-Lux dohigesat an énnerhale ginn, dass do d'Käschten och bei der Publi-Lux leien. Ausser dem Génie civil, dat heescht d'Base, d'Fondamenter an dat, wat een eventuell dobäi muss maachen. Dat ass en net-onwesentleche Käschtepunkt, deen eis do entfällt, well mir den Invest vun den Abribus als solch net méi brauchen ze maachen. An de Concessionnaire muss och all déi Saachen an engem État de propreté impeccable énnerhalen.

Et ass och esou, dass mir dofir eppes kréien an zwar 22% vun den Netto-Recetten. An do war an der Finanzkommissiou och elo nach eng Kéier eng Fro, an no Récksprooch, och mat eise Juristen, hu mer dat awer ganz kloer esou verstanen, dass de Minimum, dee mer erakréien, dann nach 100.000 Euro pro Joer ass. Déi al Konventioun war och manner favorabel. Wa mir selwer fir eis euge Besoinen op deene grousse Planimeteren, op deene richteg grousse Publicitéiten – ech huele Beachvolley, ech huelen aner Aktivitéiten, déi mer maachen –, Reklamm maachen, da kréie mer elo eng Remise vu 50%; virdru war et eng Remise vu 25%. Déi Konventioun hëlt Effet op den 1. Oktober dëst Joer a leeft iwwer zwielef Joer. Zwielef Joer ass relativ laang. Mä et ass natierlech och esou, dass déi Leit, déi an déi Abribus investéieren, och déi Sue mussen erémkréien.

Eppes, wat ganz wichteg ass, dat ass d'Conformité de la publicité. De Concessaire brauch am Prinzip keen Accord préalable vun eis ze hunn, wat d'Affichen ugeet. Allerdéngs kenne mir fir Motiver, déi mir mengen, dass se justifiérert wären, Publicité refuséieren a soen, déi do musst Der ewechhuelen, well dat net conforme ass. Ech huelen elo d'Beispill: Mir sinn an der Réfugiédiskussion gewiescht, wann do iergendeen Hassspolen oder esou géif dorop wëlle publizieren, hu mir schonn d'Recht, fir do ze soen, dat do muss ewech, dat wëlle mir net op eisem Territoire.

Ech mengen, alles an allem ass et eng Konventioun, wéi Der vill sinn. D'Stad Lëtzebuerg huet dat alles mat Decaux gemaach. Déi Konventiounen do gëtt et zum Beispill och fir den TICE, deen huet esou eng.

A wat fir eis wichteg ass, dat ass, dass et kloer ass, dass déi Planimeteren, dass déi Abribus och an der Zukunft vun hinnen énnerhale ginn. A si wollten dat och elo méi kloer hunn, notamment, well den Territoire vun Esch-Belval dobäikënnnt, deen de Moment nach net an eisem Domaine communal ass. Wéi alles dat, wat mer nach net iwverholl hunn, wat awer elo iergendwann an eisen Domaine public eriwwerkënnnt.

Dir hutt och déi Clibb dobäileien, wou mer mengen, déi kéinten an de Genoss vun deene Reduktiounen kommen. Mir müssen dat do herno natierlech och selwer als Schäfferot gutt an equilibréiert maachen, dass do jiddweree kann an de Genoss kommen, och en fonction vun deenen Aktivitéiten, déi mir als wichteg consideréieren. An dat sinn emol notamment all déi, mat deene mer Konventiounen och als Stad hunn, déi am Gemengerot waren.

D'Finanzkommissiou huet do deen Avis ginn, mä ech hunn och nach virdru mat eiser Juristin nach eng Kéier Récksprooch geholl. Mir verstinn et esou, dass mir 100.000 Euro sécher hunn. An alles, wat iwwer déi 100.000 Euro erausgeet, dann op jidde Fall 22% vun de Recetten.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hinterscheid. Eng Fro? Madame Freis.“

Astrid Freis (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ech wollt just eppes kuerz hei nofroen. Wéi den Här Hinterscheid jo schonn erkläert huet, kritt elo Publi-Lux den Droit exclusif iwwert Esch, fir Publicitéit ze maachen. An huet dat jo alles erkläert, da bleift am Fong net méi ganz vill Plaz fir déi Publicitéit, déi mir wëlle maache vum

Geschäftsverband aus, déi mer souwisou schonn immens deier bezuelen.

Ech wollt just hei kuerz vermerken, dass mir e Budget vun 100.000 Euro d'joer hu fir d'Publicitéit. An do vunner gi 70% effektiv an den Affichage. D'lescht Joer hu mer fir déi dräi Braderie bal 35.000 Euro bezuelt, fir op deenen honnert Panneauen kenne matzewieren, wat net wéineg ass. Dann hätt ech just nach eng Fro: Si hunn dann och nach e Recht, wann elo nach en anere géif op eng Idee kommen, fir iergendeng Publicitéit ze maachen. Sou, wéi zum Beispill, virun e puer Joer war ech eng Kéier bei d'Madame Mutsch komm, fir ze froen, ob mir kéinten e Panneau publicitaire installéieren. An do ware mer net op oppen Ouere gestouss, well do ass gesot ginn, da géifen d'Leit voll gestach gi mat Publicitéiten an esou virun. An dat wier net positiv fir Esch.

An do sinn ech nämlech bei den Other Buergermeeschter gaangen, an do hu mer dann dee Panneau publicitaire zu Audun gestatt kritt. Wou mer dann eis Pub kënnen dropmaachen zu engem vill méi gënschtege Präis, dat heescht zu engem Gratispräis. Dat hate mer ausgehandelt mat därféiniger Sociétéit.

Dat heescht, wa mir elo Publicitéit wëlle maachen, well do ganz vill Trafic ass vun Esch op Audun an och erëm zréck, do hu mir dann dräi Passagé gratis vum Geschäftsverband. Wou mer och schonn natierlech, wa mer náisch unzebidden haten, den Escher Veräiner wéi der Kulturfabrik oder eben elo dem Kulturlaf oder dem Syndicat dann eise Passage zur Verfügung gestallt hunn. An dat ass dann nach émmer natierlech bei deene Leit ganz gutt ukomm. A si hunn also en Droit de regard sou zimlech op alles.

Dass d'Gemeng do 22% kritt, dat fannen ech gutt, well mat 100.000 Euro d'joer, dat ass scho bal e Witz, wat de Minimum soll sinn. Ech sinn elo hei vläicht an enger schlechter Positioun, fir elo géint e Geschäftsmann ze schwätzen. Dat ass och guer net de Senn vun der Geschicht. De Senn vun der Geschicht ass einfach, wa si scho vun engem Client wéi dem Geschäftsverband 30.000 Euro d'joer kréien – an op deene mobile Panneauen do lafe jo 40-50 Publicitéiten an der Stonn –, da kenne mer eis jo ausrechnen, dass se net grad ganz schlecht ewechkommen an dass 100.000 Euro elo net de Super-Lotto-Gewënn ass.

Dass d'Geschäftsleit musse Sue verdén-gen, dat énnerstëtzen ech 100%. Dass mer och keen Droit de regard op d'Publicitéit hunn, dat verstinn ech och, dat fannen ech och normal. Obschonn ech net ganz frò sinn, wa vu 50 Publicitéiten der 30 vun Zweibrücken a vu Marques Ave-

nue a vun aner Länner sinn. Also eis Nopeschlänner däerfe jo och hei Publicitéit maachen, do kenne mer jo náisch maachen. Dat akzeptéieren ech och.

Dass si do e Kontrakt hu vun zwielef Joer fannen ech och vill, well vläicht nei Leit mat neien Iddien a mat méi bëlle Präsesser fir d'Geschäftsleit guer keng Chance kréien, fir sech an deenen nächsten zwielef Joer iergendwéi hei ze mellen. A wat mech am Fong am meeschte stéiert, dat ass, dass mir an däi Léscht net figuréieren – wou mer jo awer émmer soen, d'ACIAE an d'Gemeng schaffe super zesummen, de Syndicat och. Mir gi jo super eens, dat ass guer kee Problem. Ech gräifen do e bësse vir fir de Syndicat. Wou mir och déi gréissten Evenementer hei an Esch maachen, fir Leit erof ze kréien, eis dräi Braderien, de Syndicat, de Kleeschen, den Émzuch, all déi Saachen. Mir maache bal all Mount eppes, a mir kënnen némme mat Publi-Lux zesummeschaffe, mat deenen 30.000 Euro, well mer einfach net méi Suen hunn.

Ech sinn total averstanen, dass déi Léscht hei korrekt ass, dass do déi Leit wéi d'Esperance, den Handball an esou da 50% kréien, wa se hir Pub maachen. An hei géif jo am Fong d'Gemeng náisch verléieren, wa mir och als Geschäftsverband, sou wéi de Syndicat, wéinstens och kéinte vun deene 50% Publicitéit profitéieren. Ech fannen dat wär de Minimum fir dat, wat mir maachen, fir Leit op Esch ze kréien. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Freis. Ech ginn dem Här Hinterscheid d'Wuert, fir ze äntworten.“

Guy Kersch (déi Lénk): „Wann ech gelift.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Kersch, Dir musst lech...“

Guy Kersch (déi Lénk): „Eng Zousazfro, wat och klenger Geschäftsleit betréfft, déi sech net déi deier Loyeren an der Uelzechstrooss kenne leeschten. Déi hunn dacks esou eng kleng Publicitéit de proximité an der Uelzechstrooss – 20 Meter an der Niewestrooss, oder 50 Meter no riets oder no lénks fannt Der mäi Buttek. An déi hu scho mam Iwwerliewen ze kämpfen, an ech gesinn doranner eng Gefor, wa mer elo engem den absolute Monopol ginn. Ech mengen, esou Saache müssen onbedéngt weider erlaabt bleiwen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Kersch, den Här Hinter-

scheid hätt lech elo scho geäntwert. Loosst den Här Hinterscheid emol sech explizéieren.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci. Ech mengen, et kann een elo soen, déi 100.000 Euro garantéiert, dat mag wéineg kléngen. Mer däerfen awer net vergiessen, dass do den Invest vun den Abribus dran ass. Dat ass jo net náisch. Dat ass net náisch, all déi Abribus, déi an Esch stinn, déi énnerhale ginn, déi vun hinnen dohi gesat ginn.

Iwwert déi 50%: déi Léscht, déi elo hannendru läit: déi ass à titre indicatif. Wa mir gär hätten, dass de Geschäftsverband – net en eenzelne Commerçant, dat wëll ech kloer soen, mä de Geschäftsverband – oder de City Tourist Office fir eng Kavalkad, fir eng Braderie och ka mat an déi Léscht kommen, da kënnt dee mat an déi Léscht.

Dat heescht, mir hunn eng Konventioun. D'Iddi war bei eis d'Konventioun mat deene Veräiner, wou mir souwisou Konventiounen hunn, oder mat deenen Associatiounen – ech wëll net soen, dass de Geschäftsverband e Veräin ass –, mä mat deenen Associatiounen, wou mer Konventiounen hunn, dass mer eis dorop prioritär fixéieren. An dass dat d'Guide-line ass. A mir hunn esouwuel mam City Tourist Office wéi mat der ACIAE eng Konventioun, esou dass ech och do kee Problem gesinn, dass déi do kenne mat dovun notzen.

Ech mengen, dass een à la limite net ka verbidden, wa se fir Möbel Martin – fir deen emol esou ze nennen – do Reklamm maachen. Mä dat mécht eis Dagespress och. Do hu mer Inletten dra leien, an an alle Wochenzeitungen hu mer der och dra leien. Ech mengen, do si mer net dogéint gefeit.

Wat eis wichteg war, dat ass, dass mer kënnen ethesch do agräifen, wann et eppes ass, wat awer géint eis ethesch Prinzipie vun eiser Politik, vun eiser Escher Approche an eisem Escher Verständnis vun der Gesellschaft géif stoen.

Ech mengen, Här Kersch, de Problem, deen Der sot, ass net domat tangéiert. Dat hei sinn déi grouss Planimeteren, déi grouss Supporte fir Publicitéit. Dat, wat Dir sot, wann do een an der Uelzechstrooss säi Schéld dohisetzt, hei mäi Commerce ass 30 Meter niewendrun, dat ass net domat tangéiert.

Woubäi ech awer wëll soen, dass mer eis iwwer kuerz oder laang müssen e Reglement ginn, wéi mer domat émginn an der Uelzechstrooss. Well jiddwereen ufänkt, do seng Panneauen ze setzen, wat iergendwéi och net méi geuerdnet ass an en anstännegt Bild aussätz. An do

musse mer elo Reflexioune féieren, wéi mer deene Leit an der Uelzechtstrooss d'Méiglechkeet ginn, déi an de Parallelstroosse sinn, fir ze soen, hei mäi Commerce ass do. Also dee Problem ass erkannt, mä deen ass net domat tangéiert. An ech mengen, Dir hutt recht, dass et heiansdo och wichteg ass, dass een op esou eppes kann hiweiseen. Ech mengen, déi zwielef Joer, déi muss een einfach gesinn an deem Kontext vun deem Invest. Esou een Abribus kascht och richteg Suen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci“.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Ech hu wohlweislech vum City Tourist Office a vun der ACAIE geschwatt. Ech mengen, wann et elo net sollt verstanne sinn, steet et op jidde Fall herno am Anatlyeschen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Nodeem all déi Froe positiv gekläert gi sinn, géif ech elo bidden zum Vote ze kommen.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Boffering – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le contrat d'affichage sur le territoire de la commune d'Esch-sur-Alzette avec la société Publi-Lux.

10. Finances communales:

- a) Fixation du taux de l'impôt foncier; décision
- b) Fixation du taux de l'impôt commercial; décision
- c) Taxe relative au service Nightrider; décision
- d) Taxe relative à la facturation des repas; décision
- e) Décomptes 2014; décision
- f) Recettes 2014:
- i) Maison Relais – Participation au projet «Maison Relais fuerscht»; décision
- ii) Electricité et Eclairage – remboursement accident; décision

- iii) Parc Animalier – Vente d'animaux; décision
- iv) Eclairage Public; décision
- v) Ateliers communaux – Ferraille; décision
- vi) Enseignement – remboursement frais déblayage – scalare; décision
- g) Relevé et Rôle Supplétif; décision
- h) Devis:
- i) Aménagement des alentours de l'école «Hiel»; décision
- ii) Aménagement d'une aire de manœuvre pour bus au Galgebierg; décision
- iii) Réaménagement de la voirie entre la rue Nelson Mandela et la rue du Brill; décision
- i) Modification budgétaire: renaturation Dipbach; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Déi nächst Punkte misste méi zügeg goen. De Punkt 10: Gemengefinanzen. Et geet ém d'Festleeling vum Taux vum Impôt foncier, dee mer nach wie vor welle beloosse bei de Prozentsätz, wéi se lech virleien. An dat zweet ass den Impôt commercial. Och dee bleibt bei 325% bestoen. Mir setzen en net erof an am Moment och net erop. Dir kritt mat, datt d'Diskussion um nationalen Niveau vun dem Här Inneminister gefouert gëtt, fir ze probéieren, en eenheetlechen Taux an d'ganzt Land eranzekréien. Mir bleiwe bei deem doten a schloen lech vir, deem och zouzestëmmen. Au vote. Geet dat déi zwee mateneen? Jo.“

Conseillers présents:

Mme Taina Boffering – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la fixation du taux de l'impôt foncier et la fixation du taux de l'impôt commercial.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Hinterscheid huet d'Wuert betreffend den Nightrider.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Et ass am Fong eng Regularisatioun vun

enger Situations, wou dem Contrôle opgefall ass. Et ass esou, dass d'Konvention mam Nightrider virgesait, dass wann eng Fahrt, déi bestallt ass, net genotzt gëtt an net an engem raisonnabelen Délai decommandéiert gëtt, d'Gemmeng déi a Rechnung gestallt kritt. Dem Intérieur war dat opgefall. Dat hu mer och bis elo gemaach. Mir hunn dat och fakturéiert, mir hunn et och bezuelt kritt. An den Intérieur huet eis mat recht drop higewisen: Dir musst eigentlech eng Tax dofir hunn.

An elo proposéiere mer dann eng Tax, déi esou ass, dass „les courses Nightrider non décommandées endéans les délais convenus seront facturées à l'utilisateur au tarif de l'exploitant du service; au cas où une course n'a pas été décommandée dans les délais conventionnels, la carte est bloquée et ne pourra être débloquée que contre le paiement à la Ville d'Esch-sur-Alzette du montant en souffrance. Le montant est défini par le prix fixé par le transporteur Sales-Lentz.“ Dat ass deen, mat deem d'Konvention Nightrider besteet. An domat si mer da conforme mat deenen Exigences, déi den Intérieur an de Contrôle communal gär hätten, dass mer maachen.

Ech wéll awer dobäifügen, dass mer musse virum Joresenn eng Diskussion féieren, souwuel um Niveau vum Pro-Sud, wéi awer och um Niveau vun eis, wat den Avenir an den Devenir vun deem Nightrider ass. Well déi Konvention leeft elo némmen nach bis zum 31.12. dëst Joer. Et ass esou, dass de Staat, dee bis dohin de Sales-Lentz iwwert d'Konvention direkt de Montant subventioniéert huet, dat elo net méi mécht an de Gemengen eigentlech eng Subvention gëtt, wa se d'Konzept vum Latenight-Bus hunn. An dofir kréien d'Gemengen dann eng Subvention. Mir müssen do kucken, wat dat fir eis an der Zukunft bedeit.

Mir sinn eigentlech eng vun deene Gemengen, déi an der Proportioun vun deenen aneren den Nightrider am wéinegst gebraucht, well awer op eisem Territoire nach vill och selwer lass ass. Soudass mir musse kucken, wéi mer eis do positionéieren. An iwwerhaapt, aner Gemenge sinn amgaang, déiselwecht Reflexioune féieren. Wéi d'Aufgabestellung vum Nightrider oder vun engem eventuelle Latenight-Bus, deen an der Region organiséiert gëtt, an der Zukunft ass.

Mä dat hei ass elo némme fir dat ze regulariséieren, wat den Intérieur monéiert huet, wa mer dem Client net genotzte Fahrte refacturéieren. Dat hält sech jo och a Grenzen. Dat waren d'lescht Joer ronn 500 Euro, dëst Joer sinn et 300 Euro. Also et sinn ni vill Leit. Mä wann een et net géif

10. Finances communales

facturéieren, a wann dat sech net géif erémschwätzen, da géif wahrscheinlech vill bestallt an net genotzt ginn."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Solle mer déi nächst och nach virstellen an dann eventuell alles zesumme stëmmen? Da komme mer zu der Facturatioun vun de Repas an de Maisons relais. Dat heescht, dat eent ass, datt mer jo och un d'Privat-crèchen lesse verkafen a kache fir si. An do ass den Tarif festgeluecht ginn op 6,5 Euro pro Repas. A fir d'Maisons relais vun dem CIGL, déi eis jo och énnerstëtzzt an der Betreitung vu Kanner an déi keng eege Kichen huet, ass de Präis, wéi och bei den aneren, op 2 Euro pro Repas festgesat ginn. Da géif ech lech bidden, elo allegueren deenen Taxen zouzestëmmen, wann ech gelift.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Boffering – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les taxes relatives au service Nightrider et à la facturation des repas préparés par les cuisines des Maisons relais.

Dir wésst alleguerten, datt mer de Projet am Quartier Wobrécken dunn ugesiedelt hunn, do wou déi Gréng Schoul ass a wou och déi nei Wobrécke Schoul soll hikommen. An dat hu mer Ufank des Joers an enger öffentlecher Versammlung dem Quartier Wobrécke och ganz breit virgestallt gehat.

Et ass och esou, datt de Projet am Quar-tier gutt ukomm ass. E Métwoch den Owend waren dräi Commission-jointen, d'Finanz-, den Drëtten Alter a d'Sozial-kommissioun zesummen, wou de Projet och nach eng Kéier virgestallt ginn ass.

An ech wéilt vlächt kuerz drop agoen, wat an deem Ganzen elo virläit.

Wéi gesot, et ass déi zweet Maison de soins vun der Asbl; et ass keen Altersheim. A wann ech 'Asbl' betounen, da bedeit dat, datt all déi Revenuen, déi bei der Asbl erakommen, direkt zréck inves-tiéiert ginn an dat Fleegeheim. De Conseil d'administration kritt keng Jetonen.

Wat elo u Projet virläit hei zu Esch ass eng Maison de soins. Dat bedeit, si huele Leit op, déi entweder physesch oder psychesch dépendant sinn. An et soll e Maximum vun 130 Zëmmere gemaach ginn. Déi definitiv Baupläng kommen natierlech, wann dat Ganzt definitiv geplangt ass.

Dir wésst, datt mer parallel eng Schoul do plangen, wou och dräi Projete virleien

a wou den Architektoncours uge-faangen huet. De Jury ass dës Woch och déi éischte Kéier zesummekomm an et ass och zum Deel ofhängeg, wéi dee Projet wäert ausgesinn, wat dann herno och d'Finalitéit ass, also wéi dann den Elysis am Detail wäert ausgesinn. Dat heescht, mir komme souwisou nach eng Kéier heihinner zréck, wat de Bauprojet ugeet. Et gi wéi gesot maximum 130 Zëmmere. Et gëtt ee klengen Deel dovunner reservéiert fir Leit, déi manner dépendant sinn. Dir wésst, et besteht d'Méiglechkeet, sech och anzakafen an den Elysis, fir dann, wann een d'Fleeg brauch – dat ass bei 21 Stonnen –, een da kann innerhalb vun engem Mount an den Elysis opgeholl ginn. Wann een éischter wéll éran, da besteht déi Méiglechkeet och, mä da muss een deementspriechend natierlech méi bezuelen. Dann hänkt een net un der Dépendance drun, un der Assurance an da muss ee méi bezuelen.

Mir hunn eng Rei Saache mat Elysis ver-handelt. Ënnert anerem solle fir den Escher Projet 150 Leit agestallt ginn, also nei Leit agestallt ginn. An et gëtt eng Preferenz fir Leit, déi hei zu Esch age-schriwwen sinn oder déi hei zu Esch wün-nen, wa se d'Qualifikatioun hunn, fir eng Aarbechtsplatz am Elysis ze fannen.

D'Leit, déi an de Projet Elysis ginn, kën-nen hir euge Miwwele matbréngen. Et gëtt och ugeroden, datt se an hirem Eegene weider kenne liewen. A si müssen natierlech Résident vun Esch ginn.

Et wäert dobäi e Restaurant kommen an eng Kichen, déi op der Plaz soll funktio-néieren a wou d'Platen op der Plaz och solle virbereet ginn. All déi Aktivitéiten, déi mer och kenne vun anere Fleegehei-mer an déi och elo um Kierchbierg bestinn, wäerten natierlech och do uge-bueden ginn, wéi eng Chorale, Visiten, Sortien, Bespriechungen, Virliesungen an esou weider.

Et kënnt eng Cafeteria mat engem Kiosk dohinner e Coiffeur, Pédicure, Esthéti-cienne, Restaurant, alles ass och zou-gänglech fir den öffentleche Public. Net némme fir d'Leit do am Fleegeheim, mä fir d'Ëffentlechkeet. An dat ass och e Wunsch vun hinnen a vun eis gewiescht, fir datt dat net en ofgeschlossene Raum ass, wou déi Leit mat kengem Kontakt hunn.

Elysis huet sech och dozou verpflicht, mat lokale Fournisseuren, respektiv Entre-prisen zesummen ze schaffen. Och dat ass, fannen ech, e ganz wichtige Punkt. Si hu sech och bereet erkläert, de Leit, déi do embauchéiert ginn, zesumme mat

Projete wéi zum Beispill der Uni oder dem Südspidol, dem CHEM, Léierplazen

oder en Austausch och vu Stagen unze-bidden. Dat bedeut natierlech Fleege-beräich, Kichen, Entretien, Nettoyage, alles wat do hannendrun hänkt; do wölle si déi Méiglechkeet och onbedéngt ubid-den.

Et ass ganz kloer och festgehalen – dat ass awer och schonn de Fall gewiescht, wou Elysis sech gegrënnt huet, an et ass och elo an eiser Konventioun kloer fest-gehalen –, datt si kee But commercial oder lucratif däerfe suivéieren, weder elo nach an Zukunft.

Mir hunn des Weideren e Contingent vu fénnef Persoune verhandelt, déi vun Esch kommen, wou mir eng Prioritéit als Gemeng hunn, déi mer och kennen nennen, an déi Prioritéit hunn am Flee-geheim Elysis. Natierlech ass et och émmer esou, datt – ech mengen, ech hunn dat schonn ernimmt –, d'Leit natierlech müssen och hir Adress hei zu Esch hunn.

Mir kréien als Gemeng e Membre effectif an de Conseil d'administration fir de Projet vun Esch. Dat ass elo mol esou fest-gehalen. Et ass awer och esou, datt si bei hirer nächster Generalversammlung hir Statute wäerten uppassen an d'Méiglechkeet och opmaachen, datt énnér Émstänn méi Leit kennen erakom-men an datt mer och mat Experte kën-nen zesumme schaffen. Experten, déi och si elo begleide wäerten, beim Bau an och herno.

Wéi gesot, 130 Leit wäert de Maximum sinn u Persounen, déi do wäerten heber-géiert ginn. An de Bail, wat jo och net onwichteg ass, hu mer elo mol mat hinen ofgeschloss op 49 Joer. Dee kann tacitement da renouveléiert ginn, falls keng Partei innerhalb vun engem Joer deen no 49 Joer per Recommandé kén-negt. Da kann en op weider eelef Joer an esou weider verlängert ginn.

Wann d'Approbatioun vun alleguerten de Konventiounen, dem Bail an alleguer-ten den Demanden, déi virleien, ugeet, muss Elysis innerhalb vun dräi Joer no der Énnerschréft hiert Gebai fäerdegen hunn. A si hunn eis och matgedeelt, datt si dovunner ausginn, datt dat innerhalb vu spéitstens zwee Joer kéint de Fall sinn.

D'Redevance, déi si fir den Terrain un d'Escher Gemeng bezuelen, läit bei 115.000 Euro, indexéiert, an ass bezuel-bar all Joer zwéschen dem 1. an 10. Januar.

Si wölle kucken, fir mat der Schoul, déi niewendrun entsteet, kennen Aktivitéi-

ten, souwält et méiglech ass, mat de Kanner ze maachen. Dat ass d'Wobréckeschoul. Do soll e gemeinsame Park, soe mer mol, entstoen. Si wëlle sech un Aktivitéité ronderëm Kleeschen a Chrëschtdag bedeelegen an alles, wat eist kulturell Liewen hei zu Esch bitt. Mam neie Spidol versiche se och a Kontakt ze kommen, fir do och hir Wäsch maachen ze loossen. Bref, si wëlle mat de lokale Partner op jidde Fall zesummeschaffen.

An der Kommissioune hat ech scho gesot gehat, datt et dee 'Problem', entre Guillems, mat der Dipbech gëtt. Dee gëtt et beim Südspidol, dee gëtt et och um Terrain Wobrécken. Och do muss elo gekuckt ginn, wéi déi Pläng adaptéiert ginn, respektiv wéi de Verlaf wäert sinn. Deementsprielend wäert dann och dee Park ugueluecht ginn.

Déi Diskussioune lafen, och vun der Schoul. Respektiv wann elo de Concours vun der Schoul eriwwer ass – mat deem mer dann och mat der Presentatioun hei an de Gemengerot kommen –, wäerten dann och déi Problemer vun der Oppäpelung vun der Dipbech mat intégréiert ginn.

Mir wëllen lech de Projet haut virleeën. Haut de Moien ass de Conseil d'administration vun Elysis bei der Familljeministesch. Dat, fir en eventuelle Subsid unzefroen. Dir musst, wéi gesot, wëssen, dass et eng ASBL ass, déi 45 Millioune wäert an dése Projet investéieren, wat jo net e Klacks ass. An u sech si mer frou, datt mer mat hinnen och konnten allegueren déi eenzel Punkten, déi och wichteg si fir eis Escher Bevëlkerung, respektiv fir d'Gemeng, verhandelen. An datt se do absolut op dofir waren. An ech mengen, datt mer mat aneren, déi méi e kommerzielle But hunn, do méi Problemer gehat hätten, dat ze maachen.

Dir hutt elo d'Informatione kritt. An der Konventioun sinn nach Stärecher op verschidde Punkten, well d'Détailier nach net genau do sinn, wéi grouss den Terrain elo tatsächlech ass. Wann de Concours eriwwer ass, wann elo de Projet définitif fäerdeg ass, da kënnt d'Konventioun, respektiv de Projet définitif an de Gemengerot, fir natierlech gestëmmt ze ginn. De PAP muss och ugepasst ginn. Da kënnt dat. Awer mir wollten lech elo schonn onbedéngt dodriwwer informéieren an op d'mannst de Contrat de bail, dee virläit, vun lech, also vum Gemengerot, stëmmme loossen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Den Här Maroldt, den Här Kersch, d'Madame Bofferding, den Här Majerus, den Här Zwally, den Här Mischo. Den Här Maroldt huet d'Wuert."

François Maroldt (CSV): „Madame Buergermeeschter. Ech wöll virausschécken, dass ech en fin de compte näischt géint de Projet Elysis hunn. Well esou Infrastrukture ginn einfach dréngend gebraucht. An dat wäert och esou bleiwen, well d'Entwicklung vun eiser Gesellschaft dat esou mat sech bringt. Woumadder ech allerdéngs e Problem hunn, dat sinn aner Aspekter, déi dat mat sech bréngen. Mer erlaben enger Institutioune, sech op engem Areal ze etabliéieren, dee virdrun exklusiv dem Enseignement zougestane war. Ech weess, et soll jo och nees eng Schoul dohinner kommen, awer op engem vill méi enke Raum. Well d'Schoul, déi nach gebaut wäert ginn, sech den Terrain Wobrécken mat der neier Infrastruktur muss deelen. Ech bedauerer iwweregens, datt am Dossier d'Pläng feelen. Et ass elo schwéier, wéi Der dat och virdrun erkläert hutt, fir sech eng Iddi vun der Envergure ze maachen. Am Moment schéngt all Mënsch zefriden ze sinn, well jo jiddwereen dat kritt, wat e kuerzfristeg brauch. Mä wéi laang wäert dat dann nach esou bleiwen? Wéi laang wäert et daueran, bis esouwuel déi nei Infrastrukturen an och déi nei Schoul de Besoinen, der steigender Demande entspriechen wäerten. Verpasste Chancen zu Esch: ech kann lech der eng ganz Rei opzielen – kale Kaffi, jo –, mä trotzdem. De Victor Hugo hätte mer sengerzäit fir 50 Millioune Frang kënne kréien. Oder den Hubert Clement, wou d'Escher Gemeng et verpasst huet, d'Initiativ ze ergräifen, fir eng konkret Offer ze maachen, deemoools wéi en Neibau um Terres Rouges an der Planung war. Zu gudden Lescht d'Lux-control-Gebai, an optimaler Lag. fir de Conservatoire, deen eis ugebuude gouf. Was soll's, et ass nun emol geschitt. Hei zu Esch – mä tréisch lech, dat ass op anere Plazen hei am Land och esou –, genüge mer eis virun allem mat schnelle Resultater. An ech vermëssen dobäi d'Nohaltegeet. Iwweregens sengerzäit ee vun deene grousse Schlagwieder hei am Land. An désem Fall tréfft et awer besonnesch zou. An der Téschenzäit si mer Weltmeeschter op désem Punkt; ech denken némmen un d'Escher Spidol. Fir een, deen niewent deem éiwege Chantier wunnt, a leider och regelméisseg Client do ass, ass et schwéier nozevollzéien, datt elo, nodeems esou vill do investéiert ginn ass, op enger anerer Plaz nei gebaut soll ginn. Wat geschitt mam aktuellen Escher Spidol? Do wär jo och eng Méiglechkeet – a Plaz ass jo genuch do –, fir en neit Konzept ze entwéckelen. Seniore Wunnen- gen, mat oder ouni Betreuung, niewent engem Fleegeheim.“

An et sollt kee mer soen, do wär kee Bedarf, wann ech gesinn, wéi schwéier et nach émmer ass, fir Familljemberben an enger Maison de soins énnerzebréngen.

Also net, datt Der mech falsch verstitt: Ech hunn náischt géint de Projet Elysis u sech, mä ech warne just vrun der Limitatioun, deem de Projet au départ ausgesat ass. Also firwat net Solutiounen sichen, déi och laangfristeg Béstand hunn.

No 2000 si mer regelméisseg mat Zukunftsvisionen bombardéiert ginn. Wat ass dovunner iwwereg bliwwen. Net allzevill kéint ee mengen, oder? Mer kachen nees mat Uelzecht Waasser, émsou méi, well de Goss eis feelt. An d'Resultater sinn déi vill PPPen, well eleng hu mer jo net méi d'Moyenen, fir eis Stad selbststänneg ze entwéckelen, geschweig dann ze änneren. Dat bescht Beispill ass de lamentabelen Zoustand vun enger Rei vu Stroossen.

Ech weess, Esch ass am Moment e grousse Chantier. Mä et ass jo jorelaang net genügend énnerhale ginn, well aner Prioritéiten do waren.

Fir ofzeschléissen, an ech widderhuelen nach eng Kéier: Ech sinn net géint e Projet Elysis u sech, mä ech si géint déi Approche, déi mer gewielt hunn. Dat heesch, den Areal ass ze vill wäertvoll, fir dass mer ze vill däers Gudden dodranner erabréngen, sou dass mer dee Projet iwwerlueden. Dat heesch, engersäits déi Altersheim Struktur an dann anersäits nach erém eng Schoul. Ech mengen, den Här Tonner freet jo scho wéi laang émmer fir erém Raum ze kréien, fir seng Schoulen ze installéieren oder ze entwéckelen.

Also ech hätt éischter gesinn, dass mer entweder deen ee Wee oder deen anere Wee ginn. Dat heesch, entweder den Elysis, deen dann och nach Méiglechkeete behält, spéider sech auszubreeden, wann en déi Réussite oder dee Succès kritt, deen Der lech erwart. An ech mengen, mir erwaarden eis dat allegueren. Mir maache jo kee spatzé Mëndchen.

Mä anersäits, war dat doten dee leschten gréisseren fräien Areal. An ech mengen, dat wësst Der, déi scho méi laang hei dobäi sinn, dass ech scho jorelaang soen, do war eng Schoul an ech hätt erém gären eng Schoul dohinner gehat.

Bon, mir hunn eis elo aneschters entscheet, mir ginn en anere Wee. Mä ech muss awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass ech dat doten net gutt fannen. Dat doten ass bal eng Supermarchépolitik. Dat heesch, mir bidden alles un, awer mir sollten eis fir eppes entscheeden. Dat ass meng Meenung.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Maroldt. Den Här Kersch.“

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mir als déi Lénk begréissen, datt dat neit Fleegeheim vun Elysis elo op Esch soll kommen. Mer fannen, datt déi zweetgréisst Stad vum Land genee déi richteg Plaz ass fir esou eng Ariichtung. Mer kréien um Site vun der aler Wobréckener Schoul e modernt Fleegeheim mat iwwer Honnert Zëmmereen, wou d'Qualitéit an de Respekt groussgeschriwwé ginn. D'Leit sollen hei déi Fleeg, déi Behandlungen an och déi Opmiersksamkeet kréien, déi se brauchen, an dat verbonne mat der méiglechst grousser Autonomie, Intimitéit a Privatsphär, mat Besuch vu Famill a vu Frënn, deen zu all Dageszäit méiglech ass. D'Gemeng huet och finanziel eppes dovunner. Mer kréien e Loyer vun 115.000 Euro d'Joer. Pro Kummer gerechent sinn dat knapps 900 Euro d'joer. Dat ass net schlecht, well mer jo némminen den Terrain verlounen. Mer brauche jo näischt beim Bau báizeleeën. Déi 150 Aarbechtsplazen, déi hei entstinn, sinn och e grousse Plus fir eis Stad. Fir d'Verkéiersproblemer awer méiglechst kleng ze halen, hoffe mer, datt méiglechst vill Leit vun Esch an aus anere Südgemenge mam Zuch a mam Bus heihinner schaffe kenne kommen. De Park an d'Cafeteria vum Fleegeheem sinn op fir de Public, soudatt och Leit aus dem Quartier an all Escher vum Projet Elysis kenne profitéieren. Och déi Prioritéitsklausel fir Escher Leit an der Konvention ass eng gutt Saach. Bei de Pensionnaire si jo fénnef Plaze stänneg fir Escher Awunner reservéiert. An och bei der Astellung vum Personal hunn d'Escher Prioritéit, wa se dann déi néideg Qualifikatioun hunn. Qualifikatioun huet mat Schoul ze dinn. Op désem Site zu Wobrécken, den Här Maroldt huet et elo grad ugeschnidden, soll jo och nach déi nei Zentrumsschoul gebaut ginn, déi jo schonn 2011 an der Schäfferotserklärung ugekennegt gouf. Elo läit no némminen annerhallwem Joer Verhandlungen de Projet vum Fleegeheem um Dësch. Vun der Schoul ass zwar och scho laang a vill hei am Gemengerot geschwat ginn, si riskéiert awer als Bummelzuch vum TGV Elysis iwwerrullt oder iwwerholl ze ginn. Mer hätten eis bei der Schoul dee-selwechte politesche Wëllen an dee-selwechten energieschen Asaz gewënscht, wéi mer en hei beim Projet vum neie Fleegeheem gesinn.

Den Här Biltgen wäert herno nach kuerz op déi Schoulproblematik am Zesummenhang mam Elysis agoen. Dat gesot, bleift eis némminen dem Schäfferot ze felicitéieren, datt en de Projet Elysis op Esch kritt huet, an dat zu Bedingungen, déi fir eis Stad ganz virdeelhaft sinn.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Kersch. Den Här Majerus.“

Luc Majerus (déi gréng): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ech gesinn, et si vill Riedner, déi sech fir dése Sujet interesséieren. Dat heescht, ech hale mech kuerz. Vu dass mer jo am Moment hei am Fong geholl just d'Presentatioun kréie vun engem Avant-projet, wou zwar scho vill geregelt ass, mä wou nach net elo konkret geregelt ass, wou wat steet, vu wéi enger Superficie mer do schwätzen a wéi dat herno konkret soll ausgesinn.“

Mir als déi gréng begréissen dése Projet formell. Ech hunn nach gëschter de Plaisier gehat, eng Zäitche mat, ech mengen, et war d'Sous-directrice vun Elysis, ze schwätzen, déi mer e bëssen erklärt huet, wat Elysis dann ass.

Ech hu mer och hire Site ugekuckt, ganz interessant. Fir deen, deen dat wëll maachen an et nach net gemaach hätt, et ass www.elysis.lu, a wou Elysis selwer sech beschreift als „Elysis se distingue par son cadre de vie et la qualité de ses services“. Wann esou e Betrib Esch freet, ob se sech kennen op hirem Territoire installéieren, da mengen ech, dass den Escher Gemengerot gutt gemaach huet, fir den Terrain esou ze planifiéieren, dass dat méiglech ass an dass se net herno um Terrain vun enger anderer Gemeng datselwecht bauen. Elysis geet et drëm, fir Leit, déi minimum 21 Stonne Soine pro Woch hunn, a Cadre de vie ze bidden, deen hinnen éischtens den Entourage gëtt, dee se brauchen a punto medezinescht Personal, deen hinnen awer och eng gewëssen Autonomie léisst.

D'Madame Buergermeeschtesch sot et schonn, d'Leit, déi kennen an den Elysis goen, kennen hir eege Miwwele mathuelen. Um Site vun Elysis gesäit een och nach, dass zum Beispill dat Ganzt am Fong geholl an der Idee, am Konzept soll geduecht si wéi en Hotel. Et si keng Zäiten, déi festgehale gi fir d'Visite vun der Famill. Dat heescht, et kann een zu all Zäit dohinner goen, etcetera, etcetera. Ech mengen, ech muss lech elo net virliesen, wat um Internetsite stéet. Dir kënnt kucke bei „Elysis, ses valeurs, ses missions, son concept“, do stinn eng zéng Punkten, op wat all Pensionär recht huet.

Contrairement zu mengem Noper vu riets, sinn déi gréng der Meenung, dass dee Projet op där Plaz, wou ausgewielt ginn ass, am Fong geholl ganz gutt läit. Firwat? Ma éischtens déi Idee, eng Schoul an en Altersheim mateneen ze verbannen, geet ganz an d'Ideeën era vun där grénger Partei. Mir hunn hei Jonk an Al beieneen. Et kann een natierlech elo soen, dass et utopesch ass, dass do eng Interaktioun wäert sinn, mä firwat net. D'Madame Buergermeeschtesch sot et, fir Kleescheresdag oder wat och émmer, kéit ee sech do virstellen, dass tatsächlech eng Interaktioun ass téscht deene ganz Jonken an deenen Eeleren.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Lauschtert dem Här Majerus no!“

Luc Majerus (déi gréng): „Et muss ee wëssen, dass de Moyennesalter vum Pensionnaire bei Elysis 82 Joer ass. Dat sinn ech gëschter och gewuer ginn. Dat heescht, et ass e bësse méi eng eeler Populatioun. Niewendrun hu mer dann en éischtens, zweete Cycle Primärschoul. Ech fannen, dat ass eng ganz flott Combinaisoun.“

A wann een dann dono den Amenagement esou gestallt, dass tatsächlech an der Mett téscht deenen zwee e Park ass, wou ee kéint Aktivitéité maachen, vläicht esouguer gemeinsam, ass dat sécher eng Plusvalue fir d'Pensionären. An d'Kanner kennen och sécher eppes báileieren duerch eeler Noperen, déi dann am selwechte Park eventuell op enger Béck sätzen oder spazéiere ginn. Also déi Idee, fir dat zesummenzesetzen, fannen déi gréng am Fong geholl ganz flott.

Ech muss och dozou soen, dass virdrun net eng Primärschoul do war, mä e Lycée, an dee war en plus net forcément ganz schéin, soudass dat elo net hei eng Plaz ass, wou eng Primärschoul war, déi duerch en Altersheim ersat gëtt. Nee, eigentlech gëtt e Lycée duerch eng Primärschoul an en Altersheim ersat. Dat heescht, ech ginn do net dem Här Maroldt 100%eg recht. An natierlech muss een an d'Schoulen investéieren, mä et kann een awer och net déi eeler Leit negligéieren.

Hei gëtt Plaz gemaach fir 130 Leit. Ech ginn dovunner aus, dass dat relativ schnell wäert voll sinn. An dofir menge mer, dass déi Iddi, den Emplacement dohinner ze maaachen, eng gutt ass, Ech héieren lech méi, wéi ech mech, muss ech soen. Dat heescht, datt ech entweder méi haart, oder den anere méi lues muss schwätzen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Loosst den Här Majerus wann ech gelift schwätzen!“

Luc Majerus (déri gréng): „Ech wollt just nach eppes soen, an dat ass jo awer och e wichtige Punkt, den Trafic. Och do ass de Site gutt choisiert. Do si mer direkt un enger Haaptstrooss, déi direkt op d'Autobunn erauskénnt. Dat bréngt net forcément Trafic an dee Quartier. Anscheinend war den Echo jo och relativ positiv vun de Leit, déi am Quartier wunner.“

Et ass op där anerer Zäit nieft der Zentrumsschoul, den Numm seet et. Et ass also net allzewäit vum Zentrum ewech. Et ass gutt verbonne mat Buslinne, wou een an den Zentrum ka fueren, soudass deen Emplacement fir mech ideal ass, fir dat doten esou ze bauen. Soudass déi gréng hei de Projet voll énnertstzten.

Ech kucken eng Kéier ganz kuerz, ob ech náischt hei vergiess hunn. U sech net. Ech kommen nach eng Kéier op dee-selwechte Sujet zréck, wann dann den definitive Projet virgestallt gëtt. Wéi gesot, et kann een dreemen, dass dat esou am Gréngen en Havre de paix wäert sinn téscht zwou grousse Stroossen. Dat ass d'Iddi, dat ass och d'Hoffnung. An ech mengen, de Gemengerot ka jo do aktiv mat agräifen, fir do verschidde Kritäre festzeleeën, déi mussen agehale ginn. An ech hoffen dat wäert dann och gréng Kritäre sinn. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. D'Madame Bofferding, w.e.g.“

Taina Bofferding (LSAP): „Wou d'Rumeuren opkomm sinn, dass Elysis interessiert wär, hei an Esch eng Struktur ze bauen, si vill positiv Echoe komm. D'sozialistesches Fraktioune steet och positiv dem Projet géigeniwver. Eis stéiert et net, dass eng Schoul an e Fleegeheem op deemselwechten Areal énnertbruecht solle ginn. Sécher, et ass e wáertvolle Site, mä fir eis sinn d'Kanner an déi eeler Leit genau esou wáertvoll, sou dass mer gäre bereet sinn, hinnen ebe Strukturen op dësem Site zur Verfügung ze stellen. En plus denke mer och, wa sech esou eng interessant Geleeënheet ergétt, da soll een zougräifen, da soll een och de Courage hunn, dat ze maachen.“

Et ass scho gesot ginn, mir brauche Maison-de-soinen hei zu Esch. Eis Bevölkerung gëtt émmer méi al, wat zu Veränderunge féiert. Den Undeel vun de Seniore wäert an den nächste Jore weider klammen. Dat huet sécherlech Auswirkungen op d'Fleegebesoinen. Déi meeschter

Leit wéilten am léifsten doheem bleiben an do versuergt ginn. Leider ass dat net émmer méiglech. An dofir ass et och wichtig, dass mer hei an eiser Gemeng fir adequat Strukture suergen, wou d'Leit énnertbruecht an och gutt versuergt ginn. Weider ass de Projet interessant, well d'Gemeng hei eng Konventioun mat enger ASBL ageet. Hei stécht also net e Privatbedreiwer hannendrunner, wou dann herno de Gewénn an d'Täsche vun den Aktionäre soll goen. Hei beräichert sech net e Verwaltungsrot. An et ass scho richteg gesot ginn, dass all Euro herno an d'Struktur selwer soll investéiert ginn.

Interessant ass eben, dass mer eng Konventioun hunn, wou och verschidden Engagemerter geholl ginn. Sou ass festgehalen, dass e Contingent vu fénnef Escher Bierger garantéiert ass, wou mir als Gemeng da selwer kérne bestëmmen, wien déi Leit solle sinn.

D'LSAP begréisst och, dass d'Gemeng duerch e Membre effectif am Verwaltungsrot vertrude ka sinn, wat e permanente Kontakt an Echange domadder garantéiert a sécherlech och d'Zesummenaarbecht wäert verstäeren. Den Här Majerus ass net deen eenzegen, deen um Site vun Elysis geluust huet, wat hiert Konzept ass. Ech muss soen, et ass wierklech ganz interessant, wéi si selwer hir Struktur do presentéieren. Si behaapte jo vu sech, dass si net einfach e Fleegeheem sinn, mä e Lieu de vie, wou de Respekt ganz grouss geschriwwen gëtt. D'Raimlechkeeten an d'Zémmer sinn esou amenagéiert, dass hir Clienté sech solle wuelfillen an e comfortabelen a gemittleche Kader solle virfannen. A si selwer schreiwen: „Mir wénschen eis, dass Der lech esou spiert, wéi wann Der bei lech doheem wäert.“

Dofir gëtt och vill Wäert op d'Ausstattung geluecht, mat vill Opmiersamkeet op d'Dekoratioun vun den Etagen, wéi och vun dem Mobilier. D'Clienten hunn d'Méiglechkeet, zesumme mat hirer Famill d'Miwwelen erauszesichen, déi fir si eng gewësse Bedeutung hunn an esou eben och hir Zémmer kérnen ariichten, fir dass si sech wierklech wéi doheem kérne spieren.

D'Konzept vun Elysis berout op der Bienn-Traitance. Wichteg Elementer sinn de Respekt, d'Méenschlechkeet an och d'Écoute an d'Opmiersamkeet, déi all Client soll kréien. Zu de Moyenen, déi d'Struktur sech gëtt fir hir Objektiver ze erreechen, gehéiert hir Charte des droits vun de Pensionnairen, wou si énnert anrem festhalen, dass all Client d'Recht op technesch Moyenen huet, fir seng Mobilitéit ze énnertstzten. Dës Privatsphär

muss respektéiert ginn, souwéi och d'Liewengewunnechen en rapport mat sengem-Vécu. Haaptuleies ass a bleift de Maintien vun der Autonomie.

E weidert Qualitéitsmerkmal sinn déi verschidden Atelier-thérapeutiken. Hei steet eng-multidisziplinar Equipe zur Verfügung, woubäi d'Infirmieren e ganz wichtige Rôle spiller. Si sollen de Lien téshent der Famill an den Dokteren etabléieren. A besonnesch fir d'Famill ass dat wichtig ze wéssen, wien hiren direkten Usprichtpartner ass.

E weidere Pluspunkt fir den Elysis ass, dass d'Residenten zu all Moment vun hirer Famill kérne besicht ginn. Dat ass nämlech nach laang net de Fall an all Fleegeheim. Dat schwätzt sécherlech fir si.

Wat d'Personal betréfft, gëtt och vill Wäert op d'Qualifikatioun geluecht. Mir begréissten d'Intentioun, den Escher Résidenten en Accès prioritaire bei der Embauche ze ginn, sous condition, dass de gesichte Profil natierlech passt. Mir fannen dat eng ganz gutt Iddi, sech als eischt emol um lokalen Aarbeitsmarché émzekucken.

Insgesamt leet och Elysis vill Wäert op eng gutt Noperschaft. D'Awunner kérne vun de Strukture profitéieren, wéi ebe vum Restaurant oder vum Kiosk innerhalb vum Komplex, a si wéle och mat de lokale Partner zesummeschaffen, wat mer némme kérne begréissten.

Fir d'sozialistesches Fraktioune soll de ganze Projet Wobrécken eng Beräicherung fir de Quartier sinn. De Projet vun der Schoul soll jo elo an engem Concours definéiert ginn. Begréissenswäert ass och hei, dass de Quartier mat agebonne gëtt. D'Biergerinitiativ huet jo ee vun hinne selwer gestëmmte Member am Jury zegutt, fir kérnen och esou de Projet direkt ze suivéieren.

Fleegeheem a Schoul sollen awer net herno just niewentenee gebaut ginn. Si sollen och zesummefannen. Dat gëtt vlächt en neien Challenge, awer sécherlech keen oninteressanten. D'Leit solle sech kenneléieren. En Austausch ass hei ausdrécklech erwünscht.

Zum Schluss nach eng Remarque zum Contrat de bail. Fir eis ass et e wichtig Instrument, fir der Gemeng d'Méiglechkeet ze ginn, gewëssen Notzen ze definéieren an zur Verfügung ze stellen, ouni dobäi awer Matsprooche-recht ze verléieren. Wann enges Daags eppes aneschters mam Terrain soll geschéien, et weess ee jo ni, sou si mer net fir all Éiwegkeet dra gefaangen, wéi wa mer géifen den Terrain verkafen. Mir kréien hei och eng considerabel Recette eran.

Natierlech kann een émmer soen, mir kéinte versichen, och méi ze froen. Mä ech mengen och, dass dat hei ganz bewosst eng politesch Decisioun ass. E Schrëtt, dee mir och op Elysis also op d'Asbl duermaachen, well mer gären hätten, dass mer mat hinnen hei zesummen an Esch fir Fleegebetter-suergen an eng Maison de soin können etabliéieren,– déi de Besoine vun de Leit gerecht gëtt."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Bofferding. Elo den Här Zwally an duerno den Här Mischo.“

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir gesinn, dass dee Projet jo hei fir jiddwereen op de Plang rifft a jiddwereen eng Meenung huet zu deem, wat eis Entwécklung allgemeng ubelaangt.

Ech wollt awer hei kloer un deen Deel erënneren, dee mer émmer erém ugeprangert hunn, oder op d'mannst, wou mer émmer Suggestiounen gemaach hunn, dat ass um Niveau vun eiser Stadentwécklung als Ganzes. Ech mengen, d'CSV huet émmer gesot, dass mir bereet si fir vill Projete matzedroen. Dat hu mer och an der Vergaangenheit gemaach. Ech erënneren do drun, dass mer um Niveau, wou mer haut de Lycée Technique hunn, net zu Lalleng, mä deen an der Koch-Strooss, deemoools eng aner Ausriichtung geholl haten. Mir waren och deemoools domadder d'accord, wéi de Changement komm ass fir de Bio-Health dohinner ze bauen, well do eng Opportunitéit war par rapport zu deem, wat mer op der Uni haten. Et ass och erwidert ginn. Dat heescht et bleibt net némmen ee Gebai do stoen, mä et kommen der nach zwee dobäi.

An doriwwer eraus ass d'Entwécklung jo och esou komm, dass mer herno, oder op d'mannst elo mol Diskussiounen haten, wéi gesät et dann aus mat der Entwécklung an deem Quartier, doduerch dass mer en neit Spidol dohinner kréien. Ech mengen, dat ass ee vun deene Beispiller, déi ech elo wollt soen.

Mir hatten awer allgemeng émmer, an dat hat ech lech deemoools a menger Interventioun gesot, e Problem domadder, wa mer net kloer an eise Quartierspolitike waren. Mir hunn émmer gesot, dass et fir eis wichtig wier, datt mir éischter fir eng Quartiersentwécklung sinn, wou Aktivitéiten definéiert sinn. Dofir hu mir och d'Lentille Terre Rouge mat an d'Spill bruecht gehat, well do och am Konvent vun der Sportsdiskussioun gesot ginn ass, dass de Lentille Terre Rouge kéint e Sportsquartier ginn.

Déi Iddi huet eis gutt gefall, sou wéi mer och gesot hu bei der Diskussioun ém d'"Bridderhaus", dass eigentlech deen Deel, deen Areal, deen haut benutzt gëtt, doduerch, dass mer en Altersheim do hunn, dass mer do och kéinten eis virstellen – vu dass jo elo och eng Erweiderung kénnt, déi mer jo och eng Kéier an enger Diskussioun, an engem technesche Gemengerot elo eng Kéier kréien –, datt ee soll op de Wee goen, fir eng Quartiersaktivitéit ze définéieren an och an dàr Politik ze bleiwen.

Wat dat heiten ubelaangt, wéll ech den Historique nach eng Kéier ervirdinn. Mir haten deemoools Wobrécken an der Diskussioun. Dat war ém d'Joer 2000. Deemoools waren dräi Phase virgestallt ginn. Eng Phas dovunner ass realiséiert ginn. Déi zweet Phas ass déi vum Park Winston Churchill, deen haut an der Diskussioun ass um Niveau vum Elysis. An déi drëtt Phas war hennenaus, wann d'Schoul bis eng Kéier net méi do wier, fir Wunnengsbau ze maachen. Dat heescht laantscht de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte sollten Appartementshaiser kommen. An deen anere Wee laantscht d'Henri-Dunant-Strooss intern, also am Haff selwer, sollten eenzel Haiser dohinner kommen.

Dat heiten sinn eigentlech zwee Voleten. Dat eent ass d'Konventioun, dat anert ass de Bail emphytéotique, dee jo gläichzäitig dann och den Emplacement beinhalt vun deem, vun deem der elo schwätz. Ech setzen et dann an déi Relatioun vun deem zweete Vole, deen deemoools am Joer 2000 an der Diskussioun war. Do sollt nämlech en Appartementshaus dohinner kommen, mat Rez-de-chaussée plus 2 plus 1 Retrait. Ech mengen de Bauteschäffen, den Här Hinterscheid, ka sech nach dorunner erënneren.

Mir sinn an der Geometrie deemoools ero-fgaang gewiescht par rapport zu den Haiser, déi do waren. Haut, wann ech elo nach an Erënnerung hunn, baue mer dann den Elysis mat R plus 3 oder 4, mengen ech, wann een elo d'Diskussioun hëlt. Also mir si jo do an enger Diskussioun, wou mer da geometresch gesi méi grouss plangen, wéi dat, wat mer sénzerzäit am Joer 2000 virgesinn haten.

Den Emplacement mécht eis Suergen, well mer jo och déi Diskussioun am leschte Gemengerot haten an och gesot ginn ass, d'Dipbech misst fräigeluecht ginn. Mir haten déi Diskussioun allgemeng, wat d'Waasserrengheet ubelaangt an d'Entwécklung vun eiser Dipbech. A mir hunn och deemoools gesot, et wier gutt, wa mer ee fir allemol eis Rou géife kréien, mir eis ém de Problem Dipbech këmmeren missten a mat deene

Responsabele vun ArcelorMittal zesummenzekommen. Dat fir mol kloer ze soen, ob déi Dipbech dann, wa se fräiläit, gesond ass fir d'Leit, déi ronderëm wunnen oder déi driwwer ginn oder wéi och émmer, oder eben net. Dat ass bis elo nach net geschitt.

Mir wäre vrou, wa mer dann duerch den Emplacement, dee jo dann dohinner soll kommen, duerch d'Dipbech, déi soll fräigeluecht ginn, iergend eng Kéier Kloerheet géife kréien. Dass deem dann eng Kéier nogekuckt gëtt, a Hibleck op déi Leit, déi dann dohinner spazéiere ginn, wat de Kader soll ubelaangen, mat dàr Verschéinerung an der Gréngfläch, déi dohinner kénnt an d'Dipbech fräigeluecht ass. Also dat ass eigentlech och dee Volet, deen eigentlech kontradiktoresch ass.

Mir maachen elo eng Offer. Mir wëllen eppes dohinner bauen, wou jiddwereen och domadder d'accord ass, dass et vun der Konventioun hier an och vun der Utilitéit a vun der Noutwendegkeet hier net a Fro gestallt ass. Mä mir sinn net sécher, ob dat, wat mer do bidden, allgemeng ronderëm gutt ass.

An da kommen ech op deen anere Volet, Madame Buergermeeschter, dee vun der Verkéierssituatioun. Ech mengen, mir hu schonn deemoools gesot, dass d'Verkéierssituatioun an deem ganze Quartier net einfach ass. Mir hunn d'Nonnewisen deemoools dobäi kritt. Mir haten de Projet Altena kritt. Mir hunn de Projet, deen nach émmer an der Diskussioun ass. Mir haten déi Bebauung hei ausserhalb vun dësem Projet. Mä awer déi Bebauung, déi virgesi war, wat Wobrécken ubelaangt, d'Nonnewisen, déi bääkomm sinn... Ech mengen, dat sinn allegueren déi Bedenken, déi mer an der Vergaangenheit gesot hunn an déi och vun eis aus gesot gi sinn: Sicht fir d'éischt d'Lésiungen, ier mer op de Wee ginn, fir wierklech eppes kénne gemeinsam dohinner ze setzen, wou mer gemeinsam können domadder d'accord sinn.

Mir haten d'Diskussioun beim Tracol-PAP, wou zousätzlech jo och nach d'Sportshal elo dohinner kénnt, wat zwar un der Ubannung ass vun der Autobunn a vun der Voie express, mä awer de Quartier do erém eng Kéier deelweis méi belaascht als dat, wat elo ass. Also mir gesinn och do, dass mer eigentlech nach émmer net richteg wéissen, wat déi doten Entwécklung ubelaangt, wouhinner dass se geet, a wéi se kéint ausge-sinn.

Deen aneren Deel ass dee vun der Mixitéit. De grénge Vertrieder seet hei, dass dat flott ass. Jo, ech kann déi Meenung och deelen, wann ee seet, et bréngt een

eng Mixitéit téschent jonke Leit a méi eeleren. Et sinn awer anerer déi soen, an der Geschicht mierkt een, dass wann een eng Maison de soins huet, da soll een et net wäit ewech vun engem Spidol setzen.

D'Philosophie ass jo och bekannt. Wa mer haut de CHEM huelen, deen haut besteet, ass et do jo och eng Maison de soin ginn. Dat, well do déi kuerz Weeér méi einfach sinn, wat d'Traitementer ubelaagt oder wéi och émmer. Ech mengen, och do kann een dann ofliesen, wat een am beschte fénnt a wat net. Et sinn och Leit, déi gesot hunn, firwat baue mer dat doten net bei dat neit Spidol, wann een déi Philosophie do wëll suiviéieren.

Bon, dat wollt ech och mentionéieren. Well alles dat, wat hei gesot gëtt, schéngt op där enger Säit wichteg ze sinn, an op där anerer Säit manner wichteg ze sinn.

De soziale Volet, Madame Buergermeeschter, dee kënne mer voll mat énnerstëtzzen. Wann Der hei sot, dass Escher Leit prioritär geholl gi fir do ze schaffen, wa gesot gëtt, et gëtt Escher lokal Fournisseure gesicht, fir mat deenen a Kontakt ze trieden, fir déi Prestatioun ze maachen.

D'Leitmotiv an dësem Projet schéngt jo dann Escher Bierger, Escher Leit, Escher Geschäftsleit an esou weider ze sinn, fir dat ze garantéieren.

Vun eis aus ass dat e flott Leitmotiv. Mir wiere vrou, wann an alle Voleuten an allem, wat mir bauen a wat mir zousätzlech bei eis kréien, mir dat esou kéinte mat énnerstëtzzen.

Ofschléissend wëll ech just soen, dass, wéi mer gesot hunn, mir net géint d'Konventioun sinn. Mir sinn och net géint d'Philosophie vum Bail emphytéotique. Mir hu just de Problem mam Emplacement. Do feelen eis Detailler, do feelt eis eng Gesamtvue a wat fir eng Approche, dass mer do wëllen huelen. An bei enger Stadentwicklung, wa mer déi wëllen als eescht verkafen a wa mer se och gäre wëllen an der Philosophie vun der Nohaltegeet mat all deem, wat et bedeit, sollte maachen, mengen ech wier et gutt gewiescht, wa mer méi eng breet Diskussioun gehat hätten a wann och jiddwerekken hätt kënnen déi Satisfaction kréien, déi e sech eigentlech hei an déser Diskussioun virstellt.

Deen eenzege Projet – an dann halen ech op, da kommen ech zum Schluss –, deen eigentlech an enger bestëmmter Logik och festgehale ginn ass an och vun eis matgedroe ginn ass an unanime némme matgedroe ginn ass, ass eigentlech de Masterplang vum Quartier Belval. An dat

fannen ech och gutt, quitte dass de Staat dat garantéiert huet, quitte dass en dat gemaach huet.

An dann zum Schluss nach, wat mech awer iwwerrascht huet: ech hat och an der Kommissioune d'Fro gestalt vun der Subventioun, wat fir eng Subventioun se kréien. Da sinn ech dach awer iwwerascht, dass haut den Elysis, wat säi gutt Recht ass, bei der Familljeministesch ass. Ech hoffen, dass si, wa se dann den Accord gëtt, fir hei Subsiden ze maachen, an därselwechter Logik bleibt, wéi mir scho Joren émmer erém fuerderen, well mer déi Diskussioun herno hunn, wat den Abrisud ubelaagt. Also dass dës Regierung op deeselwechte Wee geet an eis och doran esou énnerstëtzzt, wa mir dohinnerkommen an eppes fuerdere fir eis Leit, wat mer elo schonn iwwer 15 Joer amgaange sinn ze froen.

An deem Sënn ass dat eis Meenung doriwwer."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Mischo an dono den Här Biltgen, an dann den Här Bernard. Ee Moment, Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Dat huet näischt domat ze dinn. Dir hutt mech net genannt, duerfir hunn ech gesot, ‘an ech och’. Dat wäert jo awer normal sinn, dass een dat däerf soen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ma Dir kritt d'Wuert esou oft, wéi Der et wëllt, am Prinzip.“

Zénon Bernard (KPL): „Et war awer schonn emol de Fall, net.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Mischo. An dann den Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Datt mer e bëssen Uerdnung do era kréien.“

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wëll am Fong geholl d'Gedanke vum Här Maroldt, dem Här Zwally an och dem Här Kersch weiderféieren, dass d'Grondschoul, respektiv d'Zentralschoul, déi eis Fraktioun schonn zénter Jore fuerdert um Terrain vun der aler Wobréckener Schoul op kee Fall en Accessoire vum Projet Elysis duerf ginn. An der Schoulkommissoen hu mer verschidde Varianten duerchdiskutéiert a virun allem festgehalen, dass d'Schoul muss an d'Mëtt vun deem ganzen Areal kommen. Déi Schoul dierf net einfach an den Eck gedréckt ginn, fir némme wäit genuch vum Projet Elysis

eweche ze sinn. Eis Schoulkanner aus deem Quartier dierfen net als netkünstlech Iddie vun engem Architekt zum Opfer falen, wéi d'Madame Bofferding et jo virdru gesot huet. En Zesummeliewe vu Jonk an Al muss jo d'Zil sinn, mä d'Kanner dierfen awer net als Störfacteur ugesi ginn, well dobausse spillen a Sport maachen, einfach Kand sinn, dat muss jo awer nach erlaabt sinn. Dofir muss déi Synergie mat dem Projet Elysis jo dann esou sinn, dass se beienee sinn an dass net op eemol d'Schoulkanner an den Eck gedréckt ginn.

Ech mengen, et wier net den éischte Projet, wann elo jiddwerekken de Kapp réselt, dass et net verstane gëtt, firwat net op den Avis vun Experten, respektiv vun der Schoulkommissoen gelauschtet gëtt. Do muss een einfach just soen, ‘wehret den Anfängen’, dass do awer, wann dee Projet esou elo soll duerchgoen, déi zwou Saachen op deen Areal kommen, dass d'Schoulkanner net ze kuerz kommen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Bernard.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wollt elo den Accord vu menger Partei zu deem Avant-projet ginn. Ech hale mer natierlech och, wéi dat schonn ugeklungen ass, d'Recht vir, wann deen definitive Projet do läit, nach eng Kéier Stellung dozou ze huelen. Ech gi souguer esouwält ze soen, dass ech et onverantwortlech vum Schäfferot fonnt hätt, wa se net probéiert hätten, den Elysis op Esch ze kréien.

Mir wëssen alleguer, wéi d'Situatioun ass am Land. Mir hu ganz einfach net genügend Fleegeheimer. A wa mer dann eng Geleeënheet hu wéi hei, da soen ech lech, wär Der gutt beroden – an dofir ginn ech och den Appui –, fir ze probéieren, esou eng Institutioun op Esch ze kréien.

Et feele riets a lénks Fleegebetter. An et ass u sech eng gutt Saach, wann dat op Esch kënnt, déi zweetgréisst Stad aus dem Land, déi och nach eng Stad ass, déi duerch d'Ëmstänn méi sozial Problemer huet wéi aner Stied.

En zweet Argument ass vun der Madame Bofferding ugesprach ginn, do sinn ech och ganz d'accord. Dat ass elo d'Form vun der Elysis. Dat heescht, eng Association sans but lucratif, wat an der Praxis bedeit, dass d'Recetten automatesch zréckfléissen oder afléissen an d'Infrastruktur. An ech fannen dat positiv. Do ass näischt Gebenefiss hei an do, sondern wann d'Chifferen do leien, gi se reinves-

téiert am Interêt vun de Besoine vun eise Biergerinnen a Bierger.

Dat sinn déi Argumenter, déi ech wollt soen. An dann nach ee Saz an da schléissen ech of: Et ass ugeklungen Schoul Altersheim, respektiv Fleegeheim. Ech sinn der Meenung, dass dat eng positiv Saach soll sinn. Et ka jo net sinn, wéi mäi Virriedner richteg gesot huet, dass wann an Zukunft ee spilt a Sport mécht, dass dat elo stéiert. Wann dat gutt organiséiert ass, sinn ech der Meenung, dass do déi Noperschaft téscht eelere Leit an enger Schoul, respektiv jonke Leit muss a wäert och positiv Elementer mat sech bréngen.

Also wéi gesot, ech énnerstézten deen Avant-projet, well ech der Meenung sinn, dass et gutt ass, dass Der lech op déi hénnescht Bee gesat hutt fir dat ze réalisieren. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Bernard. Dann zum Schluss nach den Här Biltgen.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech hale mech ganz kuerz. Ech wollt just kuerz nach eng Kéier op déi ugeschwate Problematik mat der Schoul agoen. Effektiv deeles mer e bëssen, wéi den Här Maroldt soot, d'Analys, dass do de Projet Schoul op eemol op déi zweet Plaz gerutscht ass.

Op dár anerer Sait menge mer awer net, dass een do hätt missen onmégliche vill Plaz fir eng Schoul nach fräi loosseren. Eng Schoul däerf net ze grouss ginn. Mir mengen, dass déi Plaz, déi virgesinn ass fir d'Schoul, duergeet, sou dass d'Schoul eben net onendlech grouss kann do wuessen. Well soss komme mer dohin, wéi op anere Plazen an Esch, dass mer esou riseg Schoulen hunn. Dat ass net wünschenswäert.

Mir brauche méi kleng Schoulen amplaz e puer riseg Schoulen. Mir hunn effektiv de Problem vu Manque u Schoulraum zu Esch. Mä mir kénnen deen net esou léisen, dass mer riseg Dénger opbauen op ee Site. Mer müssen dat anescht ugoen. Mir hu schonn zu Esch grouss Schoulen. D'Brillschoul ass déi gréissten aus dem Land, hu mer géschter nach eng Kéier héieren. Och wa mer géschter matkritt hunn, dass och an enger grousser Schoul interessant Projete méiglech sinn – den Här Tonnar gëtt mer bestémmt Recht doranner –, hu mer awer idealerweis méi kleng Infrastrukturen. Dofir ass dat, mengen ech, scho schlüssendlech net esou schlecht, wat do geschitt.

Ech gesinn éischter e Problem mam Emplacement, dass déi Schoul émmer

méi Richtung déi aner bestehend Schoul rutscht, d'Nonnewisen. Déi si ganz no beieneen elo. Dat ass éischter dee Bedenken, deen ech gehat hätt.

Da schlüssendlech d'Proximitéit vum Altersheim an d'Schoul: dat ass éischter eng Chance. Dat ass elo e puer mol och scho gesot ginn. Do mengen ech schonn, dass interessant Zesummenaarbechte kénne méiglech sinn téschent deem Altersheim, deem Fleegeheim an der Schoul. An dat ass schon da wünschenswäert. An dofir ass deen Emplacement och vläicht guer net esou schlecht an och grad am Quartier, mengen ech, ass dat eng flott Saach.

A mir bleiwen dofir averstan mat deem Projet. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci dem Här Biltgen an alle Riedner.

Ech versichen op Froen nach ze äntwerteren, respektiv op Bemierkungen. Den Elysis an eng Schoul um selwechte Site: De Site ass e gudden Hektar grouss. Wann ee sech an der Mëtt dropstellt, da kritt een érésicht richteg mat, wéi grouss den Terrain ass.

Mir kommen hei mam Projet Elysis als Virinformatioun an de Gemengerot. De Bail, dee gëtt gestëmmt als Virinformatioun an an der Konventioun stinn och, wéi ech gesot hunn, nach Stärecher dran. Dat well mer jo nach eng Kéier müssen zréckkommen, wann de Bau dann definitiv geplangt ass. Ech denken, datt et wichteg ass, datt Der déi Virinformatiounen hutt a gläichzäiteg och d'Informationen – dat ass scho méi wéi eng Virinformatioun, Dir wësst dat –, datt de Concours Wobrécke leeft.

An do ginn ech direkt op eng Bemierung an, déi den Här Biltgen elo gemaach huet. D'Schoul am Wobrécke gëtt keng Brillschoul. Dat ass kloer. Dat hu mer och émmer énnerstrach an d'Diskussiounen ronderëm d'Quartiersschoulen, déi hate mer iwwregens och schonn am leschte Gemengerot gehat, wou den Här Tonnar drop geäntwert huet. An de Wobrécke soll keng Brillschoul dohinner kommen. Mä do sinn dräi énnerschiddech Modeller elo mol virgesinn, wou den Architekconcours drop schafft, fir do eng Schoul ze implantéieren.

De Jury war déi éischte Kéier dës Woch zesummen a schléisst of de 17. Mäerz. Dat si fénnef Méint. De 17. Mäerz komme mer dann natierlech och erëm mat deenen Infoen hei an de Gemengerot.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt an engem Mount d'Budgetspresentatioun ass, wou mer natierlech, wat de

Schoulraum betréfft, och wäerte mat weidere Propositioune kommen.

Wa mer iwwert d'Thema Stadentwicklung schwätzen, wat e permanent Thema ass, dann ass et émmer schwierig, un engem Projet festzehalen, oder un engem Plang festzehalen, well d'Gebenheete sech permanent veränneren. Well datt mer iergendwann eng Kéier géifen d'Friche Esch-Schéffleng kréien, hu mer bis virun zéng Joer nach net geduecht. An ob mer se kréien, wësse mer nach net. Och do lafen d'Diskussiounen.

Et hätt kee geduecht, datt eng Uni géif dohinnerkommen. Dat stoung an de Stären. A wat mat Terres Rouges passéiert, kénne mer lech am Moment nach émmer net soen. Well eigentlech sollte mer do informéiert ginn – ech mengen, si hunn nach Zäit bis elo Enn Oktober –, wat dann elo mat Terres Rouges ass an der Hiehl. Well do en neie Promoter drop ass, an dat läit awer net an eisen Hänn. Dat läit an den Hänn vun der ArcelorMittal, mat deene mer och eng Entrevue haten.

Ech mengen, ech hat am leschte Gembergot gesot, datt et eigentlech schwierig ass, lech matzedeelen, wat dobäi erauskomm ass, well mir et selwer net richteg verstanen hunn. A mir hunn eng nei Entrevue mat hinnen elo am November, wou mer dann hoffen, datt se da méi kloer sinn, wéi dat, wat bis elo de Fall war. Soudatt dat natierlech enorm schweier ass.

Wat d'Südspidol ugeet an dat Gebai, wat am Moment d'Spidol hei zu Esch ass, ass genau haut an enger Woch ém dës Zäit wahrscheinlech de Vote hoffentlech ofgeschlossen.“

Eng Stëmm: „Wat bass Du optimistesch.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ech versichen, aus dräi Projeten nach een ze maachen. De Jury fängt en Dénschdeg erëm un, schafft bis e Freideg an da wäert ém dës Zäit ongefíer den definitive Vote fir den eenzege Projet, deen dann iwwreg bleibt, sinn. Mëttes sidd Der allegueré jo invitéeert. Et gëtt e ganzen Dag Südspidol.

An da muss natierlech e Grupp agesat ginn, fir ze kucken, wat passéiert dann elo mam Spidol, wat elo do ass. Do ginn et eng ganz Rei Méiglechkeiten. An do kann der Fantasie keng Grenze gesat ginn. Dat ka goe vu Centres de Recherche, déi dohinner komme bis e ganze Koup aner Saachen. Et ass op jidde Fall eng Saach kloer, dat wäert net ofgerappt ginn.

7. Projet Elysis

Firwat gëtt weider dran investéiert? Majo well dat anert Südspidol, dat neit, wat gebaut gëtt, jo nach siwen, aacht oder néng Joer dauert. Da muss elo an dat heiten nach weider investéiert ginn. Mir operéieren d'Leit jo net do an Operationssäll, déi net hygienesch sinn. Oder d'Leit sinn an Zëmmeren, déi net an der Rei sinn. Mir musse jo weider do kënnen investéieren, wat de Wäert vun esou engem Gebai jo och an d'Luucht setzt. Dofir wäert natierlech d'Diskussioun do opgoen, soubal dat mam Südspidol gekläert ass, a mer dann den Accord hunn, datt et dann och ka gebaut ginn. Wat de Lycée Hubert Clément ugeet oder de Lycée Technique oder all déi Gebaier, déi mer an der Vergaangenheit haten, oder Luxcontrol zum Beispill. Ech war nach viru Kuerzem bei Luxcontrol, well de Grand-Duc héritier dohinner eng Visite maache komm ass. Dat ass e wonderbaart Gebai. Et huet net an eise Budget eragepasst zu där Zäit, wou mer et ubegebueder kritt hunn. A Luxcontrol muss och en anere Site dann hunn. Mir musse jo och e bësse Prioritéite setzen.

Deemoos war dat natierlech eng gutt Iddi gewiescht vum Här Harles, ze soen, da kënnne mer de Conservatoire dohinner ausbauen. Mir mussen awer Prioritéite setzen, wou mer mussen investéieren. An et ass permanent och hei, a mat Recht, d'Diskussioun, dass Schoul, Schoulraum gebraucht gëtt. Mir wuessen, mir sinn op 33.700 oder bal 33.800 Awunner. Et si Studente bääkomm. Mir musse weider u Schoulraum denken, ale renovéieren, neie bäämaachen. Dofir sinn dat émmer nach d'Haaptakzenter, dat wäert Der och gesinn an eisen Diskussiounen ronderëm de Budget.

Terrainen, déi fräi sinn: Dir wësst, do brauch ech net méi drop anzegoen, datt mer eis am Moment net allzevill müssen erwaarde vun der Arcelor. Mir ginn ugeschwät, an dat war och bei Elysis de Fall, iwwer fräi Terrainen, déi et nach hei zu Esch ginn. Där ginn et der net méi vill. An da musse mer kucken, wéi mer déi Terrainen, déi mer nach hunn, kënnen esou notzen, datt se awer trotzdem nach fir eng gewësste Liewensqualitéit fir déi Leit, déi do an deene Quartiere wunnen, respektiv fir déi, déi sollen dohinnerkommen, weiderhi bewahren.

Mir haten dräi öffentlech Versammlunge wéinst gréissere Projeten, déi hei zu Esch geplangt sinn. Mir si fir d'Éischt allegueren, an Dir waart all invitierert, bei déi Leit gaange vun de Quartieren an hunn déi Projete virgestallt. Bei zwee vun deene Projete gi mer nach eng Kéier an den Détail an der nächster technescher Gemengerotssitzung. Wou nach eng

Kéier alles op den Dësch geluecht gëtt. Wat d'Proximitéit ugeet vum Elysis zum Spidol elo nach oder zum Südspidol herno: Et ass knapp e Kilometer bis dohinner. Soss komme mer jo an eng Logik eran, dass wann dat neit Südspidol gebaut gëtt, mer Servior musse zoumaachen. Well dann ass Servior och net méi no genuch beim Südspidol. Mir kënnne jo net an esou Logike verfalen. Mir hu jo keng Distanzen hei zu Esch. Et ass alles enorm no beieneen an dat ass jo och e Virdeel, och fir d'Leit aus dem Quartier, déi do wunnen. Et ass e grosse Virdeel a mir hunn och émmer hei, fannen ech zu Recht allegueren dru festgehalen, datt mer net Altersheimer oder och anerer – herno komme mer op den Abrisud –, op d'Frichen iergendwou sätzen oder ausserhalb, wou keng Ubung ass zu dem Liewen an der Gemeng. Vlächst just nach eng Kéier d'Studentewécklung: do si mer net émmer Här a Meeschter. Do ergi sech Projeten, un deenen ee laang geschafft huet, an déi falen dann zesummen. An da muss ee permanent natierlech dodrunner schaffen. Ech mengen awer och, datt Der allegueren iwwerall agebonne sidd an déi Diskussiounen, sou gutt iwwert d'Éffentlechkeet, iwwer öffentlech Versammlungen, wéi an de Kommissiounen. An och op anere Plazen, wou mer dann zesummen diskutéieren.

An hei hu mer elo iwwert ee Projet diskutéiert, deen esou lues kann op d'Schinne goen an dee mat enger Wobrécke-Schoul zesummegemaach gëtt. Also den Elysis, deen némme wéll net méi wéi 130 Zëmmer Plaz hunn, well se selwer soen, dass se keng Fabrik wölle ginn. Genau wéi mir och der Meenung sinn, datt déi Schoul, déi dohinner kënnt, déi Primärschoul, déi dohinner kënnt, keng weider Brillschoul soll sinn. Mä si soll eng Quartierschoul ginn.

An da sinn et zwee Projeten, déi sech ergänzen, zesumfammen. An ech mengen, datt dat och de Sënn ass an och fir am Quartier sou ugeduecht ass, an dass et dann och wéinst dem Quartier an am Quartier gutt ugeholl ginn ass.

An als lescht Informatioun: am Jury vun der Wobrécke-Schoul ass och eng Persoun mat dran, déi vun der Biergerinitiativ Wobrécken nominéiert ginn ass. Mir haten do ugefrot, datt si eng Persoun sol- len nennen, déi mat dran ass, an déi och dës Woch déi éischte Kéier hei mat dobäi war. Also datt déi dann d'Interessen och vum Quartier mat vertrëtt. Ech mengen, ech hätt op d'Froen geäntwert. Den Här Tonnar wéll nach eppes soen."

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech wollt awer och all déi Ängschten aus dem Wee schafen. Dee Jury war, wéi d'Madame Buergermeeschter et gesot huet, de ganze Méttwoch Mëttég zesummen. Et sinn zwee Schäffen an deem Jury. Den Här Kox an ech selwer. Nieft deene Spezialisten, Architekten, déi een onbedéngt brauch an esou engem Jury, déi de Gros vun der Aarbecht maa-chen, ass den Inspékteur, ass e Représen-tant vum Ministère dran, d'Madame Sevenig, a wéi d'Buergermeeschtesch et seet, eng Persoun vun der Biergerinitiativ. An, wéi den Zoufall et wéllt oder net wéllt – ech weess et net, mir hunn déi Persoun net genannt, mä d'Biergerinitiativ huet déi Persoun genannt –, ass et eng Léierin. Wat net ka schueden, géif ech mengen.

Et ass och gesot ginn, déi Délalie sinn extrem kuerz. Et sinn 33 Projeten era-komm. 33 Projeten! Do ass dee ganze Mëtten emol en Tri gemaach ginn, mä déi hätt ee praktesch all kënnne bääbehälen. Mä et muss een op ee reduzéieren. Et sinn der do op siwe reduzéiert ginn. An et gëtt elo déi gefrot, dass se dann hire Projet sollen eraginn.

Ech fannen net, dass et en Inconvénient wier fir d'Schoul, wann den Elysis fir d'Éischt säi Projet eragëtt. Dat kann alles iwwerteneen ofgeschwat ginn.

A meng lescht Remarque: dee Cahier de charges ass esou präzis an esou detail-léiert, dass wierklech un all Minimim-Sall geduecht ginn ass an all-Minimum Raum. Dat fir déi total innovativ Schoul, déi et awer soll ginn, wou d'Maison Relais an der Schoul ass, wou d'Kanner d'Maison Relais hunn, net wou se müssen dorëmmer plënneren a wäit goen. Dee ganze Projet ass ganz exakt mat den Enseignementsservicer ausge-schwat ginn, mat der Madame Schoett-ert. An ech si guer net beonrouegt, dass dat net géif e flotte Projet ginn.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Vun de Projeten dovunner. Mir kënnen och een nom anere stëmmen.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Frot de Vote séparé.“

(Interruptioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „E Vote séparé ass gefrot, fir et dann auszeschwätzen. Här Espen, mir stëmmen elo d'Konventioun. Den Här Kersch huet recht, well et esou do steet, fir elo net nach méi Duercherneen ze maachen. D'Konventioun, w.e.gl.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention avec l'association Elysis a.s.b.l.

An elo komme mer zum Contrat de bail.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve avec 14 voix oui et 4 abstentions le contrat de bail emphytéotique du projet Elysis. Abstentions: Mme Annette Hildgen – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Den Här Zwally wëll d'Abstentioun vun der CSV begrënnen?"

André Zwally (CSV): „Jo, Merci Madame Buergermeeschter. Ech mengen, dass mer an eisen Aussoen, déi mer gemaach hunn, soen, dass de Bail emphytéotique eng gutt Saach ass. Dat Eenzegt, wat eis stéiert, ass effektiv den Emplacement. Dofir enthalte mer eis. Dat, well do eis einfach déi Detailfroe feelen, wéi dat Ganzt an der Entwicklung vun eiser Stad soll ausgesinn.

Kuerz nach op de CHEM ze schwätzen, wat Der jo och mentionéiert hat an Ärer Antwort: Et ass gutt, wa mer elo den 23. dat dote kréien an och kenne presentéieren. Ech wëll lech awer och drun erënneren, dass mer och de Finanzéierungsplang net sollen aus den Ae verléieren. Well déi Regierung muss elo op de Wee goen, fir dat doten ze maachen, well soss ass all déi Viraarbecht fir näisch gewiescht. An deem Senn wollt ech dat dann och nach mentionnéieren. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

„Do ginn ech dem Här Zwally absolut recht, wat de Finanzéierungsplang ubetréfft. Mir hunn deen Dag ganz vill Zäit mat de richteg wichtige Leit, fir och do nach eng Kéier ze insistéieren. Merci allegueren.

Elo Pacte Climat. Den Ëmweltschäffen, den Här Kox huet d'Wuert.“

8. Pacte climat: présentation du rapport d'activité

Schäffle Martin Kox (déi gréng):

„Merci Madame Buergermeeschter. D'Basis vum Klimapakt ass e Vertrag vun der Gemeng an dem Stat. Esch ass mat der Deliberatioun vum Gemengerot am September 2013 dem Klimapakt baigetrueden an domat d'Verflichtung agaangen, fir bis 2020 jährlech mindestens 2% un CO2 anzespueren. Dës Ziler ginn eréischt konkret am Kader vum Leitbild Kapitel 1 proposéiert. Mir hunn domat als Gemeng eng Virreiderroll ze iwwerhuelen an zur Reduzéierung vum Klimawandel baize-droen.

Duerch de Bäitrett vun der Gemeng zum Klimapakt verpflicht si sech, d'"Qualitätsmanagementsystem" émzusetzen an en "Energiebuchhaltungssystem" opzebauen. D'Zil ass d'Erspuernes vun Energiesteigerung, vun Effizienz a Sécherheet, esou wéi d'Erhéitung vum Asaz vun erneierbarer Energie. Et erfollegt duerch d'Émsetzung vum Klimapakt automatesch eng Struktureierung vum Klimaschutzzil vun der Gemeng. Et gëtt eng nohalteg Entwicklung am Beräich vun Energieoffall, Waasser a Mobilitéit weidergedriwwen, respektiv an d'Wee geleet.

Fir dése Prozess ze steieren ass eng Équipe 'Klima' geschafe ginn. Ausser den zwee Ressortschäffen Mobilitéit respektiv Bauten an Ëmwelt, si sämtlech Chef-de-servicé vun der Gemeng an déi Équipe intégréiert ginn. Encadréiert gëtt de Grupp vun eisem externe Klimaberoder, de Sébastien Koch an dem internen Energieberoder, dem Jeannot Behm. Schliisslech kompletéieren nach zwee Vertrieder vun der Zivilgesellschaft de Grupp, ee Vertrieder vun Transition Minett an ee vum MECO. Dëse Grupp hält Decisioune fir d'Émsetzung an d'Orientéierung vum Klimapakt. D'zentraalt Instrument ass de bestehende Moos-namkatalog, d'Kapitele vum Klimapakt, déi och am Dossier mat dra sinn:

1. d'Entwicklungsplanung a Raum- uerdung;
2. communal Gebaier an Anlagen, wou ech gläich dozou Stellung huelen;
3. Versuergung an Entsuerung;
4. Mobilitéit.

Dann d'intern Organisatioun a schliisslech d'Kommunikatioun.

Ënnerstëtzzt gëtt d'Équipe Klima duerch en technesche Grupp an déi jeeweils een Techniker aus deenen entspreechende Servicer intégréiert ass.

Zum Kapitel 2: D'Analys vun eise kommunale Gebaier, wäitaus dee gréissten an opwändegsten Dossier läit elo vir. Hei sinn d'Energie, Waassermanagment, d'ëffentlech Beliichtung a besonnesch Moosnamen analyséiert ginn. Gläichzäiteg sinn d'Zilwärter fir Energieeffizienz a Klimawirkung bestëmmt ginn.

Heibäi si 55% vun de Punkten erreicht ginn. Dat bedeut, wann no Ofschluss vun alle Kapitele mat insgesamt enger Moyenne vun iwwer 50% an der Zertifizierung duerch den Audite Stuf 2, 600.000 Euro, verdeelt bis 2020, vum Stat als Subsid accordéiert kenne ginn. Selbsterklärléch müssen déi Moosname kontinuéierlech realiséiert ginn. Energieeffizienz spuert och Geld. Bei eisen 112 Gebaier, mat engem Energieverbrauch vun 3,1 Milliouren Euro, besteht en Aspuerpotenzial vun 1,8 Milliouren. Dat geet un u sech vu ganz liichten einfache Methoden, ouni Invest. Ech mengen, et ass och ausgerechent ginn. D'Schléissung vun den Dieren an der Sportshal ass ouni Invest. Op där anerer Säit muss een och isoléieren an a Lagertechnik investéieren, fir d'Gebaier méi energieeffizient ze machen.

Ech kommen ofschléissend nach eng Kéier op den Dossier vun der Sportshal Lalleng zréck.

De Moment huet d'Gemeng keng iwwert d'Norm erausgehend energetesch Standard fir d'Kommunalgebaier, weder beim Neibau, noch an der Renovatioun. De Gemengerot souwéi d'Utilisateure vun de Gebaier kréien elo e jährleche Wäert vum Energie- a Waasserverbrauch matgedeelt. De Service écologique kritt och dann direkt d'Verbräich vun de verschid denen Energieversuerger Sudcal, Sudstroum, Sudgaz an de Waasserverbrauch vun der RSA.

Éischt Decisioune si geholl ginn, den Objektiv a d'Certifikatioun Stuf 2 fir Métt 2016 unzestriewen.

2. Do, wou Compteure fir Stroum, Waasser, Wäermt feelen, ginn no an no Compteuren installéiert. Déi ware bis elo net do.
3. Méi exigent Normen, wéi déi legal Prescriptiounen betrëffs der energetescher Performanz vun de kommunale Gebaier ginn definéiert no Accord vum Directeur-architecte.
4. Den Affichage op all Gebai vun deem entspreechende Verbrauch vun Energie a Waasser gëtt virgeholl an ass och schonn amgaang.

5. Ech kommen och op déi nei Wobréckener Schoul zréck, wou mer elo grad driwwer diskutéiert hunn. Och am Concours ass eng Energieklass Passiv AA intégréiert. Et soll en exemplaresche Projet och an deem Senn ginn.

6. De Budget fir de Klimapakt ass mat 100.000 Euro am Budget deemnächst proposéiert.

Bäigfugt ass den Dossier Lallenger Sportshal, deen am Kader vun der Learning Factory erstallt ginn ass. Do e grousse Merci vu mir aus oder vun eis aus, dem Tommasino Favaro an dem Jeannot Behm, déi eng exzellent Aarbecht do gemaach hunn. Wann Der dat emol eng Kéier duerchblidert, do stinn d'Bestandsopnam, d'Identifikatioun, Virschléi fir Mesuren.

Ech mengen, et muss een dovun ausgoen, dass mir 27.000 Euro pro Joer an dësem Gebai vun Energiekäschten hunn. Ech sinn och schonn eng Kéier op déi Beispiller vun der Diereschléissung, déi steet och an dem Kommentar dran, agaangen; d'Temperaturventilatioun erofsetzen, alternativ Notzung vun Halen a Vestiairen. Et geet duer, dass wa mer grouss Halen hunn, déi kéinte gedeelt ginn. Do können natierlech dann och zwou Équipes dra spiller, ouni dass mer zwou risen Halen ophötzen.

Lescht Virschléi, iwwert déi ee muss deemnächst och emol eng Kéier diskutéieren, ass de Poste vun engem Coordonnateur énergétique, fir dass mer all déi Bauten, déi 112, déi mer hunn, och energetesch-effizient notzen.

Ech ginn dann nach op en Zousaz an. Politesch sinn natierlech och d'Kommisiounen mat an dee ganze Projet agebonnen. Souwuel d'Bauten- an d'Energiekommissioun, wéi och d'Commission écologique. D'Zivilgesellschaft ass och vertrueden, respektiv déi gétt an der Kommunikatioun am Moosnamekatalog 6 dann nach vill méi agebonnen, fir de Projet nach weiderhin ze réalisieren a fir en ze suivéieren. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kox. Ech schreiwen op: Den Här Zwally, den Här Kersch, den Här Bernard ass net do. Här Zwally, Dir hutt d'Wuert.“

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech gesinn, dass de Sall e bëssen eidel ginn ass. Si se all gutt duuschtereg gi vun deem Punkt virdrun? Neen. Ech wollt awer kuerz e puer Wuert zum Klimapakt soen.

Déi lescht Diskussioun, déi mer haten, war de 27. September 2013. Et sinn

eigentlech elo gutt zwee Joer hier an ech ka mech nach gutt un Äre Virgänger erënneren, deen och mat vollem Elan an der Diskussioun vun dem Klimaschutz hei geschwat huet. Mir hunn deemoools gesot gehat, dass mer alles géife mat énnerstëtzzen. Mir hunn och des Öfteren Diskussiounen gefuerdert gehat, dass ee wierklech den Inventaire soll maache vun eise Gebaier. Dat hutt Der elo gemaach. Mir können lech némmen dofir felicitéieren. An et stellt sech dann och elo eraus, dass mer wierklech wéssen, wou mer dru sinn an dass dat Klima-Team, wat Der hei geschafen hutt, net fir näischte an d'Liewe geruff ginn ass.

Ech wonnere mech awer, dass Der am Bericht sot, dass Der dat Ufank 2015 net konnt virstellen, well Der eigentlech schonn an deem Zesummeschaffen zwischen deenen eenzelne Servicer net déi richteg Leit fonnt hutt oder op d'mannst net dat kritt hutt, wat Der néideg gehat hätt, fir et können éischter ze maachen. Ech stellen elo fest, dass nach émmer, nach wie vor, déi Formatioun, déi mir och deemoools gefuerdert hunn, wichteg ass. An dass all Mensch soll wëssen, dass wann en op engem Gefier hei zu Esch schafft oder domadder fiert, a wa se an engem Gebai sinn, a wa se Responsabilitéiten hunn an hirer Aarbecht, d'Émweltpolitik eng Prioritéit soll fir si sinn. An dass se virun allem och do solle matschaffen.

Mir hunn Certificationounen, déi mer ueiben. Ech hu gekuckt gehat, dass 23 Gemengen e Präis kritt hunn. Ènnert anerem huet Schéffleng e Präis kritt, Déifferdeng huet e Präis kritt. Ech mierken, dass mir nach net annähernd an dee Beräich vun der Certificationoun komm sinn. An domadder stellen ech dann och fest, dass mer wierklech e Retard hunn, wat dat doten ubelaangt.

Ech muss och soen, dass wann ech natierlech kucken, wat fir eng Mesuren, dass Der elo proposéiert, dat fir all Gebai dann zielt, mer net genuch nohalteg an deene vergaangene Joren domadder émgaange sinn.

Dir sot elo, mir hunn 3,1 Milliounen, wou mer musse bezuelen un Energiekäschten. Mir maachen Aspuerunge vun 1,8 Milliounen. Dann huet eigentlech dee Retard, dee mer hunn, eis erém eng Kéier finanziell Schued gemaach. An dat si Suen, déi mer bestëmmt och gebraucht hätten, fir können éischter eppes aneschters domadder ze maachen. Den Deel vum Plafonnage: Ech hu schonn deemoools bei Ärem Virgänger am September gesot gehat, dass jo awer fir déi Suen, déi mir können zur Dispositioun kréien, an dat och vum deemolege Minis-

ter gesot ginn ass, e Plafonnage ass. A mir hunn och deemoools gesot, Dir sollt lech a Verbindung setze mat deenen, déi an der Chamber sinn, respektiv déi an der Regierung sinn, fir dee Plafonnage opzehiewen. Well et dierf menger Meenung no do kee Kritär gëllen, wann ee sech wierklech investéiert an Energie-Moosnamen hëlt. Da soll een dat aneschters gestalten. Da soll een och d'Méiglechkeet ginn, fir motivéiert-finanziell Suen ze kréien.

Äre Virgänger huet och deemoools gesot – dat war am September, kënnnt Der lech erënneren, well am Oktober si mer nei wiele gaangen –, hie wier souguer iwverzeegt, dass wann elo eng nei Regierung géif kommen oder eng aner Regierung an aner Responsabel géife kommen, da wär dat alles kee Problem. Dat kënnnt Der noliesen an eisem Escher Gemengerot vum 27. September.

Mir sinn elo zwee Joer dono. Et ass nach émmer näischte geschitt. Ech géif lech da bidden, nach eng Kéier déiselwecht Sugestiouen opzehuelen a bei Äre Leit, déi bei lech an der Regierung sinn, déi doten Diskussioun nach eng Kéier ze féieren. Elo, fir awer zum Schluss ze kommen: Ech mengen, dass zénter d'Émweltkommisioun regelméisseg zesummekénnt – ech hunn héieren, dass déi en neie President kritt –, och dee Problem vun der Émwelt hei an Esch erém eng Kéier eescht geholl gétt. Mir hunn eng gutt Équipe do. Mir schaffen och gäre mat an all deene Propositiounen, déi Der maacht. An ech hoffen, dass deen Élan, dee mer elo annerhalte Joer haten, mat deem neie President, ähnlech gétt. A mir sinn natierlech och bereet als CSV, eise Beitrag ze leeschten, wann et doréms geet, fir hei de Klimaschutz mat ze énnerstëtzzen.

An deem Senn Merci dem zoustännege Schäffe fir d'Presentatioun an eis Énnerstëtzung wäert Der kréien. Merci.”

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Zwally. Den Här Kersch.“

Guy Kersch (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Et geet hei drém, datt mer als Stad Esch manner CO2 ausstoussen. Dozou hu mer eis jo 2013 verpflicht, wéi mer de Klimaschutzpakt énnerschriwwen hunn. D'Zil ass et énner anerem, datt mer am Joer 2016 déi éischt Stuf vum Label vun enger Klimaschutzgemeng kënne kréien.

Mer hunn den Ament d'Bestandsopnam vum Energieverbrauch vun de Gemenge gebaier virleien. Aner energierelevant Beräicher komme méi spéit drun, wéi zum Beispill den Transport.

Beim Hëtze verbrauchen d'Schwämm an d'Sportshal am meeschten Energie, wie wonnert et? An och d'Schoulen, d'Nonnewisen a Brill 2, déi hu jo allenzwee och eng Schwämm, leien och iwwert 100 Megawatttonnen d'Joer. Dono komme mat iwwer 500 Megawatttonnen d'Joer véier aner grouss Schoulen an den Theater, de Conservatoire an d'Kulturfabrik.

Och beim Verbrauch vum elektresch Stroum gesät et ganz ähnlech aus. Erém eng Kéier leien déi Gebaier un der Spëtz vum Verbrauch, déi ee sech am Fong erwaarde konnt.

Mer hunn elo déi déckst Energieverbraucher identifizéiert. Dofir sammele mer Pluspunkte fir dee Klimaschutzlabel ze kréien. Nach keng Punkte kréie mer, well mer bis elo keng Mesurë geholl hu fir energieineffizient Gebaier ze sanéieren. Dat geschitt eréischt am Laf vun deenen nächste Joren. Mir sti jo elo eréischt och am UFank vun der Ëmsetzung vum Klimaschutzplang.

Mä schonn eleng well eis Gebaier, grad ewéi d'Escher Stéit, némme Stroum aus erneierbaren Energiequelle vu Sudstroum kréien, hu mer scho Pluspunkten zegutt. Bei der Schwämm a bei der Sportshal gëtt et och scho weider Iwwerleeungen, wéi een Energie kann aspueren. Den Här Kox ass kuerz schonn op d'Sportshal agaangen.

Bei der Schwämm huet d'Firma KSB eng Energieanalys vun de Filterpompele gemaach. An déi Firma rechent eis vir, datt mer bal d'Halschent un Energie kéinten aspueren. Dat, wa mer amplaz vun den aktuelle Motoren, hir Motore géifen abauen an datt deen Invest sech no zwee Joer scho rentiéiert hätt. An da leeëe se och glaich en Devise bai, fir hir nei Motoren: 40.000 Euro ouni TVA.

Et freet eis natierlech, wa mer hei Energie a Käschte kënne spueren. Mä mir hätten awer och nach gär eng neutral Analys. Well dat, wat elo virläit, ass eis awer ze vill an eegener Saach plädéiert.

Da gouf, wéi gesot, och d'Sportshal analyséiert. Souwuel den Zoustand vun den zwee Gebaier, wéi och vun den techneschen Installatiounen. Hei si virun allem d'Chaudières al a losse sech net méi sou richtege reguléieren. Mer verbrauchen doduercher duebel sou vill Gas wéi néideg am Verglach mat engem Referenzgebai. 43% méi Elektresch wéi néideg. Just beim Waasserverbrauch an der Sportshal leie mer 43% besser wéi d'Referenzgebai. En Aarbechtsgrupp vu Gemengeservicer huet sech Gedanke gemaach iwwert d'Sportshal a si koumen op eng maximal méiglech Erspuernis vu 74% Energie, wat einfach enorm ass. Si hunn eng Rei Iddie gesammelt, déi deelweis emol guer

näischt kaschten. Den Här Kox huet se opgezielt.

E bësselche kascht, wa mer d'Halogenluuchten duerch LED-Luuchten ersetzen. Dat rentiéiert sech awer scho nn no zwee an engem halwe Joer. Bei de Chaudières a bei de Ventilatiounen si gréisser Investitiounen néideg, mä och hei gëtt de Klima direkt geschützt an d'Gemengekess awer och mittel- a laangfristeg. Insgesamt freet et eis festzestellen, datt de Klimaschutzpakt elo sou lues a lues éischt konkret Resultater an eiser Gemeng kritt, op déi mer ganz ongedëlleq gewaart hunn. Wat bei der Ëmsetzung vum Klimaschutzpakt virun allem Ulass zum Optimismus gëtt, ass datt mer vill Kompetenz an eise Gemengeservicer a bei eisem Personal hunn. A si hunn och ganz motivéiert matgeschafft a si wäerten dat och weider maachen, wann ee se emol ém hir Meenung freet. Wat leider net dacks genuch de Fall ass. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kersch. Den Här Kox huet d'Wuert fir d'Äntworten.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Den Här Zwally ass de Moment nach net do. Vlächt fänken ech mam Här Kersch un. Ech mengen, Dir hutt dee ganzen Dossier gelies. Et gi Moosnamen, déi u sech näischt kaschten, déi awer vill Energie a vill Käschten spueren. Dat heescht, mir müssen och elo eng Wäertung opsetzen, wou fänke mer elo un. Ech mengen, mir fänken zunächst mat deene Saachen un, wou mer u sech net müssen investéieren.“

Dat Zweet: natierlech och an eisem Budget, deen elo deemnächst presentéiert gëtt, wäerte mer awer och Invester maachen, fir zum Beispill sécherlech energieeffizient Moosnamen duerchzeféieren. Dir hutt ganz recht, mir hunn al Gebaier, mir hunn energieineffizient Gebaier. Ech menge, mir kënnen awer och elo net ufänken, all Gebai energieeffizient direkt émzeseten. Dat Ganzt brauch e laangen Otem. Dee Klimapakt ass elo net duerch déi Analys färdeg, well dat ass en Dauerprozess, deen ouni Enn weidergeet.

Ech mengen, Dir hutt d'LED-Luuchten ugesprach, déi sinn amgaang, schonn ersat ze ginn. Déi ginn och virfinanzéiert vu Sudstroum. Dat ass en Invest, dee relativ schnell ze maachen ass. Do huet een och direkt de Gewënn dovun nees eran. Filter an déi Pompelen an der Schwämm: dat si bis elo Energieschleidere. Do ass et sécherlech elo deen Devise, deen do dra läit. Do muss fir d'Éisch eng neutral Analys gemaach ginn, do hutt Der recht. Awer ech mengen, deen een oder anere

Filter zwëschenduerch ausziewiesselen, dat ass kee groussen Invest, mä dat bréngt eis awer manner Energieverbrauch.

Wat den Här Zwally gesot huet: Dir hutt vlächtig recht, vun 2013 bis elo hu mer keng effentlech Analys hei virbruecht. Dat ass och richteg. Ech mengen, pro Joer muss eng Analys gemaach ginn. Déi muss och lech virgedroe ginn. Op där engen Säit kritt Der awer och elo scho lafend de Verbrauch respektiv de Joresverbrauch matgedeelt. Déi sinn och elo am Dossier dran. Repetitiv déi nächst Jore gitt Der do informéiert.

Ech muss och soen, an et ass elo keng Kritik, dass ech ganz frout sinn, dass mer den Energieberoder konnten d'lescht Joer iwwer Sudstroum astellen. Ech mengen, et ass ganz schwéier. Mir hu mat deem schwéiersten Dossier ugefaang. Dat sinn d'Gebaier an eis Anlagen. Dat ass e rise Chantier. Dat huet elo annerhallef Joer gedauert, bis mer endlech de Rapport final virleien hunn. Do gesitt Der jo, wat dobäi erauskomm ass. Et ass ganz schwéier.

Mir hunn a Gebaier keng Compteure gehat. Déi sinn elo deelweis nodréiglech installéiert ginn. Mä mir sinn awer vlächt als Esch net gudd opgestallt. Dir hutt elo gesot, dass een Drëttel scho certifiéiert ass; dat sinn déi kleng Gemengen.

Schéffleng ass vlächt eng kleng Ausnam, se ass awer net certifiéiert, se ass net duerch den Audit duerch.

Ech hu mech och renseignéiert, wat eis Haaptstad ubelaangt. Déi wäerten esoubal nach net an der Certification dra sinn. Also ech mengen, dee ganzen Dossier ass ganz sportlech, a mir brauchen natierlech vun all eise Servicer Hëlf. Mir hunn déi Hëlf delweis och kritt. Mä et geet net duer, dass d'Leit dann eis d'Donnéen eraginn.

Ech mengen, et sinn Donnéeën do, mä déi mer musse wierklech aus der Literatur eraushuelen. Et muss eng Deliberatioun dobäi sinn, et muss e Certificat dobäi sinn. Also et ass net ganz einfach.

Ech mengen, dat entschëlllegt net. Mir si ganz gutt elo opgestallt. Déi aner Dossieren, déi ginn elo relativ schnell virun. Mir si scho beim Kapitel 3 a 4; déi ginn elo glaichzäiteg duerchgezunn. A bis Mäerz si mer färdeg, fir dass mer bis Juli d'Zertifizierung hunn. Ech mengen, mir steiere Grupp 2 un. Mir packen et sécherlech net, eleng scho wéinst deem Dossier, dee mer elo virleien hunn, mat de Punkten, fir an d'Kategorie 1 ze kommen. Dat ass sécherlech onmégliche. Mir hunn natierlech elo gutt ugefaangen. Mir si bei 55% fir dee risen Dossier. Mir wäerten da sécherlech am Mäerz respektiv am Juli de Grupp Stuf 2 certifiéiert kréien. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kox fir d'Presentation vum Pacte Climat. Mir kommen elo zu verschidde Konventiounen. D'Konventioun mat der Société Lexmark, Här Hinterscheid.“

9. Conventions:

- a) Convention de cession d'une cabine moyenne tension avec la société LEXMAR S.à.R.L.; décision
- b) SEPA A.S.B.L. – avenant; décision
- c) LASEP ESCH A.S.B.L. – avenant; décision
- d) Basket Esch: Minieurope – avenant; décision

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Eigentlech ass dat némme fir eng Situation de fait ze regulariséieren. Mir hunn dohannen an der rue Belval op deem Terrain, wou den Naturata drop ass, eng Mëttelspannungszell, déi awer op engem Privatterrain steet, deen deem Grupp do iwwert eng Emphytéos zur Verfügung gestallt ass. Dat ass eng ongënschteg Situation. Déi Mëttelspannungszell huet deem Grupp Lexmark gehéiert. A wa mir den Entretien solle maachen an d'Accessibilitéit sécherstellen, hätte mir gär gehat, dass déi Mëttelspannungszell an d'Propriétéit vun der Gemeng iwwerget. Dann hu mer eng kloer Situation. An no laangen a villem Diskussionen ass d'Sociétéit Lexmark domat d'accord gewiescht, dass si se der Gemeng fir een Euro cedéiert. Domat behale mir iwwert de Prinzip vun de Servitudes publiques émmer Accès drop.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hinterscheid. Soll ech d'Konventiounen alleguerte beieneen huelen? Jo. Dann den Här Kox fir den Avenant zur Konventioun iwwert d'Déierenasyl.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng): „Dat betréfft eng zousätzlech Ênnerstättung vun eisem Déierenasyl, déi eng gutt Aarbecht maachen. Dat ass och mat hinnen ofgeschwat ginn an dat ass och budgetsméisseg diskutéiert ginn. Mir iwwerhuelen elo 50% vun de Frais vétérinaires bis zu engem Plafong vun 12.000 Euro. Dann déi Persounen, déi si énnier Kontrakt hunn. Do steiere mer vun der Gemeng aus an d'Masse salariale globale maximal 2.500 Euro pro Mount bai. Mir ginn hinnen dann awer eng Avance menuelle, déi se och da gefrot hunn.“

A schlisslech si mer natierlech och deelweis responsabel fir déi ganz Gebaier. Si hunn nach en Asbestdaach. Do hu mer elo d'Devisé virleie. Den Désamiantage vun deem Daach, wou d'Hénn dra sinn, gëtt dann deemnaächst duerchgefouert. Do hu mer eis awer och esou gëelegt, dass mir den Daach erneieren. Awer de Virdaach, dee se wëllen hunn, wäert d'ASBL selwer finanzéieren. Ech géif lech bidden deem zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen dann zu zwou Konventiounen betreffend d'LASEP an de Basket Mini Europe. Dat ass en Avenant. Här Sportschäffen, w.e.g.l.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Also dat eischt ass eigentlech eng Formulatioun, déi kloer mécht, wéini wat stattfénnt. An an deem Senn, gëtt mam Budget fir d'Joer N+1 definéiert, wéi d'Participatioun vun der Gemeng un de Fraisë vun der LASEP ass. An dass soubal wéi de Budget approuvéiert ass, déi dann am Januar verséiert ginn, fir dass dat ka lafen. Ech mengen, et ass eng technesch Reformulatioun vun engem Artikel. Eise Montant ass deeselwechte wéi en d'lescht Joer am Budget war, also 110.000 Euro. Déi stoungen och scho fir dëst Joer am Budget. A fir d'nächst Joer ass en deeselwechten. Domat huet d'LASEP elo schonn d'Certitude, sous réserve, dass de Budget approuvéiert gëtt, an dass déi Suen am Januar kënne liquidéiert ginn, well jo do all Mount musse Sue verséiert ginn. Déi zweet Konventioun ass en Avenant zu der Konventioun mam Basket Esch fir d'Organisatioun vum Mini Europe, wou de Basket zousätzlech Geld kritt. E kritt 6.000 Euro fir déi Organisatioun, déi mëttlerweil ganz grouss ginn ass. Dat ass fir d'Participation auprès de l'organisation, fir Coupé fir déi véier bescht Équipé vum Tournéier, fir de Logement vun eiser Équipe vun eiser Partnerstad Mödling a fir eng Sonorisation um Sportscenter; dat heescht eng Sonorisation am Henri Schmitz. Dat ass alles 'tout confondu', an da kënnt näischt weider dobäi. Ech géif lech bidden, deene Konventiounen dann och zouzestëmmen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Ginn et Froen zu deene véier Konventiounen. Kënne mer se all beienee stëmmen? Jo, dann au Vote.“

gen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention de cession d'une cabine moyenne tension avec la société LEXMAR S.à.R.L.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention SEPA a.s.b.l.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention LASEP ESCH a.s.b.l.

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention Basket Esch: Minieurope.

10. Questions de personnel; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu de Questions de personnel. De Personalschäffen huet d'Wuert.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir hu fir d'Eischt an dem Département vun den Travaux municipaux d'Kreatioun vun zéng Poste ‚Garde champêtre'. Dëst ass ze erklären, well mer de Champs de compétences vun eisen Agents municipaux wëllen erweideren.“

Dir wësst, datt mer keen Ordnungsamt hu wéi an däitsche Stied an datt d'Kompetenze vun den Agents municipaux sech limitéieren op Incivilités oder op Saachen, déi am Parkraum geschéien.

Well awer elo d'Regierung ugedeit huet, datt de Projet de loi an der Maach ass fir d'Kompetenzen ze erweideren, mä fir net dorobber kënnen direkt ze reagéieren, hu mer gesot, mir ginn op de Wee wéi aner Gemengen – Hesper an Déifferdeng hunn dat och scho gemaach –, datt mer innerhalb vun eisen Agents municipaux da froen, wien do Garde champêtre wëll ginn. Well da kënnen d'Kompetenze vis-à-vis vun Incivilités am hygienesche Beräich am Stadraum erweidert ginn.

Dofir kreéiere mer déi zéng Posten a froen dann innerhalb vun eisen Agents municipaux, wien op deen dote Wee wëll goen. Dat bréngt mat sech, datt da finanziell gesinn eng Prime d'astreinte fixe vun 22 Punkten de Mount deene Leit zougestane gëtt, déi dat do wëlle maachen.

Ech fannen et och interessant, datt d'Personalkomissioune d'Bemerkung gemaach huet – an dat hate mer och am Schäfferot undiskutéiert –, datt mer awer deene Leit, déi sech op déi Posten do mellen, awer och eng adequat Formatioun solle ginn. Dat ass de Wee, wou mer wëlle goen.

Soll ech déi aner direkt och mat virstellen?“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Jo, w.e.gl.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dir wësst jo, dass am Service informatique verschidde Changementer sinn. Et ass eng Retraite an eng kleng Reorganisatioun.

De Chef de service, den Här Remakel, hu mer an d'Pensioun gestëmmt. Mir mussen awer och nach den Här Aniset ersetzen. An dofir wëlle mer en Expéditionnaire an deem Service kreéieren an

en Employé an der Carrière D oder E. Do schreiwe mer e bësse méi breet aus, fir ze kucken, fir déi richteg Persoun do ze fan nen. An doduercher wéilte mer dann awer och de Redakterposten, deen am Service informatique besteet, suppriméieren. Dat sinn déi eenzel Froen, déi sech an de Personaldossierer erginn.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally, den Här Biltgen, d'Madame Bofferding. Här Zwally, Dir hutt d'Wuert.“

André Zwally (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech wollt eigentlech just eng Remarque maachen zu der Création de poste, Suppression de poste, wat déi zéng Emploien ubelaangt, déi zwou Fonctiounen. Ech mengen, mir sinn elo amgaangen hei e Binôme ze schafen. Dat heescht eigentlech zwou Fonctiounen an eng eran ze setzen. Dir hutt et jo gesot, do gëtt et awer eng Remunération, déi an d'Lucht geet. Dat a Form vun enger Prime d'astreinte, déi da këmmt. Kee Wonne, et gi jo och méi Responsabilitéiten. Domadder verbonne kréie se jo e ganz anert Aufgabefeld, dat dann op se zoulënkt.“

Mir waren och der Meenung an der Kommissioune, dass et wichteg ass, eng Formatioun mat de Leit ze maachen. Ech hunn eigentlech do och nach gesot, oder mir hunn als CSV och nach gesot, dass et vläicht och am Ufank wichteg wier – well mer jo awer Informatiounen un d'Leit musse bréngen –, der Bevölkerung ze soen, datt déi do elo net méi exklusiv do sinn, fir eis Protokoller ze maachen.

Mä si maachen och elo aner Saachen. Si hunn och aner Obligationen, déi se da kréien. An et wier vläicht fir am Ufank gudd, fir d'Autoritéité mat ze huelen um Niveau vun der Police vläicht. Zwei Leit ginn dann. Dass also am Ufank ee Polizist matgeet, fir dat mat ze begleeden. Fir dass och d'Leit dobausse vläicht spieren, dass elo eppes aneschters kénnt wéi dat, wat virdrun émmer de Fall war. An dat géif déi Leit selwer och am Virfeld vun deem Ganzen entlaaschten.

Fir dee Rescht si mer d'accord domadder an et ass och eng gutt Initiativ. An ech hoffen, dass d'Regierung op de Wee geet, elo endlech dat doten emol auszedroen, fir dass dat och iwverall an deene Groussstied ugeet, do, wou et gebraucht gëtt. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen. An dono d'Madame Bofferding.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Mir sinn averstan, dass Garde-champêtrén agesat ginn, fir verschidde Problemer, deene mer émmer hei zu Esch begéinen, unze goen. Mir sinn awer, wéi d'Personalkommissioune och, der Meenung, dass et hei onbedéngt wichteg ass, dass déi Leit eng adequat Formatioun kréien, wéi et och elo scho puermol gesot ginn ass. Dat ass effektiv eng Viraussetzung.“

Ech mengen, dass den Erfolleg hei zu engem gudden Deel dorunner hänkt, wéivill Fangerspëtzgefill déi Beamten hei weisen am Ëmgang mat de Leit. An d'Gewiicht däarf hei net némmen, an net zevill, op d'Repressioun geluecht ginn, mä et muss haapsächlech och op Preventioun a Berodung ausgerichtet sinn. Och wann Iwwerzeegungsarbecht déi méi laangwierig Saach ass, ass se awer och méi nohalteg. Well eng reng Repressioun wierkt normalerweis némmen esoulaang, wéi de Polizist oder an dësem Fall de Bannhiddler niewent hinne stéet. Leider hale sech jo vill Leit némmen un dat berühmtend eeleift Gebot: ‚Looss Dech net erwëschen‘. Et ginn zu dësem Thema souguer Etüden, déi bewiesen, dass bis zu 40% manner Vandalismus ze erwaarden ass, wann d'Leit fréndlech opgefuerdert ginn, eppes ze respektéieren, wéi wann hinne just mat Strofe gedroht gëtt.

Ech mengen, et wär positiv an erfolleg-versprechend fir Esch, wann déi zéng virgesinne Beamten éischter géifen no esou engem Konzept handelen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An dann nach d'Madame Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Meng Remarque gëllt dann och der Création d'emploi vun de Garde-champêtres. Et ass also net nei, dass d'Gemengen drop hiwiesen, dass eng gewësse Stroffräiheit beim Verstouss bei de Gemengereglementer hinne Problemer zoubereet. Och wa streng geholl eis Éducatioun a moralesch Virstellungen eis den néidege Bagage liwweren, fir en harmonesch Zesummeliewan téschent de Bierger ze garantéieren, sou leeft dat an der Praxis awer net émmer esou einfach of, wéi mer dat gären hätten. E ganze Koup u Gesetzer a Reglementer si Beweis genuch.“

Et ass grad gesot ginn, dass d'Preventioun wichteg ass. Preventioun am Senn vun Informatiouns- an Opklärungsarbecht. Et soll net exklusiv op Repressioun gesat ginn, mä op Preventioun an de Schoulen an och op Sensibilisierungskampagnë fir eis Bierger. Mir brauche

10. Questions de personnel

keng „Law and Order“-Zoustänn oder eng Nulltolleranzpolitik, awer Instrumen-ter. An ech mengen, dat ass de sprangende Punkt. Mir brauchen Instrumen-ter fir d’Gesetzes- a Reglementer-verstéiss können ze sanktionéieren. Dofir ass jo och d’Zesummenaarbecht mat der Police an de Geriichter wichtig.

Nu wësse mer, dass et Leit ginn, déi mengen, se géife sech an engem individuelle Rechtsraum beweegen a kéinte praktesch maachen, wat se wëllen. Sou gi baulech Ëmännerungen un den Haiser ouni Autorisation virgeholl. En Auto gëtt egal wou geparkt. Sonndes gëtt nach de Wuess geméint. An de klenge Muppes, deen duerf dann och maache wou e wëll, well schliss-lech bezilt sää. Beséutzer jo eng Hondstax. Dat provozéiert natierlech oft Onzefriddene-heet a Kaméidi téschent de Leit. Zénter Jore verlaangen d’Gemengepoliti-ker, dass se méi geziilt fir Sécherheet an Uerdnung op hirem Territoire suerge können. Duerfir gëtt scho längst diskutéiert, dass d’Agents municipaux, also d’Pecherte, zousätzlech Kompetenzen solle kréien.

Interessant ass, dass schonn 2002 sech drop gëeenegegt ginn ass, dass keng zweet Police duerf geschafe ginn. D’Haaptmis-sioun vun de Pecherte soll dra bestoen, dass si éischter preventiv wierken a bis zu engem gewësse Grad mussen och d’Recht kréien, Avertissements taxés aus-zestellen, sou wéi dat scho beim Falschparken de Fall ass.

Viru fennet Joer huet och den deemolege Generaldirekter vun der Police gesot, dass si prinzipiell d’accord wären, dass d’Pecherte méi Kompetenzen kéinte kréien, well si eben engem Personalmangel entgéint stinn a sech net émmer ém déi méi kleng Zwëschefäll kenne këmmeren. En huet awer gesot, dass d’Pecherte missen der Police énnerstallt sinn. Dat ass alles net esou eng ganz einfach Saach. Interessant ass och, dass 2006 effektiv schonn e Projet de loi deposéiert gouf, wou de Conseil d’État e relativ vernich-tenden Avis dozou ginn huet. Émmerhi goufen den Häre Frieden an Halsdorf fir Aarbecht sechs Oppositions formelles guttgeschriwwen. Dono war de Projet gestuerwen. Am Abrëll 2013 ass de Projet carrément vum Rôle erofgeholl ginn. Mä et ass scho gesot ginn, déi aktuell Regierung huet ugekënnegt, elo e Gesetzestext ze maachen. Op der Sécherheets-konferenz am vergaangene Juli, huet den zoustannege Verdeegegungsminister hei am Sall souguer nach eng Kéier ugekënnegt, dass d’Pecherte méi Kompetenzen solle kréien.

De leschte Mount, op enger Receptioun am Kader vum Mëchelsdag, sot d’Staats-

sekretärin Francine Closener, dass de Minister Kersch amgaangen ass, Proposi-tionen auszeschaffen, wat d’Kompe-tenze vun de Pecherten ugeet. An en huet och nach eng Kéier confirméiert, dass mer keng zweet Police sollte kréien, oder eng Police bis.

D’Beméiunge schéngent also do ze sinn, fir en nationale Kader ze schafen, mat enger kloren Fixéierung vun de Strofen an de Kompetenze vum Parquet an dem Buergermeeschter. E gesetzleche Kader wär schlussendlech am Sënn vun enger besserer Uerdnung an engem méi gere-gelten Zesummeliewen an eiser Gesell-schaft, well wéinst enger Minoritéit émmer nees mussen esou Moosnamen ebe leider geholl ginn.

Ech denken, et bleift spannend, wéini d’Gesetz da wäert kommen. Émmerhin, mengen ech, an dat ass richteg ze soen: Esch hëlt hei seng Verantwortung, wéi och schonn aner Gemengen dat gemaach hunn. Mir probéieren awer do e Schrëtt méi wäit ze goen.

Ech mengen, Déifférdeng huet och een oder zwee Garde-champêtres agesat, déi awer net fir d’ganz Woch déi Tâchen aus-fëllen. Déi sollen sech do ofwiesselen. Ech perséinlech fannen deen heite Projet méi interessant. An et ass gutt, dass mer op dee Wee ginn. A spannend bleift et natierlech och, ob mer elo d’Zoustërmung vum Ministère kréien. Mä da loosse mer eis iwverraschen. Op alle Fall fanne mer de Projet gutt a mir énnerstëtz-en deen. Merci.”

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Codello huet d’Wuert.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Zu der Fro vun der Remunératioun: un der Remunératioun ännert sech näisch. Et kënn just eng Prime d’astreinte fixe bäß. D’Agents municipaux hunn eng Variabel.

Duerch de Fait, datt mer se Garde-cham-pêtre nennen, kréie se eng Prime d’as-treinte fixe. Dat ass déi eenzeg Ännérung, déi sech am Fall vun der Remunératioun ännere wäert.

Formatioun: Här Zwally an och Här Bilt-gen, do sidd Der och um selwechte Wee vum Schäfferot. Mir hunn eis souguer Gedanke gemaach an den zoustännege Hygièneschäffen, mat deem dat heiten ausgeschafft ginn ass, wäert nach drop agoen. Mir kënnen eis souguer virstellen, am interne Conseil de recrutement e Ver-trieder vun der Polizei als Expert externe mat ze nennen. Deen dann och kuckt, ob déi Persounen, wéi Der et gesot hutt, d’Fangerspëtzgefill oder déi charakter-

lech Fäegkeeten hunn, fir déi Erausfuerde-rungen do kënnen unzegogen. Also mir sinn eis deene Froen do bewosst. Mat all Virléift fir d’preventiv Politik. Dat stëmmt, déi gëtt och gemaach, an déi wäert och weidergemaach ginn. Mä et ass awer op därselwechter Sécherheets-konferenz hei am Sall am Juli och eraus-komm, datt den Escher Bierger et sat huet mat deenen Incivilitéiten, déi net bestrooft ginn. An och mat alle gudde Viraussetzunge vun de Regierungsaus-soen hu mir eis zesummegesat mam Hygièneschäffen a mir hu gesot, mir mussen elo aktiv ginn. Well den Escher Bierger wëll och hei Äntwerten, an déi mussen och leider heiandsdo repressiv sinn. Well mir kënnen déi schéinste Reglementer stëmmen: wa se net émge-set an executéiert ginn, da gëtt de Bierger och rosen.

An dofir déi heite Solutioun, wou den Här Hinterscheid awer bestëmmt nach als Hygièneschäffen deen een oder aneren Détail wëll ginn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci. Ech mengen, d’Madame Boffer-ding huet eppes gesot, wat eis interpel-léiert hei am Schäfferot. De Projet de loi ass vum Rôle erofgeholl. A wann ee weess, wat d’Viraarbecht vun engem Gesetz dann ass, bis et erëm eng Kéier gestëmmt ass, mengen ech, kënnne mer net méi éiweg der Situatioun nokucken. Mir sinn hei permanent mat Incivilitéiten befaasst an eiser Stad. D’Leit sinn onze-fridden. Mir reglementéieren, mir reglementéieren eis dout. Mir motivéieren, mir maache Flyeren, mir maache Konfe-renzen, an et sinn awer émmer esou vill Prozent vun de Leit, déi sech einfach net concernéiert spieren.

An et si leider Gottes déi, déi dann awer e schlechten Image maachen an déi all déi aner Leit onzefridde maachen.

An dofir muss een awer iergendwann, mat aller Motivatioun, déi bestrofen, déi et einfach net anescht verstinn. Et ass ganz evident: mir wëllen hei keng texanesch Zoustänn, wou ee muss fäerten, wann een eng Kéier eng Zigarett op de Buedem geheit huet, dass een dono mat Handschelle flaachgeluecht gëtt. Also dat sécher net. Mir wëllen awer och kee rechtsfräie Raum méi zoulouossen, fir all déi Incivilitéiten, déi vun enger ver-schwindend klenger Minoritéit gemaach ginn.

Hei ass op verschidde Saachen higeweise ginn. Mir huelen haut eng Decisioun an domat gi mer eng Signalwierkung, dass mer eigentlech och d’Regierung indirekt dann dono nach eng Kéier motivéieren, dann déi gesetzlech Aarbecht virun ze

dreiwen. No Gespréicher, déi éischter informeller Natur mat der Police waren, kann ech just soen, dass d'Police dat do net negativ bewert an dass d'Police eis och wäert do zur Säit stoen.

Et gëtt kloer Kompetenzen haut tëschent der Police an den Agents municipaux an eigentlech och d'Verbalisatioun am rouende Verkéier maachen eis Agente fir d'Police. A wann ee weess – de Syvicol war jo och do mat dran –, wéi herno deen éischte Projet de loi zermuel ginn ass, da war et virun allem de Kompetenzsträit tëschent der Police an der Magistratur, déi dozou gefouert huet, dass mer dann do sinn, wou mer sinn.

Ech mengen, all déi Recommandatioun vu Formatioun si richteg.

Firwat hu mer och zéng Posten, wou mer 23 oder 24 Agents municipaux hunn? Ma well Basiskompetenze gebraucht ginn, fir dat do ze maachen. Ech mengen, et muss een emol d'Polizeireglement kennen. D'Polizeireglement: ech invitierie jiddwereen, et eng Kéier duerchzeliesen. Da gesäßt een, dass mer dat meescht geregelt hunn.

Et muss ee gewësse redaktionell Capacitéiten hunn, well et muss een e Procès verbal dresséieren, deen dono virugeet un d'Friddensgeriicht. Et brauch ee ganz vill Fangerspätzgefill, ass gesot ginn. Et brauch een also sozial Kompetenzen; et brauch ee psychologesch Kompetenzen.

Ech hoffen, dass et net allzu laang dauert, bis dat hei dann approuvéiert erém ass. Ech wéisst och net firwat. Well aner Gemengen hunn et jo schliisslech gemaach. Et gëtt jo juristesch keen Argument méi, fir dat doten net ze approuvéieren. Well wann et zu Déifferdeng gaang ass, zu Suessem gaang ass, zu Hesper gaang ass, an nach op e puer Plaze gaang ass, da wéisst ech gär, firwat dass et net zu Esch soll goen.

Mir maachen dat do, an da geet elo d'Detailarbecht un, fir zesumme mat de Servicer, mat de Leit dann dat ze préparéieren, fir déi intern Ausschreiwung, deen interne Recrutement. A wou mer sécher d'Police wäerte mat froen, fir do dobäi ze sinn. Well mir wëllen e partnerschaftlech Verhältnis maachen. An dann hoffe mer, dass déi Leit sech dann däneier Aufgab responsabel weisen.

Ech hat gëschter Gespréicher mat eisen Agents municipaux. Ech däerf lech versécheren, dass do e ganze Koup Leit sech motivéiert spieren, déi sech elo frustréiert spieren, wa se do duerch Esch trëppelen an all déi Incivilitéite gesinn an náischte kënne maachen. Dat ass awer e Gefill, wat mech immens motivéiert huet gëschter, dass Leit do gesot hunn, "ah, vläicht däerfe mer dann endlech och

emol eppes soen, wann een de Muppes an d'Uelzechtstrooss kacke léisst", fir et emol esou ze soen. Oder wann een aner Incivilitéite begeet.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer déi Leit a gutt motivéiert Leit fannen. A mer wäerten och d'Kollaboratioun mat der Police esou optimal gestalten, wéi et méiglech ass, an och mat eiser Hygiènekommissooun déi Démarchen a Prioritéitspläng maachen, déi noutwenneg sinn.

Ech hoffen, dass mer all dat gemeinsam droen an domat och e Signal erausginn, dass mer elo wëlle wierklech aktiv ginn, géint dat onzivilt Behuele vun enger verschwindend klenger Minoritéit, net némmen hei vun Escher, mä och vu Leit, déi net vun Esch sinn."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les transactions immobilières.

deen iwwert eng Soumission cachetée gemaach ginn ass. An ech bidden lech, deenen zwee Acten zouzestëmmen.“

Conseillers présents:

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les transactions immobilières.

12. Rapport d'activité du foyer de nuit Abrisud et Maison Michels; présentation

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächste Punkt: De Rapport d'activités, wéi all Joer, vum Foyer de nuit Abrisud. E läit lech vir. Iwwert den Historique brauch ech, mengen ech, heibannen náischt méi ze soen. Also wéi d'Entwicklung gaangen ass vum Abrisud.

Ech wéilt awer kuerz op déi verschidden Entwicklunge bei hinnen agoen. Dir wésst, datt 2013 d'Équipe socio-éducative sech opgedeelt huet an eng Équipe de jour an eng Équipe de nuit. Dést, fir können déi individuell sozial Projete méi enk ze begleeden.

An dat fänkt och un, seng Friichten ze droen. Si hunn 18 regulär Better a 4 fir d'Wanteraktioun, déi och elo gläich wäert ufänken. Am Prinzip am Dezember. Ausser et gëtt virdru vill méi kal, da fänkt déi Wanteraktioun och éischter un.

Fir 2014 hate se an dem Foyer de nuit 82,6% u Männer a 17,4% u Frae gehat, mat insgesamt 5.561 Nuechten. Wat d'Fraen ugeet, do geet d'Zuel vun den Openthalter permanent an d'Luucht an huet 2014 wierklech eng Spëtzterreecht. 2012 waren et nach 10% vun de Bewunner vum Foyer de nuit vum Abrisud. 2014 sinn et der scho 17,4% gewiescht. Wat weist, datt do wierklech déi Zuel an d'Luucht geet. Dat sinn 149 énnerschiddelech Persoune gewiescht an dem Foyer de nuit. A vun deenen 149 sinn, wéi gesot, dann 33 Frae gewiescht an 116 Männer.

Den Altersduerchschnitt vun de Leit, déi an de Foyer de nuit ginn, läit bei enger Moyenne vu 37,7 Joer. Ab 18 Joer kann een an de Foyer de nuit goen. Déi eelste

11. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu den Transactions immobilières. An Ärem Dossier läit den Acte de cession an der rue de Schiffslange vu 5 ca, deen intégréiert gëtt an den Domaine public communal.

Dann zwëschen de Konsorten Intini. Dann hu mer nach den Acte de vente vun der Résidence Nonnewisen am Lot 4N,

12. Rapport d'activité du foyer de nuit

Persoun war 72 Joer al gewiescht. An den éischte Grupp u Leit, also d'Alterstranche, déi am meeschten am Foyer de nuit vertruede sinn, sinn déi zwéischent 41 a 50 Joer. Dat waren insgesamt 42 Persounen. Dono kommen déi zwéischent der Kategorie 31 bis 40 Joer an dann déi Jonk 18 bis 25 Joer.

Dir gesitt awer an Ärem Dossier, datt véier Persounen téshent 61 a 70 Joer waren an nach esouguer eng Persoun iwwer 70, dat heescht zwéischen 71 an 80 Joer. 31 Persounen ass och eng Spëtzt 2014 gewiescht vun der Kategorie 18 bis 25 Joer. Dést ass duerch d'Ursaach bedéngt, datt déi Jonk eréischt ab 25 Joer den RMG zegutt hunn. An all Joers schwätzte mer och hei dorriwwer, datt mer mengen, datt et an Zäite wéi an dësen absolut noutwendeg wier, besonesch och wou de Jugendchômage esou héich ass, datt eigentlech den Alter vun dem RMG misst eroft gesat ginn. Well sech déi Jonk näischt kenne leeschten. Well se keng Aarbecht hunn, kenne se sech net en Zémmer leeschten, e Cafészémmer oder wéi och émmer. A bei bestëmmte Problematike musse se dann an de Foyer de nuit goen.

Mir hu 24 verschidden Nationalitéité gehat, 2014. Dovunner ware 70 Persounen Lëtzeburger, 64 kommen der aus den EU-Staaten an 13 aus engem Pays tiers. Een Drëttel vun de lëtzeburgesche Persounen am Foyer de nuit si Fraen. Och do all Joers d'Bemierung, d'Frae ginn eréischt an den Abrisud, wa guer, guer näischt méi geet. Virdrun notze se Geleeënheete bei Frënn oder versichen aneschters en Ënnerdaach ze fannen. Hei ass wierklech och émmer d'Situatioun, wa guer näischt méi geet, ier se op der Strooss schlafen, dann an den Abrisud ze goen.

Et ware par rapport zu 2013 och méi Matbewunner aus Pays frontaliers représentéiert gewiescht. 7 Persounen haten déi franséisch Nationalitéit, 5 déi däitsch an eng Persoun déi belsch Nationalitéit. 29 Persounen, deenen hir Pabeiere net an der Rei gewiescht waren. Dat heesch, déi hu keng Carte d'identité oder Pass oder Carte de séjour oder wéi och émmer gehat. An och do ginn d'Zuelen an d'Luucht.

Wat eroft, sinn d'Zuele vun de Leit, déi un der Action Hiver deelhuelen. Dat zénter dem leschte Joer, wou de Foyer d'hébergement d'urgence um Findel opgaangen ass, deen de Ministère de la Famille ageriicht huet. Deen huet eng Capacitéit vu ronn 180 Leit, wou da kënnen déi Obdachlos higoen, wa se am Wanter wëllen énnerkommen an am Abrisud keng Plaz méi ass.

Vläicht fir och kuerz drop anzegoen, vu wou kommen d'Leit, déi hei vu Lëtzebuerg kommen. Dat ass och émmer erém eng interessant Zuel. 29 Persounen waren 2012 vun Esch gewiescht. 2013 waren et der 41. Mëttlerweilen, 2014, si 47 Persounen vun Esch am Foyer de nuit gewiescht. Aus der Stad Lëtzebuerg 23. Da komme mer op déi aner Länner: dat waren der 22. An dann ass direkt och déi Spëtzt, an dee Chiffer geet och an d'Luucht, vun Déifferdeng 11, vu Suessem 7, vun Diddeleng 5, Rëmeleng 5, Péiteng 5, Käi 3, Klierf 2. An da geet et weider esou duerch d'Land. Soudatt ee mat all deene Chiffren absolut beweise kann, datt de Foyer de nuit Abrisud e regionale Foyer ass, och wann dat nach wie vor net vum Ministère de la Famille an der zoustänneger Ministesch esou gesi gëtt. Do kommen ech och nach eng Kéier ganz kuerz drop zréck wou mer dru si mat dem Foyer de nuit.

Wéi gesot, 149 Persounen si suivéiert ginn, 64 hu vun den Servicer vun den Travailleurs sociaux profitéiert an hunn och ee Projet de vie mat hire Betreier, mat den Éducatoreen ausgeschafft, fir erém an eng Aarbecht ze kommen, eng Wunneng ze fanne, respektiv allegueren aner administrativ Schrëtt ze maachen.

Vläicht nach fir drop zréckzekommen: wann 2013 15 Persounen en eegene Logement fonnt hunn, sou waren et der 5 Persounen 2014. 16 Persounen si geplënnerert an e Logement encadré; 7 sinn der fest an der Maison Michels. D'Maison Michels ass am Fong geholl een zweet Phasenhaus vun dem Abrisud. Zwou Persounen sinn an den Housing First; d'Stëmm vun der Strooss huet zwou Persounen énnerbruecht iwwert hir Servicer; d'Croix Rouge, d'Jugend- an Drogenhëlf iwwert de Service Niches, de Réseau Psy, d'Agence immobilière sociale an de Foyer d'entraide. 5 Leit sinn an e Sevrage gaangen, a 4 Persounen sinn an de Foyer Ulysse an der Stad gaangen. Zwou Persounen sinn an hir Pays d'origine zréckgaangen, well se allegueren hir Droits sociaux zréckgezu kritt haten.

D'Maison Michels ass den 1. Mäerz 2013 opgaangen. Dir wësst, datt zéng Studioen do ageriicht gi sinn. Dovunner 8 fir Eenzelpersounen an ee fir eng Koppel. 7 sinn der an deem Haus besat. 8 Persounen hunn déi lëtzeburgesch Nationalitéit, 4 déi portugiesesch an eng Persoun huet déi franséisch Nationalitéit. 5 Persounen hunn en Aarbeitskontrakt, déi an der Maison Michels sinn. 3 Persounen hu souguer ee fonnt um éischten Aarbeitsmaart. Och dat ass vläicht nach eng Kéier ze énnersträichen.

Zwou Persounen sinn an enger Réinsertion professionelle énnerkomm an eng Persoun huet geschafft als Bénévole an enger sozialer Institutioun. Déi lescht Persoun ass Student.

D'Amis vum Foyer de nuit Abrisud, wou den Här Paul Weidig de President ass, begleede weiderhin allegueren d'Aktivitéité ganz enk, a bidden och Aktivitéitéen un am sportlechen, kulturellen oder artistesche Beräich. Si hunn 2014 dräi gréisser Aktivitéitéen zesummen organiséiert. Op där enger Säit Keele spille goen, e Grillowend an dann déi traditionell Chrëschtdagsfeier d'lescht Joer an engem Restaurant.

An natierlech hunn och, wéi all Joers, d'Bénéficiairen e Bong kritt vu 60 Euro, fir sech dovunner och eppes kënnen ze kafen, wat se dréngend brauchen. Dat ass virum Wanter, wat meeschten Kleeder sinn, waarm Jacquetten oder wat den Eenzelnen och brauch.

Dést zum Rapport vun dem Foyer de nuit. Eigentlech kann ech lech näischt weider ziele wéi dat, wat ech émmer erém zielen. No véier Ministeren oder mat der véierter Ministesch sti mer do, wou mer stinn. Dat heesch, mir kommen net weider. Mir hunn e weidere Bréif geschéckt gehat un d'Ministesch, wou mer gefrot hunn, wou mer mam Projet Abrisud dru sinn. Wou jo déi definitiv Pläng scho méi laang färdege sinn a wou déi finanziell Ënnerstëtzung vum Ministère net déi ass, déi mer versprach kritt haten. Also net dee Subsid, dee mer versprach kritt haten.

Dee Bréif ass elo och schonn e puer Méint fort a mir waarde weiderhi gedëllég op eng Äntwert. Vläicht bréngt de Kleesche jo eng Äntwert. Dat zu der endloser Story Foyer de nuit.

Ech soen lech dann awer trotzdeem, datt d'Fixerstuff wäert ab Februar d'nächst Joer mam Bau ufänken. Do si mer mat allem färdeg. Déi fänken un.

Mir si gudden Hoffnung, wat den Abrisud ugeet. Et wier souwisou ze wënschen, well wann déi Containeren nach laang do stinn, da fale se vu sech aus zesummen. Mir hunn am Moment enorm vill Renovatiouns- an Entretienskäschten an deene Containeren. An ech mengen, den Här Weidig weess dat, fir se iwwerhaapt nach kënnen um Liewen ze halen, ass et ganz schwéier. Si waren ni virgesinn, fir se esou laang stoen ze loassen. Mir maachen eist Bescht, setzen déi Käschten och dran. Awer et wier Zäit, datt endlech eng Äntwert vum Ministère géif kommen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Madame Hildgen, den Här Majerus, den Här Biltgen, d'Madame Bofferding."

12. Rapport d'activité du foyer de nuit

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter, ech mengen, mir hunn allegueren hei den Dossier kritt an ech sinn iwwerzeeght, datt jiddwereen e ganz genee studéiert huet. Mä op eng magistral Manéier hutt Der en nach eng Kéier virgestallt. Mir soen lech dofir Merci. An et ass all Joer am Fong geholl e bësselchen datselwecht, wat kënnt. Ech mengen, mir ginn hei konfrontéiert mat Zuelen a mir vergiessen heiansdo, datt hannert all Zuel e mënschlecht Schicksal steet, wat guer net ze evitéieren ass.

Wat d'Nuitéiten ubelaangt vun 2014, do ware se e bësselchen eroftgaangen. Et weess een och net firwat. Ech mengen, Uersacheforschung brauche mer hei net ze maachen. Héchstwahrscheinlech war et do net grad esou kal, datt d'Leit net hu missten dohinnergoen.

Mä wat eis am Fong geholl schockéiert huet, dat huet d'Madame Buergermeeschtesch scho gesot d'énescht, dat war datt d'Zuel vun de Fraen extrem an d'Lucht gaangen ass. An do wier et interessant fir ze wëssen, firwat. Dat si praktesch vun 2007-2014 30%. Dat ass enorm.

D'Madame Buergermeeschter huet och gesot, d'Frae gi just an de Foyer, an den Abrisud, wa si absolut net méi anescht kënnen. Dat heesch, mir gesinn, datt déi sozial Konditiounen vun de Fraen émmer méi schlecht ginn. An et wier interessant fir eng Uersacheforschung ze maachen, wouhier datt dat kënnt.

Vun 2007-14 ass eigentlech eng gewësse Konstanz an den Nuitéiten ze gesinn. Dat ass 137-149. An ech sinn iwwerzeeght, datt dat bedéngt ass, well mer einfach net méi Better hunn. Mir kënne jo d'Leit net op eng Terrass setzen oder op den Dach pechen; dat geet mam beschte Wëllen net.

Ech kommen nach eng Kéier op d'Fraen zréck. Dat heesch, téschent 18 a 25 Joer, do ass d'Zuel vun de Fraen am héchsten. Also sinn et déi jonk Fraen, déi am meeschte gefährded sinn, aus iergendengem ominöse Grond, déi duerch all Rasteren, all Masche falen vun engem sozialen Netz, wat eis ze bedenke lësst. An ech mengen, do kéint een och kucken, ass et Éducatioun, ass et familiär bedéngt. Firwat kommen déi Fraen op eemol an esou eng Zwangslag, déi absolut net flott ass, dat wësse mer allegueren.

Déi Jore stoung hei am Rapport, wéivill Kanner, datt do waren. Gott sei Dank ass dat erausgeholl ginn, well d'lescht Joer huet d'Madame Buergermeeschter gesot, et gi keng Kanner an den Abrisud. Gott sei Dank, dat wier jo eng Katastroph.

Et ass och elo hei aus dem Bilan erausgeholl ginn. Dat heesch, do kënne mer och

net op gelunge Gedanke kommen, fir ze soen, firwat steet nach bei Kanner eng '0', well Kanner gi Gott sei Dank anescht opgefaast.

Wou kommen déi Leit allegueren hier? Mir gesinn, déi meescht kommen effektiv hei vun Esch. Mä op dat elo Escher Leit sinn, dat ass och nach eng gutt Fro. Ech mengen, déi Leit si vlächt iergendwéi hei ugemellt, op enger anderer Plaz, iergendwéi bei Frénn oder esou. Mä de Rescht kënnt aus dem ganze Land.

An d'Madame Buergermeeschter huet scho gesot, wann Der elo kuckt, vu wou datt déi Leit hierkommen, dat heesch dat sinn 41 Persounen, déi aus dem ganze Süde kommen. 47 sinn der reng Escher an 41 kommen duerch de ganze Süden. A wéi scho gesot ginn ass, mir sinn e Centre régional. An et muss einfach nach eng Kéier Drock gemaach ginn, fir datt dat och bei der Regierung unerkannt gëtt an déi och emol hir Responsabilitéiten huelen.

Awer datt och de ganze Süde seng Responsabilitéit hält. Well wann Der kuckt, zum Beispill, 11 vun Déifferdeng. Déifferdeng: wa si op Suessem ginn a si huelen eventuell nach déi Bascharager bái, dann hätte si schonn en Abrisud geféllt. Dat heesch, si sollen hir Responsabilitéit huelen. Si solle kucken, datt hir Leit énnerkommen an net einfach soen, gitt op Esch. Well mir erliewen émmer erém, datt Leit uewen aus dem héijen Éisléck optauchen, well iergendee gesot huet, gitt op Esch, do gëtt lech gehollef.

Mir kënnen net all Mensch ophuelen. a) ass dat e finanzielle Problem, b) ass dat e Plazproblem. Dat heesch, och am Norde kéint esou e Centre sinn. Ech denken un Ettelbréck, un Dikrech zum Beispill, déi kéinte roueg hir Responsabilitéiten huelen an net alles op Esch oflueden.

Vum neie Gebai ass geschwat ginn. Dat bedauere mir enorm. Mir hu gehofft, datt et elo awer schlisslech géif e bësse viru goen, fir datt dat neit Gebai kéint gréng Luucht kréien. An ech mengen, fir de Moment misst Dir als LSAP awer am beschte placéiert sinn, fir do nach méi Drock ze maachen, fir datt Är eege Leit d'Nécessitéit agesinn. Datt Är eege Leit géife soen, voilà, mir hëllefen lech. D'Nécessitéit ass do. Also mir kënnen do net eng Schépp noleeën, mä leet Dir da wann ech gelift der zwou no. Dir hutt jo zwou Hänn, da maacht dat.

Wat elo guer net ugeschwat ginn ass, dat ass, dass mir net genuch Plaz hunn. Elo komme ganz vill Flüchtlingen hei an d'Land. Et kommen och Flüchtlingen eran, déi net enregistréiert ginn. Wou ginn déi Leit hin, wann déi net énnerkommen an engem Foyer, déi elo kuerzfristeg opgeriicht ginn? Mir fäerten, datt

iergendwann eng Kéier och mir hei op Esch Flüchtlinge kréien, déi schwarz hei sinn an déi och net wëllen op der Strooss leien. A wou setze mer se dann hin? Mir hunn och hei keng Plaz, mam beschte Wëllen net.

Et ass och net vu Studente geschwat ginn. An der Zwëschenzäit weess ech vun engem Student, deen hei aus finanzielle Grënn keng Plaz fénnt fir énnerzekommen. Och dat kënnt vlächt – vlächt net an enger enormer Zuel – op eis duer. Datt och Studenten eng Hëllef sichen, fir e puer Nuechten énnerzekommen, bis se hir Situations regléiert hunn. Dat heesch, och dann hu mir keng Plaz méi. Also d'Zuel ass no uewen op. A mir wiere frou, wann endlech deen neien Abrisud géif gebaut ginn. A wat d'Containeren ubelaangt, Madame Buergermeeschter, hutt Der recht, ouni elo béis ze sinn, géife mer wëllen, datt se da muer zesummeafalen an da misst eng Léisung fonnt ginn. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Madame Hildgen. Den Här Majerus an dono den Här Biltgen.“

Luc Majerus (déi gréng): „Madame Buergermeeschtesch, ech wollt och opgräifen, wat hei vun lech schonn ugedeit ginn ass a vun der Madame Hildgen elo energesch weidergefouert gouf.

Ech hunn Abrisud Esch an de Google aginn a sinn dunn zufaflegerweis op d'Archive gefall vum 'Land' vum 20. Abréll 2012, wou dann dra steet: ,Es waren ernüchternde Fakten, die die Escher Sozialschöffin Vera Spautz im Februar 2012 im Gemeinderat vorlas, 5.285 Übernachtungen im Jahr 2011, das sind 5% mehr als im Vorjahr im Escher Nachtasyl Abrisud, das derzeit noch provisorisch in Containern untergebracht ist.'

Deemoools sot d'Sozialschöffin Vera Spautz och, dass Esch eng Aarbeitslossegkeet vun 18% hätt, an dass 2011 de moyenste Loyer bei 1.000 Euro loung.

Dunn den zweeten Artikel, deen och direkt opgetaucht ass, mat mengem Googen. Dat war dann erém en Archivartikel aus der Zeitung, ech mengen och vum 'Land', vum 14.3.2013, wou d'Madame Marie-Josée Jacobs, deemoleg Ministesch d'Stratégie nationale contre le sans-abrisme et l'exclusion liée au logement virgestallt huet. An dee Moment si 14 konkret Aktioune festgehalte ginn an notammt zitéieren ech, ,dass der Staat ein Haus für 60 Langzeitzobdachloser in Esch-Belval einrichten will. Im Sinne einer Dezentralisierung der Auffangstrukturen sollen weitere Notun-

12. Rapport d'activité du foyer de nuit

terkünfte in einer oder mehreren Gemeinden des Landes hinzukommen.' Dir sot elo, mir géife gedëlleeg weiderwaarden, dass mer dann do elo eng Äntwert kréien. Wann ech déi Datumme gesinn, wéini dat dote gesot ginn ass, déi provisoresh Containeren 2011, déi nach émmer provisoresh Containeren 2015 sinn, da mengen ech, dass hei Gedold net méi ubruecht wier. Hei muss intensiv en Appell un d'Regierung gemaach ginn, dass eppes ännert. Den Abrisud ass vun enger Wichtegkeet, déi net ze iwvertrefen ass. Dat ass déi viciéiest vu Cercles vicieux, wann een esou wéll, wann een ouni Pabeieren an ouni Certificats de résidence, op Wunnengssich, Aarbechtssich oder wat ee sech émmer némme ka virstelle, geet.

Déi am Abrisud, muss ech soen, maachen eng exzellent Aarbecht. Si ginn da vläit de temps à autre an iergendengem Fall e juristesche Rot. Mä stellt lech vir, Dir hutt keng Pabeieren, oder Dir kommt aus dem Prisong an Dir wéllt lech iergendwou installéieren, domiciléieren. Da brauch ee fir d'Alleréischt eng Adress an da kritt een e Certificat de résidence. Ouni de Certificat de résidence kann ee sech néierens aschreien.

Datselchwecht zielt fir d'Dokumentatioun an d'Identitéitspabeieren. Ouni Identitéitspabeieren ass ee leider administrativ verluer. Et kann ee sech net bei der Adem aschreiwen. Et kann ee sech net beim RMG aschreiwen. Et kann een näisch. Den Abrisud bitt eng duebel Hëllef. Éischtens sinn d' Assistants socialement do, déi de Leit hëllefen, Démarchen ze maache fir den RMG unzefroen, fir Assistance judiciaire unzefroen, etcetera.

An zweetens gi se de Leit eng Méiglechkeet, eng offiziell Adress ze hinn, sief et och just temporär. An iwvert déi Adress kann eng Persoun dann eréischt eng Rëtsch aner administrativ Démarché maachen.

Dofir ass et menger Meenung ganz wichteg, dass hei massiv Drock gemaach gëtt. Et ass genau esou wichteg wéi d'Schoulen a genau esou wichteg wéi eng Maison de soins. Mä dans l'immédiat ass et souguer nach méi wichteg, dass déi Leit net op der Strooss sinn an dass déi Leit net herno an en anere Cercle vicieux erautschen. Dat, well se eben déi Méiglechkeiten net hinn, déi administrativ Démarchen ze maachen.

Mir ass eppes opgefall, wat elo net ervir gehuewe ginn ass. D'Madame Hildgen sot, säit 2007-2014 wier de Pourcentage vun de Fraen 30% an d'Luucht gaang. Ech hu gemierkt, dass de Pourcentage vun den Escher téscht 2011 an 2014 èm 100% an d'Luucht gaangen ass.

Do misst ee vläicht emol eng Analys maachen, u wat dat läit. Wann 2011 25 Escher ware vun deene Leit, déi am Abrisud en Daach fonnt hu fir eng Nuecht oder fir esouguer eng méi laang Zäit, sinn et der 2014 47. An dat ass awer wierklech e Chiffer, do muss ech soen, dass dee mech angoisséiert. 100% méi iwwer zwee Joer. An do misst een da vläicht och kucken, Uersaacheforschung maachen. Well et geet net aus dem Rapport ervir, firwat dee Chiffer esou phenomenal an d'Luucht gaangen ass.

A justement an der Zäit hat d'Madame Spautz gesot, mir brauchen do Ênnerstëtzung vun anere Südgemengen. De Problem ass nach émmer deeselwechten. Mä et ass awer net, dass déi Leit, déi vun auswäerts kommen, onbedéngt vill an d'Luucht gaange wäre sätdeem. Déi si stabel. Mir sinn nach émmer effektiv e regionaalt Abrisud, mä haaptsächlech déi Escher si ganz vill an d'Luucht gaangen. An ech hu perséinlech keng Erklärung dofir. Ech hinn och keng Ahnung, wéivill de Chômage-Taux elo zu Esch ass. Ech hueulen un, dass d'Loyer net méi 1.000 Euro an der Moyenne sinn, mä héchstwahrscheinlich 1.100, 1.200. Mä dat eleng bréngt wuel d'Erklärung net, firwat deen Taux èm 100% an d'Luucht gekommen ass. Vläicht huet d'Madame Buergermeeschtesch eng Äntwert oder vläicht muss een do intern nohaken, firwat dee Chiffer esou an d'Luucht gaangen ass.

Ech soen lech Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Biltgen. An dono nach d'Madame Bofferding.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Virun allem wéll ech de Responsabele vum Abrisud an der Maison Michels Merci soe firdeen interessante Rapport. Effektiv ass dee Rapport hei e Spigel vun der sozialer Realitéit hei zu Esch an iwverhaapt hei am ganze Süde vum Land.

An da ginn et e puer Saachen, déi opfalen an déi och Grond zur Suerg sinn. Do verännert sech de Public èmmer méi. Et sinn èmmer méi Jonker, dat ass schonn e puermol och ugeschwat ginn, an och èmmer méi jonk Fraen, déi op den Abrisud müssen zréckgräifen. Vill vun hinne sinn en rupture mat hirer Famill, hu wéineg Schoulausbildung a fanne keng Wunneng zu engem abordabele Loyer. Hei gesi mer also erém, dass mir onbedéngt méi bëllege Wunnraum bei eis hei am Land an och am Süde brauchen. Dass grad Jonker net wësse wouhin, fannen ech dramatesch.

Leider ass et och esou, dass èmmer méi Frae müssen op den Abrisud zréckgräifen. Heizou kënne mir dann och am Rapport liesen, dass besonnesch d'Fraen némme kuerz Séjouren hunn, well si méi séier no anere Méiglechkeete sichen, fir net müssen am Foyer de nuit ze bleiwen. Awer leider géife se awer och hei op schlecht a virun allem entwürdegend Lésungen zréckgräifen, wéi zum Beispill sech ze prostituéieren.

Ech fannen, dass déi Zoustänn erschreckend sinn. Am Abrisud gëtt op alle Fall eng immens wichteg Aarbecht gemaach, fir all deene Leit ze hëlfen, sech erém an engem normale Liewen zurecht ze fannen.

Am Rapport gi mer jo och vun den Erfolge gewuer, déi se hei ze verbuchen hinn. Dofir wär et och immens wichteg, dass den Neibau vum Abrisud, dee schonn esou laang geplangt ass, endlech kéint realiséiert ginn. Mir si vrou, dann nach eng Kéier ze héieren, dass de Schäffer do um Ball bleift an hoffen dann, dass iergendeng Kéier déi Démarchen do vun Erfolleg gekréint wäerte sinn.

Ech wéll awer och net vergiessen, kuerz eppes zur Maison Michels ze soen, wat ech fir en immens wichtige Projet halen. Hei gëtt de Leit erméglecht, en Neufank ze maachen, erém zu engem normale Liewen ze fannen. Hei liéiere si erém Responsabilitéiten ze iwverhuelen, an engem Grupp Leit eens ze ginn. An net zulescht hu se och hei e feste Wunnsetz, dee jo esou wichteg ass, wéi mer och elo grad nach eng Kéier vum Här Majerus héieren hinn.

Immens vrou sinn ech driwwer, dass d'Maison Michels awer och an der Zwëschenzäit gutt an deem Quartier integréiert ass. Souguer Bierger, déi zum Ufank Zweifelen an Ängscht haten, wéi dee Projet ugekënnegt ginn ass, hinn an der Zwëschenzäit guer kee Problem méi mat deem Projet. Och dat weist, dass hei eng gutt Aarbecht gelesen gëtt.

Dofir zum Schluss dann nach eng Kéier e grousse Merci un all déi Équipen, déi an deenen zwee Projeten hei schaffen an eng wichteg a gutt Aarbecht maachen. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci. Madame Bofferding dann.“

Taina Bofferding (LSAP): „Als Éischt wéll ech mech uschléissen an dem ganzen Personal aus dem Abrisud an och aus der Maison Michels Merci soe fir hir gutt Aarbecht, an och deene Bénévolen, déi och eng Hand mat upaken.“

Beim Abrisud geet et net némmen dréms, eng Iwwernuechtung am Waar-

men an am Drëschenen ze hunn. Hei kommen d'Clienten, wann ee se sou wëll nennen, déi och ee Moment Rou fannen. Si fanne Sécherheet a virun allem begéine se e fréndlecht Gesicht, wat se zur Ofwiesselung emol net jugéiert oder hinne schlecht wëll. Au contraire, si fanne e wäertneutralen Encadrement vir, mat enger multidisziplinarer Équipe, déi sech ém si këmmert an hinnen déi Ênnerstëtzung gëtt, déi si dee Moment brauchen.

Wat d'Zuel vun den Iwwernuechtungen ubelaangt, do ass jo elo scho puermol festgestallt ginn, dass déi eroftaangen ass. Et ass virdrunner gesot ginn an et wäre keng Explicatiounen do ze gesinn. Wann een awer de Rapport do liest, do gëtt d'Personal selwer schonn Erklärunnen, an et ass och virdrunner gesot ginn, se hunn déi Opdeelung gemaach an der sozio-éducativer Équipe. Si hu sech aneschters organiséiert, dat sécherlech matsechbruechte huet, dass si och do konnten d'Leit aneschters encadréieren. En plus gëtt et nach déi Noutstruktur um Findel. An och an de Gemenge ginn et lénks a riets awer kleng Logementer, déi geschafe ginn.

Dat ass natierlech net esou eng rise Struktur, wéi mer se elo am Abrisud hunn, mä et sinn awer och Gemengen, déi, sief et mat der Stëmm vun der Strooss, do Logementer zur Verfügung stellen an d'Leit fir eng Zäit do énnerdaach kréien.

Zu deem Constat, dass méi Fraen den Abrisud opischen, mengen ech vläicht, dass et eng einfach Erklärung do gëtt. Well et sinn insgesamt véier Better fir Frae virgesinn. A wann ee kuckt, wéi laang déi bleiwen, bleiwen déi an der Regel just ee bis dräi Deeg. Wat natierlech dann zur Konsequenz huet, mengen ech, dass och vill méi en Déroulement dran ass, wat jo da logesch och erkläert, firwat do méi Fraen herno an der Statistik erëmzefanne sinn.

Ech weess awer net, ob ee ka soen, dass d'office méi Fraen insgesamt elo méi den Abrisud opische ginn, well mer wëssen, dass et awer meeschentens Männer sinn. Dat well émmer gesot gëtt, Fraen, déi Kanner hunn, nach probéieren, iwwert aner Moyenen Hëllef ze kréien. En plus solle jo och keng Kanner am Abrisud toleréiert ginn. A fir d'Fraen, déi a prekäre Situatiounen sinn, hu mer jo och Fraenhaiser an aner Strukturen, fir se do énnerzekréien.

Dann ass virdrunner nach gesot ginn vum Här Majerus, wat ganz richteg ass, ouni eng fix Adress ass et fir déi Leit schwéier, iwwerhaapt an de sozialen Domän eranzekommen. Dat heescht, si

hunn och dee Moment keen Usproch, kee Recht op Sozialleeschtungen. Wat awer interessant ass, ass dass mer säit 2006, mengen ech, hei am Land esou eng Kommissiou hunn, wou Vertrieder vum Ministère an och vun, mengen ech, Croix-Rouge dra vertrueden sinn. An dass déi effektiv eenzel Demanden analyséieren an dass et awer méiglech ass, dass een eng Adress an enger Institutioun ka kréien, wou eng Konventioun mam Ministère huet. An ech hat dozou och eng Question parlementaire gestallt, doarausser ass ervirgaangen, dass 2014 731 där Demanden erakomm sinn. An dovunner sinn der och 270 verlängert ginn.

Also do ass an deene leschte Joren dee Problem iwwert dee Wee probéiert ginn e bëssen ze léisen. Mä de Problem ass, dass mir émmer eng legal Basis brauchen, fir dat do ganz kloer ze trennen. Dat ass nach e grousse Problem, dee mer do hunn. Well wéi gesot, wann d'Leit keng fix Adress hunn, hu se mol scho keen Usproch op den RMG an dee ganze Rateschwanz, deen do hannendrunner hänkt, deen hinnen d'Liewen dee Moment dann nach méi schwéier méché. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci allegueren. Also och dee Punkt ass einfach wichteg ervirzehiewen. Datt déi Leit am Abrisud natierlech können do eng Domiciliatioun kréien, wa se och de Kontrakt erfëllen, wat virdrun net de Fall war. An dat ass, fir dee Cercle vicieux können opzebriechen: Adress, dann eng Aarbecht fannen, ugemellt ze sinn; dat funktionéiert iwwert den Abrisud och besser.

Ech wéilt just op eng Bemerkung zréckkommen, wat den Neibau oder den neien alen, oder alen neie Projet vun dem Abrisud ueget. D'Madame Hildgen huet gesot gehat, als LSAP hu mer Leit an der Regierung sätzen, mir sollen do intervenéieren. Ech fannen, an dat énnersträichen ech, dat doten huet iwwerhaapt náischt mat Parteipolitik ze dinn. Dat doten huet just nach mat engem klore Mënscheverstand ze dinn, vu responsabele Leit an der Regierung, egal vu wéi enger Couleur – a mir hate scho vill Couleure vu Ministere virdru gehat. Egal wéi eng Couleur se hunn, wéi eng Fuerf se hunn, solle si endlech d'Verantwortung ze iwwerhuelen.

Wa se schonn eng Gemeng hu wéi Esch, déi hir Verantwortung iwwerhëlt, wou sechs Parteien aus dem Gemengerot permanent hannert deem Projet hei stinn – sou wéi hannert der Fixerstuff –, dann huet dat náischt méi mat blo, gréng,

rout, schwaarz oder wat och émmer ze dinn. Mä dat huet eppes domadder ze dinn, déi sozial Verantwortung ze iwwerhuelen an der Regierung, an eis endlech ze énnerstëtzen, datt mir dee Foyer de nuit kënnéen maachen. Well et geet net ém eis, et geet ém Leit, déi op der Strooss sinn an déi gläich an deem Container do mam Container zesummefalen. Wou virdru scho Schwiergkeete gehat hunn, mer selwer eis engagéiert hunn. Mir bezuelen och nach Persoune selwer, déi mer net zur Verfügung gestallt kréien an deem Abrisud. Also mir hunn eis Verantwortung iwwerholl, an et stëmmt, et geet duer. All Joers schwätzte mer dovunner an endlech solle se hir Verantwortung iwwerhuelen. Onofhängeg dovunner, wéi eis Parteie sech nennen a wéi d'Ministere virdru waren. Et gëtt elo héich Zäit. Ech hunn dat elo eng Kéier misste lassginn. Ech mengen et geet duer."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Bravo!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Hei muss náischt gestëmmt ginn. Mä ech mengen, ech kéint soen, sechs Parteie fuerderen d'Ministesch op, iwwerhuelt Är Verantwortung.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

13. CIGL Esch: Budget prévisionnel 2016 du CIGL Esch asbl; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et muss náischt ofgestëmmt ginn. Ech géif dann zum nächste Punkt kommen, deen dann nämlech beweist, wat da passéiert, wa Leit a problematische Situatiounen dra sinn.

Als nächste Punkt hu mer de Budget vun dem Escher CIGL op der Dagesuerdung, wou déi Escher Gemeng och zénter Joren hir Verantwortung iwwerhëlt. De Budget prévisionnel fir 2016, deen da wäert ageschriwwen sinn elo am Budget, dee mer den nächste Mount wäerte presentéieren.

De CIGL huet mam Ministère du travail en Accord fonnt, datt se kënné fir 2016 53 Bénéficiairé méi ufroen, wéi dat elo de Fall ass. Dat verändert net enorm vill am Budget an et wäerten och keng wei-delei nei Projete kommen. Si versichen hir Projeten ze stabiliséieren, déi mer hunn. Et geet net dréms, émmer méi an émmer nei Projeten ze maachen, mä déi, déi gutt funktionéieren a wou e groussen Erfolleg do ass, ze stabiliséieren.

Dat bedeut, datt fir 2016 150 CDDen do sinn, also Leit an engem Contrat de travail à durée déterminée sinn, 40 CDlen fest da beim CIGL agestallt sinn, an 9 Apprentien. An déi 53 Leit, déi ugefrot sinn, giëtt d'Méiglechkeet dem CIGL, dovunner zéng Contrats de travail indéterminés anzestellen.

Dir wésst, op 9 Bénéficiairë giëtt et émmer een CDI, ee Betreier, dee ka mat agestallt ginn. Déi wäerte sech erëmfannten an dem Projet, dee wierklech eng Erfollegstory ass, nämlech dem Escher Geméisgaart. Do niewendrun ass e weidere Geméisgaart geplant op der Gläicht, wou am Moment amgaangen ass, Buedemanalyse gemaach ze ginn, ob den Terrain sech eegent. An et ass do méi geduecht och fir Buedemgeméis, wéi Kürbissen, Gromperen an déi Geschichten ze planzen, wou och eng grouss Nofro ass. Et ass en offene Gaart, net an den Zären, also Freilandkultur. Dir wésst, wat ech mengen. D'Gäertner wëssen, wat ech mengen. Dat ass douewe geplant.

De Projet huet wierklech en Erfolleg. Si hunn émmer hei hire Stand. Si hu Geméiskëschten, déi ee ka bestellen. An et ass och esou, datt eng ganz Rei aner Projeten niewendrun nach solle kommen. Dir wésst, de Kontrakt, dee mam Südspidol sollt gemaach ginn, mat de Maisons Relais, dat leeft ganz gutt, soudatt déi Persounen do och noutwendeg sinn, fir kënne matzeschaffen a matzehëlfen. A wéi mer och émmer gesot hunn, ass et besser, si hunn eng Beschäftigung als wéi datt se einfach Chômage kréien an dann doheem sinn.

Déi Leit sollen am neie Geméisgaart och kënne mat agestallt ginn, am Déierepark, am Beräich vum Camping, wou elo schonn Aktivitéité sinn, an dann natierlech och am Beräich vum Service à la personne, vun dem Handkesselchen, wou och émmer méi eng zunehmend Demande ass bei de Leit.

Wat och nei ass, dat ass, datt de CIGL an de Verwaltungsrot decidéiert huet, an dat kënne mer hei nëmmen énnerstëtzzen, datt hir Kontrakter vun de Persounen, déi e Contrat à durée indéterminée hunn, och dem Kollektivvertrag SAS énnerleeë wäerte sinn, fir datt déi Onglächheeten ophalen, déi bis elo do bestanen hunn. Ech erënneren do vläicht einfach drun, datt de CIGL jo och eng Maison Relais mat der Gemeng zesumme mécht, d'Heemelmaus, an datt déi Onglächheeten do sinn. Nämlech datt d'Leit an de Maisons Relais nom SAS bezuelt ginn an op anere Plazen dann net. Dat kann elo domat ausgeglach ginn.

Dann ass natierlech de Projet vum Vélo'Ok, deen och scho virgestallt gi war vum Här Hinterscheid, e grousse Projet mat anere Südgemengen zesummen. Do ass et esou, datt mer jo do och Rentréeë wäerten hunn. Dat heescht, och Gelder, déi mer kréie vun de Gemengen.

De Budget wäert da fir d'nächst Joer eng Augmentatioun vu 50.667 Euro hunn. An ech mengen, datt mer deem heite sollten zoustëmmen. Vläicht just nach dee leschte Chiffer, wat d'Escher Gemeng de Projet oder d'Projeten insgesamt vun dem CIGL kaschten. Bei engem Gesamtmontant vu ronn 8.050.000 Euro iwwerhëlt d'Gemeng ronn 660.000 Euro vun de Gesamtprojekte vum CIGL, en Invest, deen absolut wichteg an noutwendeg ass, fir datt net nach méi Leit an den Abrisud kommen. Ech mengen, do hu mer elo virdrun dovunner geschwat.

Den Här Zwally, d'Madame Hildgen. Här Zwally, w.e.gl."

André Zwally (CSV): „Merci fir d'Explicatiounen, Madame Buergermeeschter. Mir wäerten dat heiten als CSV selbstverständlich matdroen, well mer jo émmer gesot hunn, dass mer hei an der Solidaritéit bleiwen.

Ech hätt just zwou Remarquen ze maachen oder zwou Froen: Déi éischt, dat ass emol déi vun deene Leit, déi mer net placéiert kréien. Et ass émmer erëm schued, wa mer se zwee Joer bei eis hunn, an dann duerno giëtt dann eng sougenannten, ech wéll net soen 'Selektion' gemaach. Do sinn der dann, déi hunn et net gepackt, fir iergendwou bei eis virun ze bleiwen.

Dir musst onbedéngt um Ball bleiwen, dass dat och eng Begleedung giëtt, wou déi dote Leit net exklusiv am Chômage si während den nächsten zwee Joer an dann erëm eng Kéier bei eis kënnen zréckkommen. Mir schwätzen hei net vun engem CIGLbis, mä mir schwätze ganz einfach vun engem Effort, deen ee sollt maachen, entweder déi zwee Joer ausweiten op dräi Joer, an dann awer iergendwou kucken, dass mer an eng Situations erakommen, wou déi doten awer kënne garantéiert e Liewe féiere mat engem Akommes oder mat enger fester sozialer Bindung.

Déi zweet Saach ass déi vun der Delegatioun. Mir hunn elo iwwer 20 Leit, déi an engem CDI sinn, déi an deem Kontrakt vum SAS sinn. Mussen déi eng Delegatioun hunn? Et soll een awer do emol nofroen. Oder ob déi bei eis op der Gemeng an der Delegatioun sinn, oder wéi dat leeft?

(Interruption)

Neen, okay. Ech wollt dat just soen, dass mer do och Kloerheet solle kréien, dass de CIGL, och wa et eng Beschäftigungsinitiativ ass, soll dofir suergen, dass si vertratt sinn an hiren Interessen zu hirer Arbeitswelt.

Ech mengen, dat ass dat, wat ech dozou wollt soen. An deem Senn Merci och fir d'Presentatioun. Mir wäerten dat heiten och selbstverständlich matdroen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Madame Hildgen, w.e.gl.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Ech hätt just gären eng Explikatioun, wann Der déi iwwerhaapt elo scho kënnt ginn, par rapport zu deem neie Gaart, deen op der Gläicht soll entstoen, wou et jo Buedemgeméis a Blatgeméis giëtt. Mir ware kucken, wéi de Gaart opgaangen ass, an et ass fantastesch gewiescht, wat do geschafft giëtt. Ech beneide se haut nach fir déi vill Tomaten, déi se do haten.

An elo kënnt dann en neie Gaart bai. An do ass gesot ginn, dass do nach Buedemanalyse gemaach ginn. Elo soen ech awer, op der Gläicht giëtt et jo awer scho Gäärt. Dat heescht, reng theoretesch misst dat jo awer voll funktionéieren. Ech ka mer net virstellen, datt de Buedem véier Meter eriwwer e bësselchen aneschers ass.

An da géif mech och nach interesséiere fir ze wëssen, wéi grouss datt dann deen neie Gaart giëtt. An ob nach aner Infrastrukturen dobäi kommen, zum Beispill iergend ee Raum, wou déi Leit sech kënnen ophalen, wou Installations sanitaires sinn zum Beispill oder wéi dat herno ausgesäit? Ob dat Ganzt némmin e Projet ass oder ob et schonn iergendwéi sprochräif ass?

Well ech sinn iwwerzeeg, datt, och wann dat ka réalisiert ginn, dat en absoluut Erfolleg giëtt. A mir wënschen deem neie Gaart dat op jidde Fall. Merci Madame.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Jo, natierlech, op der Gläicht si scho Gäärt. Dat ass wouer. Et ginn awer nach Analyse gemaach an ech mengen, et huet och domat ze dinn, wéi eng Zort vu Geméis do kann ugebaut ginn. Also ech hu selwer emol e Gaart gehat, deen no beim Bësch war, an do hunn allegueren d'Schleeken d'Gromperen, déi do ugesat gi sinn, gefriess.

Et muss ee jo eventuell dat vun der Fiichtegkeet kucken. Och kucken, wéi d'Beschaffung vum Buedem ass, zu wat e sech eegent.

Dee Projet gëtt och hei virgestallt. Et soll do natierlech eng Zesummenaarbecht si mat de Leit vun de Gäert op der Gläicht. Well en plus ass jo do nach, erënnt lech drun, dee grouse Gemengebongert. Mir hunn e Gemengebongert do mat Uebst-beem, deen do soll mat integréiert ginn. Wann de Projet definitiv ass a wa mer déi Analysen hunn, wéi eng Zort vu Geméis kann ugebaut ginn, wäerte mer en hei och mat erabréngent. Dann nach d'Fro zur Delegatioun.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Also se gehéiert doudsécher net zu der Delegatioun vun der Gemeng, dat ass kloer.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Also et ass eng ASBL. Wa si dann intern wëlle sech eng Delegatioun ginn, dann ass dat esou. Elo komme se an den SAS eran, da wäerte se dat maa-chén. Ech mengen, et ass net un eis, elo hinnen dat ze soen. Mir hunn eis Leit souwisou alleguerent, déi am SAS sinn, duerch eis Delegatioun mat vertrueden. Si kommen elo an den SAS. Et ass eng Beschäftegungsinitiativ. Gewerkschaftler, Här Zwally, wat sot Dir? Wat mengt Der?“

André Zwally (CSV): „Doduerch, dass en CDI besteet an dass se jo awer vun eis deelweis och bezuelt ginn, respektiv och vum Staat, misst eng Kéier kloer definiéiert ginn, wat een do wëll maachen. Si kéinte sech jo awer hir Rechter huelen doranner, an da muss ee jo kucken, ob se kënnen an iergendenger Delegatioun matschaffen oder net. Oder a wat fir enger Aktivitéit, dass se kënne sech mel- len, fir gewerkschaftlech Aktivitéit ze maa-chén. Dat ass eigentlech déi Fro, déi ech wollt opwärfen an déi ee sollt klären.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kënnen lech am Moment net drop äntwerten, Här Zwally. Awer mir maachen dat dann, soubal mer do méi schlau sinn. Dir hutt recht, d'Majoritéit sinn CDDen. Mä si leien schonn no un der Grenz, mengen ech, mat hiren CDlen. Mir kommen drop zréck.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bof-ferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le budget prévisionnel.

14. Taxe relative à la mise à disposition des infrastructures sportives à l'université; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu dem Kontrakt, dee mer hu mat der Uni, wéinst eisen Infrastructures sportives, déi mer hinnen zur Verfügung stellen. Här Hinterscheid, w.egl.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Ech mengen, dat ka ganz séier fäerdeg sinn. Mir ginn elo regelméisseg vun der Uni kontaktéiert, fir kënnen eis Infrastrukturen ze notzen.“

Mir haten eng Tax vu 5 Euro pro Schüler, pro Cours, mä dat war net applicabel. Déi hate mer séngerzäit gestëmmt, wa mer Schoulens eppes zur Verfügung gestallt hunn. Hei proposéiere mer elo eng Tax vu 40 Euro par Unité d'entraînement ze stëmmen. An déi dann eben ze facturéieren. An dann ass et égal, wéivill Schüler oder wéivill Studenten dass do sinn. Et ass einfach pro Occupatioun vum Sall, dat heescht pro Unité d'entraînement.

An ech mengen, déi ass net prohibitiv, an déi huet sech och inspiréiert un deem, wat soss dorëmmert gemaach gëtt.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bof-ferding – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la taxe relative à la mise à disposition des infrastructures sportives à l'université.

15. Titre de Recette: «Sport, Spill a Spaass an Esch»; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Recetté vum Sport, Spill a Spaass an Esch, wou mer 2.000 Euro, Här Hinterscheid, kritt hunn. Wëllt Dir dat erklären?“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Jo, regelméisseg froe mer e Sponsoring a mer hunn nach ee Sponsor, deen eis regelméisseg eppes gëtt. Dat ass d'Spuerkeess, déi eis 2.000 Euro gëtt, fir dat do ze cofinanzéieren. Anerer si lues a lues ewechgefall, mä d'Spuerkeess bleibt awer do nach émmer eis trei. Dofir och e grousse Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bof-ferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le titre de Recette: «Sport, Spill a Spaass an Esch».

16. Subsides:

- a) **Subside au projet Cohabit'Age; décision**
- b) **Subsides extraordinaires; décision**

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

„Mir kommen dann zu de Subsiden. Den éischten ass e Subside extraordinaire vun 10.000 Euro, deen als Subventioun un de Projet Cohabitation geduecht ass. Dir wësst, datt am Kader vum Parcours 1,2,3 GO Social 2013, dëst vun der Escher Gemeng accordéiert gi war, fir hire Projet hei zu Esch. Mir huelen dee fir d'éischte an dann huelen ech herno déi extraordinaire. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bof-ferding – M. Daniel Codello – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le subside au projet Cohabit'Age.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

„Mir kommen zu de Subsides

extraordinaires, wou d'Amicale sportive des handicapés physiques e Subsid vu 50 Euro kritt, d'Sécurité 250, de Foyer de la Femme am Kader vum 85. Anniversaire kréien 100 Euro. De Lëtzebuerger Maarterverband wéinst diversen Aktioune 1.000 Euro, d'Association luxembourgeoise des groupes sportives pour cardiaques kritt fir hir 6. Journée du sportif cardiaque 250 Euro an d'Bouschéisser vun Esch e Subsid fir de Chauffage vum Joer 2015 vu 1.500 Euro. An ech bidden lech, deem och zouzestëmmen."

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Boffarding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve les modifications dans les commissions consultatives.

Conseillers présents:

M. Laurent Biltgen – Mme Taina Boffarding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les subsides extraordinaires.

17. Logement: relevé des contrats de bail et avenants; décision

Néant

18. Commissions consultatives; modifications; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dës Kéier leie keng Contrats de bail vir. Dofir awer e Changement an de Commissions consultatives, deen eis déi Lénk eraginn hunn. An zwar wäert den Här John Rossi den Här Ronald Mordiconi als Membre suppléant ersetzen an der Sportskommissioun. Dat ass e Vote secret.“

(Vote secret)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „An dann hunn déi gréng och e Changement, dee mer schonn ugeschwät haten, nämlech datt den Här André Gilbertz d'Presidentschaft iwwerhëlt vun der Commission de l'environnement an d'Madame Nadine Schmit remplacière wäert. Mir können déi zwou Saache matenee stëmmen. Här Sekretär, geet dat? Jo. Sidd Der d'accord domat. D'accord.“

Buergermeeschter Vera Spautz

(LSAP): „Ech kommen direkt op d'Transaktioun, déi mer am huis-clos ugeschwät haten. Dir hutt d'Konventioun virleien, d'Dokument konnte studéieren. Ginn et nach Froen? Oder kënne mer ofstëmmen?

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Et gesäßt net dono aus, Madame Buergermeeschter.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dozou, Här Weidig? Elo dozou?“

Paul Weidig (LSAP): „Bon, eng allgemeng Remarque.“

Eng Stëmm: „Dat misst am huis-clos gemaach ginn.“

Paul Weidig (LSAP): „Nee.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Här Weidig, Dir hutt d'Wuert.“

Paul Weidig (LSAP): „Jo, da maache mer e huis-clos. Mä ech mengen, en Arrangement an der Persoun ass émmer méi gënschteg, wéi eng juristesche Prozedur. Dat ass ganz kloer.

Mä dat anert wëll ech awer nach festhalen, dass awer hei hannendrun dach e gewëssenen, wéi soll ech dat ausdrécken, Feeler steet vun der Gemeng. Wa mir hei awer engem eppes refuséieren, wat jo hei geschitt ass an där Geschicht, an dass mer herno awer kuerz noginn a soen, okay, mir bezuelen awer trotzdem dat zréck, dann ass dat awer eng Situations, déi dann einfach esou vum Dësch ewechgeschobt gëtt. Well et geet hei awer ém en zolitite Betrag.

An do ass manifestement e Feeler gemaach ginn, an zwar héchstwahr-scheinlech vun eiser Sait aus. Mir refuséieren eppes, an herno gi mer no. An dorop wëll ech awer hiwiseen. Et ass eng

